

Conseillers présents:

Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen –
Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. André Hoffmann – M. Jean Huss –
M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch –
M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Véra Spautz – M. Jean Tonnar –
M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Conseillers absents et excusés:

M. André Zwally

Ordre du jour

1.	Correspondance.	page 4
2.	Budget pluriannuel 2006-2011: présentation.	4
3.	Convention avec la société CO-LABOR; décision.	27
4.	CIGL: budget 2006; décision.	27
5.	Règlement communal concernant le service de taxi; décision.	36
6.	Règlement-taxe concernant le service de taxis; décision.	36
7.	Questions de personnel; décision.	42
8.	Enseignement:	48
	8.a. nominations; décision;	
	8.b. questions du personnel; décision	
	8.c. contrats de louage de service; décision.	
9.	Subsides ordinaires: décision.	49
10.	Commissions consultatives; modification; décision.	49
11.	Contrats de bail; décision.	50
12.	Règlement de police relatif à la Fête Nationale; décision.	50
13.	Règlement de police relatif au concert Sting; décision.	50
14.	Règlement de police relatif au festival culturel «terres-rouges»; décision.	50
15.	Règlements de la circulation routière; confirmation et décision.	51
16.	Enseignement: demandes de scolarisation; décision.	51
17.	Indigénat; décision.	51

Les deux derniers points seront traités en séance secrète.



Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 2. Juni 2006

Point 1: Correspondance

Lydia Mutsch (LSAP) débute la séance en annonçant que l'ordre du jour ne contient qu'un nombre limité de points à discuter. Ceux-ci sont toutefois très importants. Le premier point concerne le budget pluriannuel.

Point 2: Budget pluriannuel 2006-2011: présentation

Avant de commencer sa présentation, Mme Mutsch souhaite expliquer la logique dans laquelle le budget pluriannuel a été élaboré. Le pluriannuel doit donner aux conseillers un aperçu de ce que sera la politique d'investissement et de financement de la commune pour les années à venir. En effet, l'oratrice estime que chaque membre du conseil communal doit connaître le programme du conseil échevinal des prochaines années. Le budget pluriannuel permettra également de vérifier si le programme de la majorité sera réalisé, ce dont Mme Mutsch ne doute pas, et si oui, sous quelle forme.

Le budget pluriannuel planifie la politique de la commune, et notamment la politique pour le travail, pour les 6 prochaines années. Il prouve également que la commune peut réaliser de grands projets tout en maintenant l'équilibre budgétaire. Le but du budget pluriannuel est de consolider les projets dans le domaine du développement urbain, notamment le développement économique et social, ainsi que de prévoir les projets nécessaires pour le futur de la ville.

Mme Mutsch renvoie ensuite les conseillers au document qui leur a été distribué et qui contient de nombreuses informations sur les principaux domaines d'investissement jusqu'en 2011. Elle souligne d'ailleurs que ce budget pluriannuel est extrêmement précis.

Mme Mutsch énumère les principaux domaines d'investissement. Le premier point concerne la revalorisation du centre-ville. Il s'agira aussi de relier harmonieusement le quartier Esch-Belval à la ville. Selon l'oratrice, il est évident qu'Esch doit se développer en direction des nouveaux quartiers, et notamment

Punkt 1: Correspondance

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dir Dammen an Dir Hären, ech géing lech proposéieren, dass mer mat eisem Ordre du jour ufänken. Deen ass zwar vun der Zuel vun de Punkten net grouss, mä et sinn awer eng Rei vu ganz wichtege Punkten dobäi. An ech wëll gärre behaupten, dass de Pluriannuel een dovunner wier.

Punkt 2: Budget pluriannuel 2006-2011: présentation

Iech mat der Presentatioun ufänken, wollt ech lech nach eng Kéier soen, a wéi enger Logik bzw. mat wéi enger Absicht dëse Pluriannuel zustane komm ass. Éischtens hu mer an eiser Schäfferotserklärung drastoen, dass mer e Gesamtiwwerbléck iwwert eis Investitiouns- a Finanzéierungspolitik vun den nächste Jore wëlle ginn. Zweetens hu mer Intérêt dodrunner, dass all Member vum Gemengerot Bescheid weess iwwer d'Ëmsetzung vun eiser Schäfferotspolitik an iwwert eise Programm vun den nächste Joren. Drëtens huet et den Avantage fir eis – an domat och fir lech – dass mer mat eise Servicer zesummen e Gesamtiwwerbléck iwwert dat hunn, wat usteet, an och ofschätze kënnen, ob mer dee Programm realiséiert kréien. A wa jo, a wéi enger Form. Ech kann lech elo scho beäntweren, dass eis dat wäert geléngen. Dat zu dem Hannergrond vun dësem Pluriannuel.

Déi lescht zwee Joer hate mer kee Pluriannuel méi. De Pluriannuel ass jo eigentlech dofir do, fir eng Gesamtplanung ze maachen. Dofir ass dat heiten dee wichtigsten, well en en Iwwerbléck iwwert déi nächst sechs Joer gëtt. Mer hunn domat och en Instrument, dat eis net nëmmen erlaabt, fir Aussoen iwwert d'Ëmsetzung vun eisem Aarbechtsprogramm ze maachen, mä dat eis och erlaabt de Beweis ze erbréngen, dass d'budgetäert Gläichgewicht garantéiert bleift bei der Ëmsetzung vun deem Aarbechtsprogramm. Eist Zil ass et, fir dee lafende Strukturwandel bei der Stadentwécklung, der Wirtschafts- a Sozialentwécklung vun Esch ze konsolidéieren a gläichzäitig déi Zukunftsprojeten unzegoen, déi fir d'Zukunft vun eiser Stad onerlässelech sinn.

Vläicht e kleng Résumé – dat ass den éischte Volet an Ärem Dokument, wat der

verdeelt kritt hutt – vun e puer vun den Haaptinvestitiounsberäicher an deenen nächste Joren. Direkt um Uschloss dorunner hutt Dir d'Tabell, wou dat am eenzelnen opgeléscht gëtt, wat en Novum ass. Esou en Detail hat e Pluriannuel bei eis nach ni. Dat heescht, de ganze Gemengerot weess, wéi e Gesamtinvest dierfir fir all eenzel Beräicher vun der Stad Esch opgeholl ginn.

Éischte Punkt, d'Opwärtung vum Stadskär an déi harmonesch Ubannung vum Universitätsstanduert a Véierel Esch/Belval un d'gewuessent Esch. Mir hunn ëmmer hei gesot, dass et wichteg ass, dass Esch sech dévélouppéiert, och a Richtung vun deenen neie Quartieren Nonnewisen a Belval. Mä et ass awer genee esou wichteg fir eis selwer, fir dat, wat als gewuesse Struktur do steet – spréich eise Stadskär an eis Quartieren – parallel dozou mat en valeur ze setzen. Zweetens, d'Neigestaltung vun der Entrée en ville, mat der Stadhausplaz an als zweet Zentrumsaxe, de Quartier Brill. Drëtens, d'Realiséiere vun engem nohaltege Wunn- an Noerhuelungsgebitt Nonnewisen. Véiertens, d'konsequent Renovéierung vun de gemengeneegene Wunnengen. Fënneftens – ouni dass déi eenzel Punkten elo absolut hierarchesch opgebaut wieren – d'systematesch Ëmsetzung vun eisem ganzheetleche Mobilitéitskonzept fir all Participanten.

Also esouwuel d'Foussgänger, wéi och d'Vélosfuerer, d'Autosfuerer an d'Benotzer vum ëffentlechen Transport. Sechstens, déi direkt Ubannung iwwert eng Passerelle vum Zentrum zum Gaalgebierg, am Kader vun der Erneuerung vun der Busgare.

Ech soen einfach elo keng Zuel méi, well ech weess schonn net méi, wat déi lescht war. Ech fueren einfach esou weider: D'Ausdehnung vum Citybusnetz op d'Escher Quartieren, déi nach net esou gutt ugebonne sinn. D'Opwärtung vun deenen eenzelne Quartieren ënnert der direkter Participatioun vun der Populatioun. Dat si Staddeeleentwécklungspläng als logesch Folleg vun eisem Gesamtstadentwécklungspläng. Sou dass et elo drëm geet, fir mat de Leit zesumme Quartiersentwécklungspläng ze maachen. Dann d'Extenssioun vun eisem Hygiene-konzept an der Équipe de proximité am erweiderten Zentrumsberäich. Dat erlaabt eis, fir parallel dozou zousätzlech Capaci-

téiten auszeweisen, fir och eis Quartieren nach méi propper ze kréien.

Dann no der Fäerdegstellung vun der Stadhausplaz, d'Neigestaltung vun eiser Brillplaz als gréng Oase matten am Zentrum. Ech mengen, dee Quartier géing ewéi keen aneren hei zu Esch verdéngen, dass mer eis elo wierklech ëm hie këmmere. Dann d'Schafung vun zousätzlech Parkraum am direkte Stadskär, duerch eng zweet Déifgarage ënnert der Brillplaz. An och en iwwersichtleche Parkleitsystem mat der konsequenter Verbesserung vun der Beschëlderung a ganz Esch.

Ech mengen, wa mer d'Atouten hunn, da solle mer och dofir suergen, dass esou wuel déi Escher, wéi och d'Visiteuren, d'A-keefer, déi bei eis an d'Stad Esch kommen, iwwersichtlech guidéiert ginn. Net nëmmen op eis Parkplazen, mä och an déi aner Infrastrukturen, déi derwäert sinn, dass ee genee weess, wou se sinn. Dann d'konsequent Schafung vun neiem an zousätzlech Schoulraum, mat Begleet- a Betreiuingsoffer. D'Nonnewisen, Jean Jaurès, Brill, Papillon, mir hunn dat am Detail opgefouert.

D'Renovatioun vum Escher Theater – doriwwe hate mer hei scho geschwat – mat engem Avant-projet. Dir wësst jo, dass eisen Theater zwar schéin ausgesäit wat d'Fassad ubelaangt a wat den Équipement bannendran ubelaangt.

Mä esoubal een e Stéck méi wäit geet – bei der Bühn fänkt et schonn un – gesi mer, dass eigentlech d'Renovatioun vum Theater, wann iwwehapt, héchstens zur Halschent ofgeschloss ass. An dass d'Kärstéck, d'Bühn, d'Technik, d'Verwaltungsraum, d'Logen an esou weider, nach ze maache bleiwen. Dann d'Instandsetzung vun der Villa Mousset. Et geet net, dass mer esou e Bijou hei zu Esch hunn an e brooch leie loossen. Dofir wëlle mer zesumme mam Stat en Aménagement vun der Villa Mousset maachen, als Lieu de rencontre à vocation culturelle.

Dann d'Participatioun um staatleche Renovéierungskonzept Musée de la Résistance. Mir wäerten an der nächster Woch eng Entrevue mam Ministère hunn, fir dat doten am Detail ze beschwätzen. Dann déi kontinuéierlech Verbesserung vun den techneschen Aarbechtsbedingungen op Barbourg.

Eis ganz Populatioun profitéiert dovunner, wa mer eis Équipement an och d'Bedingunge vun den Aarbechter, déi technesch Déngschtleeschungen assuréieren, verbessern. Eng Skatingpiste fir déi jonk Leit: eng Fuerderung net nëmme vun eise Jugendhaus an eiser Jugendkommission, mä vu ville jonke Leit hei zu Esch. D'systematesch Verbesserung vun der ëffentlecher Sportsinfrastruktur. Wou beispillsweis eis Lallenger Sportshal usteet, déi mer mussen en conformité bréngen zu de modernen Attenté vun engem Sportsliewe vun enger Stad – fir nëmmen déi Investitiounsberäicher ze nennen.

Insgesamt sinn, tëschent 2006 an 2011, Investitiounen an Héicht vu ronn 160,5 Milliounen Euro virgesinn. Mir hunn lech dann och déi ganz Tabellen, déi mer an Zesummenaarbecht mat eise Servicer a ganz ville laange Stonnen opgestallt hunn, als Kopie an desen Dossier bäigeluecht. Dës Tabellë weisen, iwwersichtlech an am Detail, d'Investitiounen am extraordinäre Budget vun de kommende Joren. Also vun 2006, wou mer den Initial jo schonn hunn, bis 2011, wat an deser Mandatsperiod dee leschte Budget wäert duerstellen.

Déi viraussichtlech ausseruerdentlech Recetten hu mer an enger Tabell, déi direkt hannendru läit, och opgefouert. Woubäi betount muss ginn, dass et sech bei deene Prozentsätz, déi mer opgefouert hunn, entweder ëm verlässlech Erfahrungswäerter handelt, oder ëm projektbezunnen Engagementer, déi mer vu Säite vum Stat hunn.

Ech féieren lech elo net am Detail duerch déi doten Tabellen. E Pluriannuel ass jo haaptsächlech och dofir geduecht, dass et en Outil de travail gëtt, fir déi Budgetsdebatten, déi am Hierscht ustinn an och fir déi vun den nächste Joren. Dofir kënn der dat eventuell an deenen nächste Méint méi am Detail consultéieren. An dann och déi eng oder déi aner Fro scho mat afléisse loossen am Hibleck op déi nächst Budgetsdebatten. Hei sinn elo d'Montants totaux vun deenen eenzelne Beräicher. Dat heescht, dee Chiffer, deen der ëmmer riets gesitt, dat ass dat, wat mer an de Joren 2006 bis 2011 an de Budget aschreiwen. Inklusiv de Budget 2006, deen der jo scho kennt. Dat heescht, do sinn zum Deel Investitiounen déi entweder ganz oder zu engem Deel schonn am Budget 2006 drastinn.

Esch-Belval et le quartier Nonnewisen. Mais en même temps il est essentiel de mettre en valeur les quartiers déjà existants.

Mme Mutsch passe ensuite au deuxième point. Il s'agit du réaménagement des entrées de la ville, et notamment de la place de l'Hôtel de Ville, ainsi que du quartier du Brill.

Le point suivant vise à réaliser la zone résidentielle et de loisirs Nonnewisen. Le budget pluriannuel prévoit également la rénovation des logements communaux et la mise en pratique systématique du concept de mobilité pour tous les participants, c'est-à-dire les piétons, les cyclistes, les automobilistes et les utilisateurs des moyens de transport publics. Il s'agira également de relier le Gaalgebierg au centre dans le cadre de la rénovation de la gare routière, d'étendre le réseau du city-bus et de revaloriser certains quartiers avec la participation des habitants. Mme Mutsch cite également l'extension du concept d'hygiène afin de rendre la ville plus propre, la fin des travaux sur la place de l'Hôtel de Ville et le réaménagement de la place du Brill en une oasis verte. L'oratrice passe ensuite à la création de places de stationnement dans le centre grâce à l'aménagement d'un deuxième garage souterrain, à la place du Brill, et à l'amélioration de la signalisation routière afin de guider les visiteurs vers les parkings et vers les infrastructures intéressantes. Le budget pluriannuel prévoit aussi la création de nouvelles salles de classe, ainsi que le recrutement de personnel d'accompagnement. Le théâtre de la ville sera rénové. En effet, bien que la façade et l'équipement du théâtre soient en bon état, Mme Mutsch estime que de nombreux travaux restent à faire. L'oratrice cite ensuite la remise en état de la villa Mousset dans le but d'en faire un lieu de rencontre à vocation culturelle, la rénovation du musée de la Résistance prévue par l'Etat et l'amélioration des conditions de travail à Barbourg. Viennent ensuite l'aménagement d'une piste de skating comme cela a été demandé par la maison des jeunes, par la commission pour la jeunesse et par de nombreux jeunes eschois, ainsi que

2. Budget pluriannuel 2006-2011

l'amélioration systématique des infrastructures sportives de la ville.

Mme Mutsch annonce que le montant total des investissements entre 2006 et 2011 s'élevé à 160,5 millions d'euros. Elle signale aux conseillers que dans le dossier qui leur a été remis figurent différents tableaux récapitulatifs concernant les recettes et les dépenses extraordinaires prévues jusqu'en 2011. Mais l'oratrice estime qu'il est inutile de trop entrer dans les détails, car le budget pluriannuel est sensé être avant tout un outil de travail pour les séances à venir. Elle précise que les chiffres cités dans le document constituent les montants qui seront inscrits dans les budgets de 2006 à 2011. Le budget pluriannuel contient donc en partie des investissements qui figurent déjà dans le budget 2006.

Mme Mutsch souhaite ensuite donner des informations plus détaillées sur les domaines d'investissement les plus importants. Le premier concerne l'éducation. Le budget prévoit l'aménagement d'une nouvelle école primaire dans le quartier Nonnewisen, l'ouverture de l'école à plein temps Jean Jaurès, l'extension de l'école de Lallange, ainsi que la réalisation du projet Ecole du Brill. Rien que pour ce dernier projet, le conseil échevinal prévoit d'investir 20 millions d'euros. L'oratrice rappelle par ailleurs que ce projet s'inscrit dans le cadre de la revalorisation de tout le quartier.

Elle passe ensuite au développement urbain. La commune investira dans la construction de nouvelles infrastructures, notamment dans le centre-ville et dans le quartier du Brill. Le conseil échevinal souhaite en revanche remettre la rénovation de la place des Remparts, de la place Grobirchen et de la place Grand-Rue à plus tard, afin d'accorder la priorité à la place du Brill. En effet, il vaut mieux réaliser les nombreux travaux dans ce quartier en même temps pour éviter que les chantiers ne s'éternisent.

Mme Mutsch passe ensuite aux investissements dans le domaine social. Le budget pluriannuel prévoit la construction de nouvelles habitations. L'oratrice précise que les prix

Dir gesitt bei eise Schoulen, dass mer en enorm héije Montant doran investéieren: mat enger neier Schoul op den Nonnewisen, mam Primaire a mam Accueil, Ganzdaagsbetreiung am Jean Jaurès, mat enger Ausdehnung vun der Lallenger Schoul, mat der Ëmsetzung vum Projet global vun der Brillschoul. Dir gesitt, dass fir dës Schoul bal 20 Milliounen Euro virgesi sinn. Wat eigentlech gutt passt bei déi Ambitioun, déi mer hunn, fir de ganze Quartier ze valoriséieren, mat der Renovation vum Theater, mat engem ënnerierdesche Parkhaus a mat der Stadhausplaz, déi mer ugefaange kréien. Dir gesitt och déi eenzel Projekte fir Accueillir a fir Ganzdaagsbetreiung. Dir hutt dann, ënnert Stidentwécklung/Urbanisme, alles wat d'Investitiounen ubelaangt an nei Infrastrukturen. Do ass och d'Voirie dobäi, de ganze Centre-Ville, an och, an engem Gesamtiwwerbléck, all déi Investitiounen, déi mer am Quartier Brill tätege wëllen.

Do kënnen mer vläicht haut scho soen, dass mer am Schäfferot der Meinung waren, dass mer déi Plazen, déi mer an eisem Concours mat dran haten, zesumme mat der Stadhausplaz, der Place des Remparts, der Place Grobirchen an d'Place Grand-rue, dass mer déi eréischt wëllen an der nächster Mandatsperiod entaméieren. An zwar fir, parallel zu den Aarbechten, déi an der Brillschoul an um Theater stattfannen, d'Brillplaz kënnen virzezéien, well dat einfach Sënn mécht. Net nëmme fir d'Leit, déi an deem Quartier wunnen, mä och aus folgender Iwwerleeung eraus, a mir hunn dat oft hei gesot am Gemengerot: wann een e Schantjen op enger Plaz huet an et stinn nach aner Schantercher un, da mécht et Sënn, fir déi Schantercher wa méiglech zesummen ofzewéckelen. Esou dass mer déi Plazen – well mer do net wollte fuddelen – lech awer pour mémoire hei opgeléicht hunn. Allerdéngs tauchen déi am Investitiounsbudget net op.

Dir hutt dann déi eenzel Stroossen opgefouert. Woubäi mer nach eng Kéier wëlle betounen, dass dëst net de Budget ass, weder dee vum Joer 2007, nach dee vun engem anere Joer, mä dass et eng Previsioun vun den Dépensé fir déi nächst Joren ass.

Dir hutt dann de ganze Volet Sozialentwécklung, wou mer virrangeg an eis Wunnengen investéieren. Dir hutt déi och op-

gefouert. De Grond, firwat mer bei enger Rei vun deene Wunnengen déi selwecht Montanten hunn – dat géllt iwweregens och fir aner Montanten, déi hei an dësem Pluriannuel opgeléicht sinn – ass, well do d'Detaildevisen zum Deel nach net do sinn. A well mer Erfahrungswärter geholl hu fir vergläichbar Projeten, fir do Montanten anzesetzen, déi awer vun der Gesamthéicht hier wäerte komplett fiabel sinn.

Dir hutt dann de ganze Volet Mobilitéit, wou mer jo eis Versprieche wëllen asetzen, dass mer de Parking résidentiel ausdehnen op d'Quartieren Hiel, Grenz an Neidierfgen. Dir hutt dann, wat ech agangs gesot hunn, wat eis wierklech um Häerz läit, dee ganze Volet Beschëlderung. Do kënnen natierlech och dobäi, dass mer fir de Citybus, do wou e gekoppelt ass un déi Quartieren, déi nei unzebanne sinn, spréchen Belval an Nonnewisen, eng Ausdehnung vum Netz wäerte virhuelen.

An de Beräicher Ëmwelt, Energie fällt ënner anerem op, dass mer weider konsequent an eis Infrastrukturen investéieren, déi ganz wichteg sinn. Dozou gehéieren och eis Infrastrukture fir Waasser an Elektresch. Et ass ëmmer interessant, parallel ze kucken – dofir hu mer déi Tabellen direkt hannendru geluecht – wéi eng Participatioun vum Stat mer bei deenen eenzelnen Infrastrukturen hunn. Ech hunn dat elo gesot, well mer opgefall ass: Renouvellement du collecteur principal, dat ass effektiv eng enorm Investitioun. Dat ass awer – den zoustännege Schäfte korrigeiert mech schonn – dee Posten, wou mer eng bedei-tend Recette vu Säite vum Stat vis-à-vis stoen hunn, nämlech 90%.

Dir hutt dann och dee ganzen Iwwerbléck iwwer dat, wat mir un eis Syndikater bezuelen. Et ass wichteg hei drop hinzeweisen, dass e ganz groussen Deel vun eisem Budget affektéiert gëtt a Syndikater, wou mer en Deel vun eiser Souverainitéit bewusst ofginn hunn. Dat well do déi Problemer besser kënnen gereegelt ginn, am Verbond mat anere Gemengen. Dat mécht ganz grouss Chiffren aus, an déi hutt der och hei opgeléicht op déi nächst Joren.

Op fällt och, dass bei deene ganzen Infrastrukturen techniques bedeiend Montante müssen opbruecht ginn, fir d'Urbanung vum Quartier Esch-Belval ze assu-

2. Budget pluriannuel 2006-2011

réieren. Do sinn tëscht véier a fënnf Milliounen Euro eleng fir d'Réier, d'technesch Infrastrukture virgesinn. Mir hunn awer iwwert d'Gesetz vum Aménagement des communes (Artikel 24) d'Méiglechkeet – a mer wäerte se och notzen, well mer eis déi doten Zort vu Cadeauen net kënnen erlaben – fir déi doten Investitioun matzeverdeelen op déi, déi herno Notznéisser vun deenen Investitiounen sinn.

Mer hunn dann de ganze Volet Verwaltung an Administratioun. Dat ass vläicht dat, wat net esou oft diskutéiert gëtt, mä dat ass awer och wichteg. Mir hunn eis engagéiert vis-à-vis vun eise Mataarbechter, dass mer d'Erneuerung vun eise Stadhaus fortféieren, nodeem mer d'Phas 1, d'Biergeramt mat engem Deel vum zweeten an drëtten Stack, scho gemaach hunn.

Mir hunn och wëlles, de Sëtzungssall hei a Stand ze setzen, mat deene Raimlechkeete vun deenen d'Conseillere kënnen matprofitéieren. Dozou gehéieren och Saachen ewéi d'Belüftung. Ech soen dat elo schonn, wann der mat Freed un d'Summerméint denkt, wa mer bei 40 Grad hei sëtzen. Also, mir wëllen och d'Arbeitskonditiounen vun de Conseillere verbessern, quitte dass mer dovun ofgesinn hunn, fir eis Maximalerwaardungen, wat d'Architektur an den Équipement ubelaangt, heiran opzeféieren. Dat géing eise Budget sprengen. A mir mengen, dass mer mat deem, wat mer elo agesat hunn, nämlech 1,1 Milliounen, d'Reschaarbechte propper an ouni ze iwwerdreiwen absolvéiere kënnen.

Dann och den Dépôt Barbourg, Atelieren, Garage, Vestiaire, Commodo, Mise en conformité, Recycling an esou weider. Dat si Saachen, déi net dankbar sinn, wou mer och kee Sou bäigeluecht kréien. Mä mir maachen dat an dat ass och richtig, dass mer dat maachen.

Dir gesitt da bei der Kultur, dass mer wëlles hunn, eisen Theater frësch ze maachen. Dat hu mer scho gesot, dat ass 2008. Eis Pavillon, déi hei opgefouert sinn, stinn am Budget 2006. Mir hunn d'Kulturfabrik hei drastoen, wou ech vläicht eng Ausféierung wëll maachen. Mer hunn d'Villa Mousset hei dra stoen, wou der och opgelëscht hutt, wat déi eenzel Investitiounsposte sinn. Mer hunn natierlech och eis Kierchen net vergiess.

Virun allem déi, wou et eis Gebailechkeete sinn a wou mer kontinuéierlech kleng Instandsetzungsarbechte wëlle maachen.

Bei der Kulturfabrik ass de Gros vun eise Engagement am ordinäre Budget. Dofir ass dee Posten hei net opgelëscht, well mer hei am Budget extraordinaire sinn. Dat heissen ass just d'Participation de la Ville un den ofschléissenden Instandsetzungsarbechten, wat de Commodo ubelaangt. Dir kënnt lech erënneren, dass mer virun dräi Joer en enorme Budget zur Verfügung gestallt hunn – dee mer op dräi Budgetjore verdeelt hunn – fir d'Mise en conformité vun der Kulturfabrik ze maachen. A wou och de Stat seng Conterpartie ginn huet.

Domat si mer um Enn ugelaangt. An ech wëll nach eng Kéier rappeléieren – well do vill falsch Informatiounen an der Ëffentlechkeet waren – dass mir de Budget vun der Kulturfabrik am Joer 2000 bis haut ëm dat Véierfacht erhéicht hunn am Ordinaire. An dass mir just leider net an der glécklecher Situatioun si wéi de Stat, deen um Enn vun engem Budgetsjoer nach kuerzfristeg iwwer seng Reserve ka Finanzspréizen an Aussicht stellen. Déi Méiglechkeet hu mir leider net.

Mir haten och keng deementspreechend Ufro vu Säite vun der Kulturfabrik do leien, well mer an deem leschte Budgetsjoer mat hinnen eng Entente fonnt haten, dass mer nach 125.000.- Euro zousätzlech am Ordinaire zur Verfügung gestallt hunn, fir dass déi zwou Persounen, déi se wollten astellen, déi just e Contrat à durée déterminée haten, konnten agestellt ginn.

Esou dass mer keng Demande vu Säite vun der Kulturfabrik do leien haten, fir am Kader vun eiser Conventioun méi wäit ze goen. Allerdéngs seet d'Conventioun awer aus, dass wann de Stat oder deen anere Partner méi an déi Conventioun investéiere kann, dass deen anere matzitt. Esou dass mer eis mam Kulturministère zesummesetzen an e Maximum un Asaz maachen, fir dass déi Suen, déi si an hire Reserven zousätzlech ausweise kënnen, eise Escher Kulturfabrik net verluer ginn.

Mir kéimen dann zum Volet Sport a Gesondheet. Déi Astandsetzungsarbechte vum Stade Emile Mayrisch féiere mer weider – obwuel se hei net opgelëscht sinn,

indiqués sont basés sur des projets comparables.

Le volet mobilité prévoit l'extension du parking résidentiel dans les quartiers Hiel, Grenz et Neudorf, l'amélioration de la signalisation routière et l'élargissement du réseau citybus.

Mme Mutsch annonce que la commune investira également dans le domaine de l'environnement.

Une partie du budget est réservée aux syndicats intercommunaux. L'oratrice signale aussi qu'un montant considérable servira à relier le quartier Esch-Belval à la ville. En effet, 5 millions d'euros sont nécessaires rien que pour l'aménagement des infrastructures techniques. Elle précise toutefois que ceux qui bénéficieront de ces infrastructures participeront au financement, comme le prévoit l'article 24 de la loi sur l'aménagement des communes.

Mme Mutsch passe ensuite au volet administration. Le conseil échevinal entend poursuivre la remise en état de l'Hôtel de Ville et notamment de la salle où se tiennent les séances du conseil communal. La commune investit donc dans l'amélioration des conditions de travail de ses conseillers. Mais ces investissements ne pourront toutefois pas dépasser les 1,1 millions d'euros.

Dans le domaine de la culture, le budget pluriannuel prévoit la rénovation du théâtre et des pavillons, ainsi que des investissements dans la villa Mousset, la Kulturfabrik et les églises. Mme Mutsch signale que le gros de l'engagement de la commune envers la Kulturfabrik se trouve dans le budget ordinaire. Elle rappelle qu'il y a quelques années un énorme budget étalé sur trois ans a été accordé pour la mise en conformité de la Kulturfabrik. Elle précise également que le budget consacré à la KUFA a été multiplié par 4 entre 2000 et 2006. L'année dernière, le conseil échevinal lui a par ailleurs accordé 125.000 euros pour le recrutement de deux employés supplémentaires. Cependant l'oratrice estime que, malheureusement, il y a une limite à ce que la commune peut investir dans la Kulturfabrik. Il s'agira donc de trouver un accord avec le ministère de la Culture, car la

2. Budget pluriannuel 2006-2011

convention entre la KUFA, la commune et le ministère prévoit que si la commune ou l'Etat augmente sa contribution, l'autre partie doit suivre. Mme Mutsch passe ensuite au volet sport et santé. Il s'agira de remettre en état le stade Emile Mayrisch. Des travaux d'amélioration de la piscine en plein air et du sauna extérieure seront également réalisés, afin d'attirer plus de visiteurs.

Le budget pluriannuel prévoit aussi le remplacement systématique des véhicules communaux de plus de 10 ans, pour un montant total de 5,3 millions d'euros.

L'oratrice passe ensuite à la question des recettes. Elle précise que les chiffres sont basés sur les budgets précédents, ainsi que sur les engagements pris par l'Etat. Elle souligne que la commune entretient de bonnes relations avec le ministère de l'Intérieur et que par conséquent les chiffres devraient être assez précis. Elle cite comme exemple la rénovation du théâtre qui coûtera 7 millions d'euros. Le budget ne prévoit aucune recette, car l'Etat ne s'est pas encore engagé à participer aux frais. Mme Mutsch ne sait pas si l'Etat a participé à la rénovation des théâtres dans la capitale. Si tel était le cas, Esch aurait aussi droit à une aide financière. Mais comme rien n'est sûr, le budget ne prévoit aucune recette afin que les chiffres soient aussi fiables que possible.

L'oratrice rappelle ensuite que le volume des investissements prévu est absolument nécessaire à cause de continues demandes pour de nouvelles infrastructures scolaires et d'accompagnement, ainsi que pour des infrastructures de loisirs.

De toute façon, Esch investit effectivement les sommes prévues dans le budget. Mme Mutsch rappelle qu'au cours du dernier mandat, 70% de ce qui était prévu a été investi. Selon l'oratrice, ce chiffre est extrêmement élevé, aussi bien au niveau communal que national. Par conséquent, elle remercie tous les services communaux dont elle se dit être fière.

En ce qui concerne les recettes prévues par le budget ordinaire, Mme Mutsch rappelle qu'il a fallu enlever 3,2 millions d'euros dans le budget

wat ech awer net verstinn, da sti se am Ordinaire, entschëllegt.

Mir wëllen och – esou wéi mer dat hei ugekënnegt hate virun e puer Joer – wéi solle mer dat soen, ech kucken op de Sportschäffen – am Zesammenhang mat eiser Schwämm, kontinuéierlech déi Nobesserungsarbechte virhuelen, déi noutwenneg sinn an enger moderner Schwämm, fir gläichbleiwend vill Visiteuren unzezéien. An dësem Fall heescht dat den Ausseberäich. Bon, dat kann ee Plage nennen, mä et geet do virun allem ëm deen Deel, wou d'Schwämm am Fräien ass. Fir do déi Surface extérieure nach e bësse besser kënnen ze aménagéieren, fir dass mer och iwwer Ligestill oder aner Saachen oder eng Terrass, déi méi breet ass, d'Tatsaach e bësse wettmaache kënnen, dass mer keng zousätzlech oppe Schwämm hei zu Esch hunn. Also musse mer vun där profitéieren, déi mer hunn. An och d'Sauna extérieure wëlle mer ausdeenen.

Dir hutt dann déi aner Saachen hei opgelëscht, déi mer maache wëllen. Bei den Acquisitioune fält virun allem op, dass mer kontinuéierlech eise Parc automobile ersetze wëllen. Do hu mer eng Richtlinn. Dat ass déi, dass mer Gefierer, déi méi al wéi zéng Joer sinn, kontinuéierlech ersetzen. Dat erkläert den héije Chiffer vu 5,3 Milliounen. Dir kënnt lech erënnere, dass mer am Budget 2006 net méi wéi eng hallef Dose Gefierer haten, well mer an den technesche Servicer aner Prioritéit geluecht hunn. An dat hei ass d'Previsioun fir déi nächst Joren.

Da kéime mer zu de Recettes extraordinaires. All déi Recettë berouen – wéi mer dat scho gesot hunn a wéi et wichteg ass ze betounen – entweder op Erfahrungswäerter oder op Engagementer vum Stat. Mir hunn eng ganz gutt Entente mat de Servicer ronderëm den Inneminister, mat deene mer kontinuéierlech a Kontakt sinn. A wou mer och kucken, dass mer keng Prévisions oder Estimations de recettes extraordinaires maachen, wou mer riskéieren, dass mer bäilafen.

Ech wëll als Beispill den Theater nennen. Dir gesitt, dass d'Investitioun an eisen Theater ganz, ganz héich ass. Dat sinn iwwer 7 Milliounen. A mir hunn en contrepartie null Prozent Recetten agesat, well mer bis dato keen Engagement

hunn, dass mir eppes bäigeluecht kréie bei eisen Theater. Mir hu bis dato och net d'Informatioun, ob eis Stater Kollegen eppes bäigeluecht kritt hu bei hiren Theater. Mä wann do eng Méiglechkeet ass a wa se op anere Plaze besteet, da besteet se och bestëmmt fir eis. Mir hunn awer, fir net ze fuddelen, och wann dee Montant eis bestëmmt arrangéiert hätt, eben des Recetten net agefügt bei eiser Estimation des recettes extraordinaires.

Mir halen och am Kader vun deem Pluriannuel, dee mer virleien hunn, un eiser Grondausso fest, dass e resolut a gläichbleiwend héijen Investitiounsvolumen onerlässlech fir déi dynamesch Zukunftsentwécklung vun eiser Stad ass a bleift. Déi verstärkten Nofro, déi mer vun alle Säite fir Wunnengen, Schoulraim, Betreuungsoffere fir Kanner a Fräizäitinfrastrukturen hunn, sinn de beschte Beweis dofir. Net duerch Zoufall sinn d'Haaptinvestitioune fir 2006 bis 2011 grad an deene Liewensberäicher ze fannen, déi de Mënschen am nächste stinn.

Erfreelech ass och d'Tatsaach, dass net nëmme all Joer regelméisseg héich Investitiounsbeträg virgesi sinn, mä dass mer och kënnen de Beweis erbréngen, dass se investéiert ginn. Am Duerchschnitt sinn an där leschter Mandatsperiode – dofir leeë mer lech och hei den Tableau de réaliséé derbäi – däitlech iwwer 70% vun deem, wat mer am Initial vun deem jeeweilige Budgetsjoer veranschlaagt haten, och tatsächlech investéiert ginn. Dëse Prozentsaz ass och am nationale, kommunale Beräich e ganz héije Prozentsaz. De Mérite läit virun allem bei eise Servicer a mir brauchen eis net ze genéieren dorobber ganz stolz ze sinn, well dat ass net näischt. Déi Tabell, déi der hei dra fannt, déi 4 Säiten „Tableau du réaliséé“, ass och an där nämlecher Logik opgedeelt, wéi déi Gesamtabell vun den ausseruerdentlechen Dépenses a Recetten, an der Gesamtlogik Schoulen, Logement, dann d'Infrastrukturen, Urbanisatioun, Circulatioun, Administration générale, Kultur, Sport an dann Infrastructures techniques, Kanalisatioun an Éclairage.

Am Zesammenhang mat de viraussichtleche Recetten am uerdentleche Budget, also am Budget ordinaire – dat ass jo ëmmer eng ganz spannend Fro fir déi kommende Haushaltsjoren – wëlle mer fir d'al-

2. Budget pluriannuel 2006-2011

leréischt drop hiweisen – mä dat wësst der hei – dass mer obligéiert waren, am Budget rectificié 2005, 3,2 Milliounen Euro erauszehuelen. Dat heescht, mir haten do eng Mindereinnahm an Héicht vun 3,2 Milliounen. Dat wäert dann och dozou féieren, dass am Kontejoer 2005 d'Usteige vun eise Recettë géigeniwwer vum Virjoer, also géigeniwwer vum Kontejoer 2004, nëmme bei knapps 2% wäert leien. Wat vill, vill ze niddereg ass, wann ee considéiert, dass d'Moyenne vun deene 15 Joer virdru bei 5,62% loung. Dat heescht, eng Abouss wéi déi dote vun 3,2 Milliounen Euro, spiere mir onheemlech. Mir kommen herno nach eng Kéier dorobber zrëck.

Obwuel d'Regierung de Gemenge verséichert huet, dass d'Recettë fir d'Gemenge vun 2006/2007 un nees klammen, an dass 2005 – fir eis an deem Fall déi Mindereinnahm vun 3,2 Milliounen Euro – just en eemolege Broch duerstellt, huet de Schäfferot déi viraussichtlech Recettes ordinaires an de kommende Joren 2007 bis 2011, ganz virsiichteg a gläichbleiwend op 5,39% geschat. Déi 5,39 sinn déi Moyenne, déi mer ausgerechent hu fir 2006, considéiert dass 2005 en eemolege Broch duerstellt a mer doriwwer eraus gläichbleiwend Recettë kënnen asetzen. Domat leie mer daitlech ënnert deem duerchschnëttleche Saz vu 5,6% vun deene Joren 92 bis 2006. Dat heescht, mir hunn dovunner ofgesinn, fir eng Projektion ze maachen, déi esou héich ass wéi déi lescht 15 Joer.

Wat der eis vläicht mat Recht kënnert soen, ass: „Mä vläicht kënnert et awer nach zu klengen Aboussen.“ Ma deem hu mer eigentlech mat deene 5,3% scho Rechnung gedroen. Mer hunn awer kee Grond fir un den Aussoe vum Statsminister ze zweiwelen, deen eis seet, dass sech d'Situatioun vun de Gemengen an deenen nächste Jore verbessert, respektiv mindestens stabiliséiert.

Bezüglech der viraussichtlecher Entwécklung vun den uerdentlechen Dépensen, huet de Schäfferot decidéiert, fir hausintern Ustrengungen ze maachen, fir bis 2011 dat vu Joer zu Joer projezéiert Usteige vun den uerdentlechen Dépensen, op 5% ze reduzéieren. Dëst, trotz deene positiven Auswierkungen op d'Gemengebudgete vun deenen nächste Joren, duerch Mesurë wéi Accords salariaux, Tripartite an Indextranchen, déi zu ënnerschiddleche

Perioden erfalen. A wat mir onheemlech positiv spieren, wat dee Budget ubelaangt, dee mer affektéiere mussen, fir déi Dépensë kënnen ze tätegen.

Dir wësst, dass de Stat en ähnlechen Exercice gemaach huet a gesot huet, e wéilt an den nächste Joren erofgoen op bis zu 4% Uwuesse vu sengen uerdentlechen Dépensë vun engem Budgetsjoer zum aneren. Bei eis ass et esou, dass mir eis lues a lues ënnert dat Mooss appendele wëllen, wat mer als Erfahrungswäert vun deene leschte 15 Joer haten. Do waren et eppes iwwer 5,5%. A mir wëllen op 5% erofkommen.

Mir sinn um gudde Wee, kënnen mer lech soen. Eleng duerch déi Mesuren, déi mer hei hausintern geholl hunn. Zum Beispill a Saachen Iwwerstonnen, wou eise Personalschäffen eng formidabel Entente fonnt huet mat eise Servicer a mat de Personaldelegatiounen. Doduerch si mer elo scho gutt lancéiert, fir bei engem Deel vun deene Saachen, och bei esou Gewunnechten, déi mer eis net méi kënnen erlaben an der Zukunft, zu enger Verbesserung vun eiser Situatioun ze kommen. Domat läit déi viraussichtlech Steigerungsrat fir déi nächste Joren, also fir de Pluriannuel – iwwert dee mer jo haut schwätzen – bei 5,14% a läit domat daitlech ënnert dem Duerchschnëtt vun 1992 bis 2006 (5,25%). Mir hunn lech dat an enger iwwersiichtlecher Tabell nach eng Kéier opgefouert.

Mir hunn d'Reduction unique vun der Dotatioun 2005 vun 3,2 Milliounen aflësse gelooss. Dat dierfe mer net net maachen, a mir hunn dann déi virsiichteg Schätzung vun den uerdentleche Recettë vu 5,39%, vun engem Budgetsjoer zum aneren.

Mir hunn dann op der rietser Säit Dépenses ordinaires. Mir beweegen eis do am Scénario Etat de la nation, also déi Ukënnegung, déi de Statsminister gemaach huet. An och mat deene Piëcen, déi mer dann après coup och kritt hunn, wat den Index ubelaangt. An dann och d'Accords salariaux an déi Efforts de réduction dépenses, déi mir hausintern maachen, a wou et net verbueden ass, nach méi wäit ze goen, wéi dat, wat mer hei aschreiwelen. Mä et muss een um Teppesch bleiwelen. Mir hunn eis un déi 5% gehalten, déi mir am Schäfferot als realistesch ageschätzt hunn.

rectifié 2005. De ce fait, l'augmentation des recettes en 2005 par rapport à l'année précédente n'a été que de 2%. Elle a donc été nettement inférieure aux 5,62% de moyenne sur les 15 années précédentes. L'Etat a promis que les recettes communales augmenteraient de nouveau à partir de 2006/2007. C'est pourquoi le conseil échevinal prévoit une augmentation des recettes pour 2006 de 5,39%. Ce chiffre est inférieur aux 5,6%, car bien que, selon Mme Mutsch, il n'y ait pas de raison de douter de la parole du Premier ministre, il faut malgré tout demeurer prudents et prévoir d'éventuelles pertes.

En ce qui concerne le développement des dépenses ordinaires, le conseil échevinal entend faire des efforts pour réduire à 5% l'augmentation des dépenses jusqu'à 2011. Ce chiffre est nettement inférieur aux 5,5% de moyenne sur les 15 dernières années. Mme Mutsch explique que cette décision prudente a été prise bien que diverses mesures, comme les accords salariaux, auront des conséquences positives sur le budget de la commune. Elle annonce que la commune est sur la bonne voie pour atteindre cet objectif grâce par exemple à l'accord entre l'échevin responsable du personnel et la délégation du personnel concernant la réduction des heures supplémentaires. Elle signale par ailleurs aux conseillers qu'un tableau résumant les recettes et les dépenses ordinaires est fourni dans le dossier.

Mme Mutsch rappelle que le but de la documentation distribuée est d'assurer un maximum de transparence et de fournir un maximum d'informations aux conseillers, afin qu'ils soient préparés à la présentation du budget en automne. Qui plus est, le budget pluriannuel fournit une estimation de ce que seront les recettes et les dépenses de la commune jusqu'en 2011, comme cela a été réclamé par toutes les fractions.

L'oratrice annonce ensuite que d'après les estimations, même un emprunt de 39 millions d'euros ne remettrait pas en cause l'équilibre budgétaire. Et de toute façon, com-

me 70% des dépenses se retrouvent dans le bilan des réalisations, elle peut affirmer que si les investissements restent au niveau prévu, la commune pourra limiter les emprunts dans les 6 années à venir. En d'autres termes, si on inclut les annuités et les emprunts déjà existants, la part de dettes dans les recettes ordinaires dépasse à peine les 3%. Ce chiffre est très nettement inférieur aux recommandations de l'État. Par conséquent, Mme Mutsch estime que la situation financière de la commune est solide, même si des revers comme la diminution de la dotation en 2005, ne sont jamais totalement à exclure.

Elle signale ensuite aux conseillers que la documentation qui leur a été remise contient en annexe un résumé du budget initial 2006, ainsi que le budget rectifié et le compte provisoire 2005. Elle ajoute que les comptes de cette année ne sont pas disponibles, car le service qui s'occupe du contrôle a pris du retard.

Pour terminer, Mme Mutsch remercie au nom du conseil échevinal Mme Solange Ecker qui a abattu un travail énorme avec son service de comptabilité afin de réaliser un document extrêmement précis et détaillé et qui servira de base à l'élaboration des prochains budgets.

Aly Jaerling (Indépendant) remercie à son tour les services à l'origine de l'élaboration du budget pluriannuel. Il regrette cependant que la présentation et la discussion du budget aient eu lieu aussi rapidement, car les conseillers n'ont pas eu le temps de l'étudier en détail. Toutefois, M. Jaerling a quelques remarques à faire. Il constate que le budget prévoit 160 millions d'euros de dépenses contre 73 millions d'euros de recettes. La commune devra donc trouver 16,5 millions d'euros par an. M. Jaerling se demande d'où proviendra cet argent. Il craint que la seule solution ne soit une nouvelle augmentation des taxes, qui s'ajouterait à l'augmentation de 6 millions qui a eu lieu cette année. Bien entendu, les recettes proviendront aussi de la dotation de l'État et de la taxe professionnelle.

Fir dem Gemengerot – an och dat hate mer an der Introduktioun scho gesot – an héchstméiglecher Transparenz wichteg Informatiounen zur Virbereedung op den Hierscht, wa mer eise Budget presentéieren, ze ginn a gläichzäiteng eng, wann och nëmme provisoiresch, Previsioun op déi kommend Budgetsjoren ze erméiglechen, gouf an dësem Dokument – dat war och eng Fuerderung vun alle Fraktiounen an där leschter Mandatsperiod – en détailléierte Finanzéierungsplang bäigefügt. Also net just eng Zuel dohigeschriwwen, mä och gewisen, wéi een zu där Zuel kënnt.

Aus där geschätzter Recetten- an Dépensesituatioun geet ervir, dass esouguer bei engem maximalen Emprunt, dee mer kéinten huelen (39 Milliounen Euro), de budgetairen Equiliber net a Fro gestallt wier. Well gewosst ass, dass sech duerch schnëttlech 70% vun deene veranschlagten Dépensen an der Realiséierungsbilanz erëmfannen, kënne mer elo schonn d'Behauptung opstellen, dass mer bei gläichbleiwend héijer Investitiounstätigkeit, déi noutwenneg Emprunten och an der zukünftiger oder ugelafener Mandatsperiod vu 6 Joer, op e vertriebart Mooss limitéiere kënnen.

Am Kloertext bedeit dat, dass ënner Abzëiung vun deene scho bestoenden Annuitéiten a lafenden Emprunten, déi zum Deel 2011, 2012, 2013 ofgeschloss sinn – da kréie mer nach eng aner Situatioun, da musse mer eis nees nei positionéieren, zu eise Gonschten an deem Fall – den Undeel vun de Scholden un eisen uerdentleche Gesamtrecetten, wéi an der Vergaangenheet bei knapps iwwer 3% wäert leien. An dat ass ganz wichteg: vun deem vum Ministère recommandéierte Maximalundeel – do brauch ech elo de fréiere Schäfte Snel, well deen hat dee Montant hei genannt, a mir waren eis net méi sécher ob et 15 oder 20% waren, do fir wollte mer dat nach eng Kéier froen – op alle Fall leie mer nach wäit ënnert deem recommandéierte Maximalundeel, deen de Ministère de Gemenge mat op de Wee gëtt.

Et soll ee sech net an eng Situatioun erabeginn, wou d'Scholden, respektiv d'Annuitéiten – wann ech Annuitéite soen, da schwätzen ech esouwuel vun den Intérëten, wéi och vum Amortissement, dat ass also alles mat dran – de bestëmmtene Prozentsaz iwwerschreiden. An dee Pro-

zentsaz ass e Villfacht vun deem, wat mir mat eisen 3% hunn. Domat bleift eis finanziell Gesamtlag, ob een et wëll oder net, weiderhi stabil. Obschonns mer bestätege mussen, dass Réckschléi, wéi déi Mindereinnahmen an der Dotatioun 2005, eis all kéiers viru praktesch oniwirwindlech Hürde setzen. An zu ganz villen onnéidegen Diskussiounen am Public an hei am Haus féieren. Déi fir eis, wann iwwerhaapt, nëmme de Virdeel kënnen hunn, dass mir eist eegent Schaffen a Plange kontinuéierlech, kritesch iwwerpräiwen, fir – falls dat noutwenneg ass – Upassungen en cours de route virzehuelen.

Dir hutt dee Plan de financement virunlech leien. Dir gesitt dann och all déi Chifferen, déi mer am Text opgestallt hunn, erëm. An och déi eenzel Tabellen, wou een ëmmer muss soen, dass dat Moyennen an Estimatiounen sinn. Well vläicht e puer vun lech de Budget net gehalten hunn, oder och vläicht keng Loscht hunn en am Detail ze consultéieren, hu mer de Budget initial 2006, de Budget rectifié an de Compte provisoire 2005 am Résumé als Annex nach eng Kéier bäigefügt.

Mir hunn d'Konten dëst Joer nach net, well dee Service, deen de Contrôle mécht, dës Aarbechten, duerch d'Krankheet vun enger haaptconcernéierter Persoun, leider net an deem nammlechten Zäitraum wéi an der Vergaangenheet ofwéckele konnt. Mir wëllen awer hei soen, dass dat eng exzellent Zesummenaarbecht ass. An dass mir zwar wuel all kéiers den OK kréie fir eis Konten, awer och all kéiers ganz wichteg an hëllefriich Hiweiser kréien, déi eis an der Gestion budgétaire hëllefriich sinn. An déi vläicht och dozou gefouert hunn, dass mer an der Vergaangenheet nach ni e Budget vum Intérieur zrëck kritt hunn mat Hiweiser, iergendwelch vun eise Recetten oder Dépenses wieren net richtig agesat.

Ofschlëssend bleift vu menger Säit aus e Merci, wou de Schäfferot dës Kéier wëllt iwwer d'Madame Solange Ecker, déi eng enorm Aarbecht mat hirem Service comptabilité an och mat der Recette zesumme getäteg huet, all d'Servicer abezéien, well esou en détailléierte Pluriannuel wéi dës Kéier hate mer nach ni. Dat huet zwee Avantagen, wann net méi. Éischtens, den Avantage dass mir elo wierkelech alles um Dësch leien hunn.

Zweetens, dass mir eis erwaarden, dass mer eis, bei der Opstellung vun de Budgeten an de nächste Joren, ëmmer hei kënnen drop bezéien. An och dass mer eis Servicer, déi e Maximum u Contribution gemaach hu fir dëse Budget, ëmmer kënnen op dëse Pluriannuel hiweisen. An och dass mer fir d'Opstelle vun de Budgeten op déi nämmelecht gutt Zesummenaarbecht zielen. Domat soen ech Merci fir d'Nolauschteren. De Schäfferot seet dann, dass d'Diskussioun op ass. Den Här Jaerling fänkt un.

Aly Jaerling (Indépendant): Ech wollt zwar d'Hierarchie anhalen, mä bon, well déi och net méi wësse wéi ech, fänken ech alt un. Madame Buergermeeschter, och vu menger Säit aus Merci un d'Servicer. Ech mengen et ass kloer, dass et net einfach ass, esou en Dokument...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Entschëllegt, anscheinend wier d'Hierarchie agehale gewiescht, wann ech richteg gekuckt hätt. Mä fuert einfach virun, Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Här Maroldt, wann ech fäerdeg sinn, braucht Dir näischt méi ze soen.

Bon, Madame Buergermeeschter, et freet mech fir Ären Enthousiasmus an – wéi soll ech dat elo soen – Äre Schwonk, fir deen der jo bekannt sidd, an dass Der sot, dass dat, wat Der elo hei presentéiert hutt, der do keng Angscht hutt, dass dat net machbar ass.

Nodeem dass ech eng Kéier duerch dat Dokument gebliedert hunn, kann ech net méi wéi e puer éischt Iwwerleeungen doriwwer maachen. Ech hätt léiwer gehat, wa mer dat haut presentéiert kritt hätten a vläicht an enger nächster Sitzung diskutéiert hätten. Dann hätte mer méi Zäit gehat, fir dat Ganzt eng Kéier am Detail ze duerchkucken.

Mä wann Der sot: „Wa mer 160 Milliounen Dépensen hunn a fënnf Joer, a mer kréien 73 Milliounen Recetten, dat ass eng Moyenne vu 16,5 Millioun d'Joer“, da froen ech mech awer, wou mer de Rescht hierhuelen. An da bleiwen net... Här Codello, wann der de Kapp wéi hutt, da gitt bis aus un d'Loft!

Et gëtt jo net vill Méiglechkeeten, wou een an enger Gemeng Suen hierhuele kann.

Dat sinn Taxen. D'Taxen erhéijen, ech mengen do hutt der jo dëst Joer scho genuch Efforte gemaach, andeem dass der elo an dësem Joer de Leit 6 Milliounen weider wëllt un Taxen ofknäppen. Da komme Recetten u Gewerbesteier oder iwwert den Dotationsfong. Woubäi d'Recetten iwwert den Dotationsfong am Fong kloer definiert sinn. Déi leie méi oder wéineger fest. Dat heescht, dat sinn am Fong Chifferen, déi mer net brauchen ze kommentéieren.

D'Gewerbesteier: do stellt ee sech awer eng Rei Froen, ob do méi Recetten erakommen. Dat wäert eis d'Zukunft weisen. An och vun de Säite vum Stat gesäit et net esou aus, wéi wann d'Gemenge spéider besser géifen ewech kommen.

Esou wéi Dir dat hei behaupt, ass dat e Wonschdenken. Mä ech géif awer mengen, d'Finanzpolitik vun enger Gemeng ass kee Wonschkonzert. Do muss ee mat kloer Chifferen operéieren.

Da sot Der, Dir hätt nach eng Empruntscapacitéit vu 37 Milliounen. Da feelen nach ëmmer – wann ech da rechnen – bal 40 Milliounen, déi mussen iwwert aner Weeër opbruecht ginn, wann der elo géift higoen an déi 37 Milliounen Empruntscapacitéit géift gebrauchen. Mä ech hoffe jo, dass mer dat awer net maachen, well da si mer jo awer wierklech um Enn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dat brauche mer net!

Aly Jaerling (Indépendant): Also kënnt der dee Moyen net voll ausschöpfen. Och déi Ukënnegung, dass elo eng Rei Empruntë laangfristeg, 2012, 2013 auslafen, hëlleft eis an deenen nächste fënnf Joer net allzevill. Esou dass, wéi gesot, awer méi Erklärungsbedarf do ass, wéi Der dat do wëllt iwwert d'Ronne bréngen. Do kann een u sech nëmme Joer pro Joer kucken, wat machbar ass a wat net machbar ass. An dat hei ass am Fong, géif ech éischter soen, eng Visioun, wat ee well maachen. Mä et ass awer näischt Gräifbares dran an deem ganzen Dokument, wou ee sech wierklech kann drop beruffen, dass et awer och machbar ass.

Da steet an deem Dokument, dass alt erëm fir 20 Milliounen Terraine verkauf ginn. Esou dass ech elo unhuelen, dass mer geschwë keen Terrain méi wäerten hunn. Ech hoffe jo nëmme, dass der

Malheureusement, il est toujours difficile de prévoir les recettes provenant de cette dernière. C'est pour quoi M. Jaerling estime que Mme Mutsch prend ses désirs pour des réalités.

Or la politique financière d'une commune doit être faite de chiffres précis et non de désirs. En effet, même si on ajoute aux recettes les 37 millions d'euros d'emprunt dont Mme Mutsch a parlé, il resterait toujours à trouver 40 millions. Qui plus est, emprunter une telle somme serait dangereux.

Lydia Mutsch (LSAP) réplique qu'il ne sera pas nécessaire d'emprunter cette somme.

Aly Jaerling (Indépendant) estime que Mme Mutsch doit quand même fournir des explications supplémentaires, d'autant plus que beaucoup d'emprunts déjà existants ne seront pas remboursés avant 2012 ou 2013. Il ajoute que le budget pluriannuel n'est qu'une vision de ce que le conseil échevinal souhaite réaliser, mais qu'il ne contient rien de concret. C'est pourquoi il est plus efficace de voir une année après l'autre ce qui est réalisable.

M. Jaerling passe ensuite à la vente de terrains pour une valeur de 20 millions d'euros. Il craint que bientôt il ne restera plus aucun terrain à la commune. C'est pourquoi il pense qu'il faudrait trouver d'autres voies, comme les baux emphytéotiques.

L'orateur signale que les 2,4 millions que FEDER devait verser à la commune pour l'assainissement de la vieille ville se trouvaient dans le budget 2006 et sont déjà rentrés.

Il passe ensuite à la construction de 3 maisons témoins pour 1,3 millions d'euros. Or il n'est nulle part question du prix du terrain.

Lydia Mutsch (LSAP) intervient.

Aly Jaerling (Indépendant) réplique que les terrains doivent pourtant bien avoir un prix.

Lydia Mutsch (LSAP) explique qu'ils font partie des terrains que la commune veut vendre et qu'ils engendreront donc des recettes.

Aly Jaerling (Indépendant) constate cependant que vouloir construire 3 maisons pour 1,3 millions d'euros est illusoire.

Lydia Mutsch (LSAP) lui rappelle qu'il s'agit de maisons témoins.

Aly Jaerling (Indépendant) réplique que même les maisons témoins ont un prix. Compte tenu du plan qui a été présenté et compte tenu des prix que demandent les entreprises de construction, il ne voit pas comment 1,3 millions d'euros pourraient suffire.

L'orateur passe ensuite à la question de la réduction des dépenses administratives. Il estime que si on calcule cette réduction en pourcentages, les chiffres manqueront de précision, car si les recettes augmentent, le taux de pourcentage des dépenses baisse automatiquement. Qui plus est, M. Jaerling soulèverait des précisions supplémentaires sur comment Mme Mutsch compte réduire ces dépenses. Il se demande si elle aura recours à un audit, si elle s'en tiendra à ce qui est prévu dans la réforme administrative ou si elle se base sur l'index, qui entraînera une diminution à court terme des dépenses.

M. Jaerling estime qu'il faut attendre le premier budget 2007 pour avoir des informations supplémentaires. En effet, à ce moment-là on saura à combien se chiffreront les recettes provenant de la taxe professionnelle et la dotation. Il faudra également voir si les communes parviendront à conserver leur autonomie. Selon l'orateur, la réalisation des projets prévus dépendra essentiellement de ces trois facteurs.

Pour conclure, il regrette que le budget ne prévoie pas plus de dépenses dans le domaine social.

Lydia Mutsch (LSAP) réplique qu'une grande partie du budget ordinaire est consacrée à ce domaine.

Aly Jaerling (Indépendant) estime cependant que des dépenses supplémentaires devraient être prévues dans le budget extraordinaire. Or il n'est question que de la maison d'abri. Il constate que le libéralisme

awer d'Gemengenhäuser behält, dass dat eis wéinstens am Endeffekt nach gehéiert. Net dass mer och nach hei musse loune kommen.

Mä ech stelle mer awer eng Rei Froen: dass mer awer och eng Kéier musse versichen, aner Weeër ze goen, déi jo awer och schonn an der Landesplanung virgesi sinn. Zum Beispill méi op Bails emphythéotiques zréckzegräifen, anstatt déi Terrainen, déi der Gemeng gehéieren, esou einfach ze verkafen. Wat natierlech bei de Bails emphythéotiques och eng Rei Problemer opwäerft, mä déi awer kënne geléist ginn.

Da stinn do nach 2,4 Milliounen vun der FEDER fir d'Sanéierung vun der Alstad. Ech sinn awer der Meenung, dass mer déi Sue schonn zum Deel kritt hunn, also schonn zum Deel am Budget hunn. Dat heescht am Budget vun 2006 stinn déi awer schonn dran?

(Intervention de Madame Mutsch – micro éteint)

Aly Jaerling (Indépendant): Jo, voilà. Ech well soen, dass déi souwisou schonn zum Deel virgesi waren. Wat mer nach opgefall ass, dat sinn déi Maisons témoins. Do steet 1,3 Milliounen fir d'Constructioun fir déi 3 Haiser. Et steet awer kee Präis vum Terrain derbäi. Dir kennt jo awer net Haiser bauen, ouni dass der an d'Estimatioun wat déi Haiser kaschten... do muss jo awer och de Präis vum Terrain mat drasin...

(Intervention de Madame Mutsch – micro éteint)

Aly Jaerling (Indépendant): Jo, mä en huet jo awer eng Valeur. Herno am Verkaf, verkaaft der jo net d'Haus, an der rechent jo net de Wäert vum Terrain dodran.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Neen, Dir hutt éineschters gesot, mir hätten dee Poste vum Verkaf iwwerschat. Dat sinn notamment Terrainen vun deenen doten Haiser. Dat sinn notamment Saache wéi déi doten, wouwéint mer eng Recette agesat hunn. Mir verkaafen déi jo.

Aly Jaerling (Indépendant): Gutt, elo emol eng Konstatatioun: fir dräi Haiser 1,3 Milliounen. Dat ass hautdesdaags eng

Illusioun. Bon, Dir hutt vläicht e gudden Architekt...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dat si jo d'Maisons témoins, Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Naja, vu Maisons témoins schwätzt der hei, mä déi kaschte jo awer. Ech well just soen: wann een haut de Bauindex kuckt an et kuckt een, wat et kascht – a mer hu jo awer de Projet gesinn, wéi der déi Haiser wëllt bauen... Bon, ech hoffen, dass et klappt. Mä ech hunn do och meng Bedenken.

Dann hutt der nach d'Reduktioun vun den Dépensen ugedeit, wat elo d'Administratioun hei ubelaangt. Wann een do mat Prozenter fiert, ass dat ëmmer esou eng vague Saach. Well wat ee méi Recetten huet, wat jo awer och dann de Prozentsaz méi erofgeet vun den Dépensen. Besseresch bei de Personalkäschten. Also, wëllt der dann elo effektiv en Audit maachen, oder wëllt der dann elo viru fuere mat där interner Reorganisatioun, esou wéi se am Fong vun der Reforme administrative ugekënnegt ginn ass? Ass dat iwwert dee Wee, wou der dat wëllt maachen? Oder gëtt do en neit Instrument agesat? Oder wëllt der do nei Weeër goen, oder wéi wëllt der d'Reduktioun vun den Dépensen maachen? Oder berufft der lech einfach nëmmen dorop, dass elo den Index zréckgesat gëtt, dass eng Indexbranche net kënnt? Domadder kritt der schonn eng Reduktioun vun den Dépensen, kuerzfristeg gesinn, mä spéider kommen der jo awer derbäi. Dat heescht, do bräichte mer awer och nach e puer Erklärungen, wéi der iwwert dee Wee, iwwert d'Reduktioun vun den Dépensen hei nach wëllt eng Rei Aspue- runge maachen.

Ech géif mengen, dat ass dat, wat ech elo op deen éischte Bléck iwwert dee pluriannuelle Budget ze soen hunn. Ech si jo iwwerzeegt, dass mer d'nächst Joer scho wäerten eng éischt Approche kréien, wat dann elo effektiv – nodeem dass et kloer ass, wat mer vum Stat u Recettë kréien – iwwert d'Gewerbesteier erakréien. A wat den Impakt ass vun deem neie Käschten- deckungsprinzip bei den Taxen. Esou dass ech géif soen, dass mer elo deen éischte Budget 2007 mussen ofwaarden. Wou mer dann emol schonn an enger

éischter Approche gesinn, wéi et ka goen. An da kann een am Fong och eréischt soen, ob dat esou op déi nächst fënnef Joer iwwerdrobar ass. Et hänkt natierlech alles vun de Recetten of, wat d'Gewerbsteier ubelaangt. A wéi de Stat an Zukunft wëll d'Gemenge weider ënnerstëtzen.

Et hänkt natierlech och dovun of, ob déi Wahnsinnsiddi vum Inneminister – mat deene sechs Distrikter, wou d'Gemengen dann nach manner Matsproocherecht, nach manner Beweegungsfräiheet kréien – ob déi sech dann duerchsetzt. Dann hu mer eng ganz aner Diskussioun ze féieren, well da gesinn ech an, dass am Fong d'Gemengen, als déi noosten Institutioun beim Bierger, iwwerhaupt keng Roll méi spillen.

An ech géif mengen, dass dat och dermat zesummenhänkt, dass een och do muss versichen, sech dergéint ze wieren. Dass d'Gemengen awer hir Autonomie behalen an dass d'Gemengen e Maximum vu Recettë kréien. Besonnesch och am soziale Beräich – wou ech elo hei gesinn, dass haaptsächlech am soziale Beräich d'Wunnengen opgezielt ginn. Mä awer wat elo weider an de soziale Beräich investéiert gëtt, an de Mënsch, steet net vill dran.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dat ass och am Ordinaire.

Aly Jaerling (Indépendant): Dat ass och am Ordinaire, mä hei ass am Extraordinaire just déi Maison d'abri. Mä och do gesinn ech am Extraordinaire net ganz vill, wat do an de Mënsch investéiert gëtt. Ech mengen, do brauche mer nach Moyenen. Ech hätt et léiwer gesinn, wa mer och an deem Hibléck op fënnef Joer méi an de Mënsch investéiert hätten. Well mer feststellen, dass duerch déi liberal Politik, déi am Moment gedriwwen gëtt, de Mënsch ëmmer méi zum Sklav vun der Wirtschaft gëtt. Anstatt dass et ëmgedréint ass, dass d'Wirtschaft dem Mënsch dénge soll. An dass elo d'Mënschen – besonnesch och hei an Esch – ëmmer manner Akafskraaft kréien, ëmmer manner Moyene kréien, fir ze liewen. An dass et dat ass, wou mer als Gemenge besonnesch mussen dergéint ukämpfen.

Dofir wär ech frou gewiescht, wann ee méi hei an deem pluriannuelle Budget gesinn hätt, wat an de Mënsch investéiert gëtt, och am Sozialberäich. Dat gesot,

hunn ech am Moment dozou net méi ze soen. Ech soen lech awer Merci fir déi gutt Presentatioun, déi eis awer schonn eng Rei Hiweiser ginn huet, wéi et an Zukunft weidergeet.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Et wier dann um Här Maroldt an duerno um Här Codello an um Här Hoffmann.

Des voix: (micro éteint)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Et war just d'Presentatioun.

Une voix: Hien huet d'Presentatioun jo net matkritt, da weess hie jo net, dass se gutt war.

Frunnes Maroldt (CSV): Ech ka mech nëmme dem Här Jaerling ralliéieren. Et muss een deene Leit, déi dorunner geschafft hunn, Merci soen. Et ass jo schliisslech eng Fuerderung, déi mer gestallt haten, dass wann een deen ambitiöse Koalitiounsprogramm liest an héiert, wéi e presentéiert ginn ass, een déi Saach gär chiffriert hätt.

Ech regrettéieren allerdéngs – wéi den Här Jaerling et och gesot huet –, dass mer dat esou kuerzfristeg presentéiert kréien. Mer hu keng Zäit, fir dat awer am Detail ze kucken, esou dass ech mech och op e puer allgemeng Remarqué wäert beschränken. Et ass net méi dran.

Wann een dat elo esou iwwerflächlech kuckt, op d'Foto vun der éischter Säit beschränkt, da kéint ee vläicht déi sarkastesch Remarque maachen – wann een déi Foto hei gesäit – dass et wéi eng Fata Morgana ass. Dat wann een déi schéi Palme gesäit, well dat associéieren ech mat Palmen a Sand, aus der Distanz.

Bon, Dir sidd iwwerzeegt, dass dat ka realiséiert ginn. Dir hutt et chiffriert. Mä wat fir ee Wäert huet déi Estimatioun? Dat kënnen mer de Moment net esou gesinn. D'Montanten, déi fir 2011 agesat sinn, oder 2010, sinn déi dat nach dee Moment? Sinn déi dann nach aktuell, wa mer bis dohinner kommen? Wa mer gesinn, wéi am Bausecteur an och an anere Secteuren d'Präisser hei zu Lëtzebuerg flambéieren..., sou dass een am Fong geholl misst virsiichteg sinn, wat d'Präisevolutioun an deene sechs Joer mat sech bréngt.

assujetti l'homme à l'économie. C'est pourquoi la commune doit se donner les moyens d'investir dans l'homme, et cela d'autant plus qu'à Esch, les moyens financiers de la population sont en baisse constante.

Pour terminer, M. Jaerling remercie Mme Mutsch pour sa présentation qui a quand même fourni des informations intéressantes sur le futur de la ville.

Frunnes Maroldt (CSV) remercie à son tour tous ceux qui ont contribué à l'élaboration du budget pluriannuel. En effet, celui-ci répond à une exigence du conseil communal. Toutefois, M. Maroldt regrette, comme M. Jaerling, que le conseil échevinal n'ait pas laissé plus de temps aux conseillers pour l'étudier. C'est pourquoi, il devra s'en tenir à quelques considérations générales.

L'orateur estime que le budget pluriannuel n'est qu'une estimation de ce qui pourrait être réalisé, mais qu'il ne contient rien de concret. Rien n'y permet d'affirmer que les projets sont effectivement réalisables. Ainsi, personne ne peut dire si les chiffres prévus pour 2010 ou 2011 seront encore d'actualité le moment venu, car personne ne peut, par exemple, prévoir l'évolution des prix dans le secteur de la construction.

Qui plus est, M. Maroldt estime que l'équilibre entre les dépenses et les recettes n'est pas assuré.

Des voix manifestent leur surprise.

Frunnes Maroldt (CSV) réplique que le budget pluriannuel ne fournit qu'une estimation des recettes.

Félix Braz (Déi Gréng) interrompt M. Maroldt.

Frunnes Maroldt (CSV) fait remarquer que lui n'interrompt jamais personne et demande à M. Braz d'en faire autant.

Il répète ensuite qu'il faudra voir si et comment la commune sera capable de réaliser les recettes prévues. La solution la plus plausible est, selon lui, une nouvelle augmentation des taxes qui permettront au conseil

échevinal de boucher les trous occasionnés par les dépenses excessives. Or il faut faire attention à ne pas exagérer. Il cite comme exemple le cas d'une famille en Allemagne, qui a été obligée d'abandonner son chien à l'asile, car elle ne pouvait plus payer la taxe sur les chiens. Dans la localité en question, celle-ci était passée de 90.- à 900.- euros. M. Maroldt espère qu'un tel cas de figure ne pourra pas se produire à Esch.

L'orateur estime ensuite que pour réaliser la politique communale, il faudra recruter davantage de personnel. Or cela ne contribuera certainement pas à maîtriser les dépenses.

Puis il passe à la question de la dotation. Il pense qu'il faut se méfier des affirmations du ministère de l'Intérieur, car ce ne serait pas la première fois que ses communiqués sont plus optimistes que la réalité.

M. Maroldt revient sur les 39,5 millions d'euros d'emprunt dont Mme Mutsch a parlé. Il estime qu'il s'agit d'un chiffre exorbitant et que la commune exagère en contractant continuellement des prêts. L'orateur voudrait d'ailleurs savoir si la commune est encore solvable. Il signale que les conseillers n'ont aucun moyen de vérifier l'état des finances de la commune.

En ce qui concerne la Kulturfabrik, M. Maroldt rappelle que c'est la commune qui a demandé à l'Etat une augmentation de ses subsides. Par conséquent, le conseil échevinal ne devrait pas feindre la surprise. Il aurait dû prévoir des dépenses supplémentaires dans ce domaine.

Pour terminer, M. Maroldt constate que ses remarques ne constituent qu'une première appréciation sur le budget pluriannuel, car les conseillers n'ont pas eu le temps de parcourir en détail le document.

Daniel Codello (LSAP) remercie au nom de sa fraction les services qui ont contribué à l'élaboration du budget pluriannuel et en particulier Mme Solange Ecker qui, en collaboration avec le conseil échevinal, a réalisé un document nettement plus détaillé que les budgets pluriannuels habituels. Qui plus est, ce

Regelen, déi um nationale Plang gëllen – dat hunn ech scho bei de Budgetsdiskussionen erwähnt –, mussen och op lokalem Plang gëllen. Dat heescht, dass ee soll versichen, en Equiliber ze fannen tëschent de Recetten an den Dépensen. A wann een deen esou just à première vue hei gesäit, besteet deen Equiliber net, also...

Des voix: Ah sou?

Frunnes Maroldt (CSV): Et ass eng Schätzung, ob mer déi Recettë kréien. Dat huet jo d'Vergaangenheet eis gewisen, schonn nëmme wann een de Punkt hei...

(Interruption par Monsieur Braz)

Frunnes Maroldt (CSV): Ech hunn lech virdrun nogelauschtert, Här Braz... Dem Schäfferot hunn ech nogelauschtert, der Madame Buergermeeschter, loosst mech wann ech gelift och elo schwätzen. Also ech mengen, Recetten, déi een asetzt – dat hu mer jo gesi gehat, wéi d'Joer an d'Trickkëscht gegräff ginn ass mat den Taxenerhéijungen, déi Taxenerhéijungen sollen ebe Lächer zoumaachen – sinn eng Saach, mä et muss een awer gesinn, ob déi Recetten dann awer getätet ginn. Souwisou, och bei der Erhéijung vun den Taxen – dat hu mer deemools bei de Budgetsdiskussionen gesot –, wann een dat a Prozenter esou gesäit, ass dat net esou schlëmm, wéi wann een dat herno op sengem Relevé huet.

An dann d'Iwwerraschung, wann den nächste Mount, bei den nächste Relevéen, d'Haussë kommen... Et ass natierlech och esou, dass vill Leit, déi en Ordre permanent hunn, dat net esou direkt mierken.

Elo e Mëttwoch sinn ech duerch Zoufall op eng Sendung gestouss, an Däitschland, wou se och en dramatesche Fall haten – dat ass natierlech duerch d'Medien an d'Press extrem héichgespillt ginn. Et war de Fall vun enger Famill, déi d'Hondssteuer net méi konnt bezuelen. Den Hond ass an d'Déierenasyl komm. Do ass an där Uertschaft d'Hondssteuer vun 90.- Euro op 900.- Euro eropgaangen. Ech hoffen, dass dat bei eis net de Fall wäert sinn.

Déi Politik, wéi se de Moment hei leeft – den Här Jaerling huet et ugedeit –, eng extrem mediatiséiert Politik, muss jo awer

och iergendwéi bezuelt ginn. D'Personalkäschten wäerten och weider an d'Luucht goen. Mir hunn haut um Ordre du jour – do komme mer herno nach drop zréck – erëm d'Kreatioun vun neie Posten. En neie Posten am Sekretariat. Also dat ass net de Wee, deen ee geet, fir d'Dépensen an de Grëff ze kréien.

Beim Impôt commercial ginn ech lech Recht. Deen ass an deene leschte Jore mat Virsicht traitéiert ginn. Bei der Dotation allerdéngs, hunn ech lech all déi Jore virdrun drop higewisen. Elo kënnt den Intérieur, dee seet, dat wär 2005 unique gewiescht, déi 3,2 Milliounen déi mer manner kritt hunn. Mä ech géif där Saach awer e bësse mat Skepsis entgéint goen. Den Intérieur huet eis scho Communiquéë geschéckt, déi méi optimistesche ware wéi dat, wat d'Realitéit herno ausgewisen huet.

Et kann een e Pluriannuel maachen, mä et ass, wéi gesot, e Wonschdenken fir déi Saachen, déi ee wëll maachen oder wëll realiséieren. Mä wat mer herno effektiv realiséiere kënnen, dat ass d'Realitéit, déi eis dat ka weisen. An d'Realitéit, déi fanne mer erëm an de Konten. Der sot, déi sinn nach an der Maach; se sinn am gaangen drun ze schaffen; a wa se eis virleien, da kënne mer méi präzis op déi Virstellung do reagéieren. En Emprunt vun 39,5! Ech weess et net, mir sinn esou euphoresch an optimistesche, mir kéinten illimitéiert Emprunte maachen. All gudden Dag kënnt en neien Emprunt bäi. Ech froe mech, wéi solvabel d'Gemeng de Moment nach ass. Dat ass eng Fro, déi ech mer stellen.

Et ass jo awer schonn eng Zäit, dass ech mech hei mat de Gemengefinanze beschäftegen a beschäftegt hunn. Déi Asicht, déi hu mer net, dat steet eis als Conseilleren net zou, fir ze kucken, wéi wäit dass mer de Moment am Keller sinn. Et géif mech trotzdem interesséieren.

Dir hutt virdu vun der KUFA geschwat an dat e bësse presentéiert, wéi wann dat eng Iwwerraschung gewiescht wier, déi 150.000.- Euro, déi do op d'Gemeng plötzlech zoukomm sinn. Mir hunn awer och alleguerten do mat un engem Strang gezunn, dass mer gesot hunn: „Mat deenen dote Moyene kënne se net wäit sprangen an der KUFA.“ Mir sinn och perséinlech intervenéiert beim Kulturminis-

tère, fir dass eng Hausse do sollt kommen. Dat heescht, déi stoung scho längst am Raum a war längst am Gespréich.

Wa mer elo bei deene 150.000.-, déi de Stat gétt, net kënnen nozéien, da solle mer net soen, dat wär, well dat net geplangt gewiescht wär. Fir esou Saachen, déi esou laang am Gespréich sinn, muss een eng Reserv hunn. Fir dass een dee Moment bei enger Saach, déi wichteg an nohalteg ass wéi d’Kulturfabrik, och ka matzéien.

Dat eng éischt Appréciation vun deem Pluriannuel. Wéi gesot, et deet mer leed, dass ech dat doten net méi am Detail kucke konnt. Mä mer hu jo bestëmmt nach Gelegenheet bei verschiddene Punkten – wa se op den Ordre du jour kommen – fir erëm eng Referenz dorober ze zéien an dann zousätzlech Stellung ze huelen. Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Här Maroldt. Et wier dann um Här Codello.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Och mir als LSAP-Fraktion soe mol fir d’éischt e grouse Merci un d’Servicer. Virun allem och un d’Madame Solange Ecker, déi während ville Stonne mat lech Membere vum Schäfferot en Dokument erstallt huet, wat esou an d’Detailer geet, dass et scho ganz wäit iwwer d’Definitiv vun engem Budget pluriannuel erausgeet. Et ass schonn ugeklongen, et ass e Wonsch gewiescht vun de Majoritéitsparteien, mä och vun deenen anere Fraktiounen an et war och am Koalitiounsaccord, fir dass och dës Mandatsperiod – déi zweete Kéier also – hei e Pluriannuel am Gemengerot fir déi ganz Mandatsperiod virgestallt soll ginn.

E Pluriannuel ass awer net – wéi et schonn ugedeit ginn ass – eng Oplëschtung vu perséinleche Wënsch oder vun Illusioune vu Schäfferotsmemberen. Mä et ass ganz einfach en Hëllef- a Steierungsmëttel, wat et erlaabt, eng transparent a virsiichteg Finanzpolitik virzustellen an déi och op déi nächst Jore scho bedreiwen ze kënnen. Grad an dësen Zäiten – an dat ass och schonn ugeklongen – wou d’Finanzsituatioun beim Stat an och bei de Gemengen net méi déi allerbescht ass, géllt et, sech nach méi intensiv ëm d’Finanzplanung ze këmmen.

Madame Buergermeeschter, d’Stad Esch, déi sech elo zënter 6 Joer an enger Opbrochphas befënnt, muss hir dynamesch Entwécklung weiderféieren. Dofir géllt et och, weiderhin ze investéieren. Wat eis jo déi geréng Scholdelaascht, déi der eis presentéiert hutt mat deem Pluriannuel, erlaabt.

Une voix: Wat fir eng gréng?

Daniel Codello (LSAP): Eng geréng! Si ass och e bësse gréng ugefierft, mä si bleift awer geréng. Wat mer och mussen hei nach ervirhiewen – Dir hutt et och scho gesot – e grouse Luef un d’Servicer, datt an der leschter Mandatsperiod den Taux de réalisation vun den Aarbechte bei iwwer 70% loung. Ech hunn dat am Budgetsjoer 2005 gekuckt, do loung e bei 74%.

Dee Luef geet un d’Servicer. Mir hoffen, dass deen Taux de réalisation esou héich ka bleiwen, fir eben déi noutwenneg Entwécklung vun der Stad weiderzedreiwen.

Kuerz, Madame Buergermeeschter, och nach op déi Prioritéiten, déi Dir schonn an Ärem Dokument an och an Ärer Interventioun virgestallt hutt. Natierlech begrësse mer, dass un éischer Stell den Enseignement steet. Mat enger neier Schoul an den Nonnewisen. Dann de Brill, wou et och ganz wichteg ass, dass deen endlech endgültig ausgebaut gétt. An da virun allem de Jean Jaurès. An och déi Investitiounen, déi an de ganzen Accueil ginn, notament mam Projet Papillon. Och wann et d’lescht Kéier e bësse méi kritesch vun der Oppositioun hei ugeklongen ass, esou ass awer déi Ganzdaagschoul an och den Accueil eng grouss Méiglechkeet, fir méi Chancegerechkeet am Schoulwiesen ze kréien.

An der Stadentwécklung hutt der virun allem d’Passerelle op de Gaalgebierg erausgestrach. D’Place de la Résistance, déi mer jo och virzéien. Et gétt e groussen Invest an déi verschidde Stroosse getätegt, notament d’Dunant-Strooss. Vum Projet Esch-Belval net ze schwätzen, deen eis natierlech och an dëser Mandatsperiod eng grouss Partie finanziell Käschten operleeë wäert.

An der Sozialpolitik begrësse mer, Madame Buergermeeschter, datt virun allem an de Logement investéiert gétt, mat 10,3

budget répond à une exigence du conseil communal.

L’orateur constate que le budget pluriannuel n’est pas une simple liste des souhaits du conseil échevinal. Il s’agit d’un moyen qui permet de présenter une politique financière transparente et prudente. De plus, la planification de la politique d’investissements sur plusieurs années est d’autant plus importante que la situation économique sur le plan communal et national n’est pas brillante.

Par ailleurs, M. Codello estime que la commune doit poursuivre la politique de développement dynamique de la ville entrepris il y a 6 ans. Elle doit continuer à investir, ce qui permet de maintenir la dette basse. Dans ce contexte, l’orateur souhaite remercier les services communaux qui ont contribué à ce que 74% des projets prévus ont été réalisés au cours du dernier mandat.

La fraction du LSAP salue également l’importance accordée à l’enseignement, avec notamment la construction d’une école dans le quartier Nonnewisen, la rénovation de l’école du Brill et les investissements dans les structures d’accueil.

En ce qui concerne le développement de la ville, M. Codello se réjouit de l’aménagement de la passerelle entre le Gaalgebierg et le centre-ville, des travaux prévus sur la place de la Résistance, des investissements dans la rénovation des rues et de la réalisation du projet Esch-Belval.

L’orateur salue aussi les importants investissements prévus dans le domaine social, et notamment dans le logement. Il s’agit par ailleurs d’un domaine où les recettes sont considérables puisque l’Etat rembourse 70% des frais. Il fait ensuite remarquer à M. Jaerling que suffisamment de dépenses sont prévues dans le budget ordinaire.

M. Codello se réjouit par ailleurs de l’extension du parking résidentiel.

Il souligne ensuite le fait que les dépenses en faveur des syndicats intercommunaux sont très importantes pour la ville d’Esch. Mais il convient de prévoir la création de synergies afin de réduire les dépenses.

Dans le domaine de la culture, l'orateur salue la rénovation du théâtre, du musée de la Résistance et de la villa Mousset.

Pour conclure, M. Codello estime que les investissements prévus par le budget pluriannuel, pour un montant total de 160 millions d'euros sont absolument indispensables pour le développement d'Esch. Mais en même temps, il signale la nécessité de contrôler les dépenses de façon stricte. Dans ce contexte, il se réjouit des accords salariaux concernant les heures supplémentaires et souligne l'importance de la réforme administrative. Il fait finalement remarquer à M. Jaerling que le conseil échevinal n'aura pas recours à un audit et lui demande d'arrêter de poser toujours la même question.

Aly Jaerling (Indépendant) interrompt M. Codello.

Daniel Codello (LSAP) réplique qu'il vient de lui répondre.

Il explique ensuite qu'il juge simpliste l'affirmation de M. Maroldt selon laquelle les augmentations de taxes servent à boucher les trous occasionnés par les dépenses excessives. Il rappelle que la dernière réforme des taxes remontait à 15 ans. Il est donc normal que le conseil échevinal ait dû lui apporter des modifications conséquentes. Les membres de l'opposition qui prétendent que le conseil communal veut boucher des trous n'ont pas, selon M. Codello, le sens de la réalité.

Une voix s'exclame qu'il s'agit tout de même d'une augmentation de 6 millions.

Daniel Codello (LSAP) passe ensuite à une autre remarque de M. Maroldt. Celui-ci a affirmé que les conseillers communaux n'aient pas la possibilité d'examiner la situation financière de la commune. L'orateur fait remarquer à M. Maroldt qu'il ferait bien de lire la loi communale ou bien de s'entretenir avec le secrétaire communal s'il souhaite connaître ses droits. En effet, chaque conseiller communal a le droit de s'informer sur la situation financière de la commune.

Milliounen Euro an dëser Mandatsperiod. Et muss een dobäi jo och bedenken, datt do déi gréisste Recettë realiséiert ginn, well mer do vum Ministère 70% erëm kréien. Mir kënnen do nëmmen ënnerstëtzen, dass an de soziale Wunnengsbau esou vill an esou massiv investéiert gëtt.

Wat elo de mënschleche Plang ugeet – wat den Här Jaerling och scho gesot huet – do steet jo awer och ëmmer all Joer nach genuch am Exercice budgétaire, am Ordinaire dran. Well jo déi besteeënd Konventionne mat deene sozialen Institutionne weidergefouert ginn.

Problem Mobilitéit: do begrëisse mer natierlech den Ausbau vum Parking résidentiel an de Quartieren Neiduerf, Hiel, Grenz, wat och seng Implikationnen huet.

Dann e Punkt, deen d'Madame Buergermeeschter och opgeworf huet, an deem mer eis ëmmer méi an nächster Zäit musse bewosst ginn. Dat sinn d'Käschte vun den interkommunale Syndikater, wou mer dra vertruete sinn, och zum Wuel vun eiser Stad, well mer jo och dovunner profitéieren. Mä do gëllt et héchstwahrscheinlech an de nächste Joren, Synergien ze kreéieren. Wa mer zum Beispill kucken, wa mer mat Sudgaz kéinten eng Synergie kréien, wa mer elo och ab 2007 eis Sociétéit hunn, wat d'Elektrizitéitswierk ugeet, fir Synergien do ze kreéieren, an och do käschtespuerend Politik kënnen ze bedreiwen.

An der Kultur ass natierlech ee grouesse Posten den Theater, dee schlussendlech a finalement komplett renovéiert gëtt. Dat ass eng Mussesaach gewiescht. Do kënt keen derlaanscht. Zesumme mam Kulturministère wäerte mer eis och engagéieren, an dëser Mandatsperiod de Musée de la Résistance – wat jo awer schliisslech och eng wichteg Institution heit an Esch ass – ze renovéieren. D'Villa Mousset ass ugeklongen, déi och endlech an Ugrëff geholl gëtt.

Madame Buergermeeschter, déi Investitionnen an der Héicht vun 160 Milliounen Euro bedeiten also, datt den Opbroch fir Esch wäert weidergoen. Natierlech kann een dat awer och net nëmme maache mat deene Recetten, déi der uklänge gelooss hutt. Et gëllt an den nächste Joren, eng streng Kontroll vun den Ausgaben heit

am Haus unzeféieren. Et ass iwwert d'Reduktioun vun den Lwwerstonne geschwat ginn. Mä et ass awer och – an Här Jaerling, do kann ech lech vläicht drop äntwerten, Dir sidd selwer Member – vun der Wichtigkeet vun där neier Kommission iwwert d'Reforme administrative geschwat ginn. Ech weess net, wou der ëmmer un déi Idee vun deem Audit kommt. Déi ass nach ni offiziell hei gesot ginn. Dir hutt et schon an der leschter Kommissiounssitzung erëm eng Kéier gesot. Et kënt keen Audit. Mir hunn eng Kommissioun, déi sech natierlech mam zoustännege Schäfte punktuell Experte ruffe kann. Mä ëmmer déi Gespensteridee vun engem Audit heit an de Sall ze geheien, dass d'Personal soll Angscht kréien... haalt domadder op! Dat wäert net de Fall sinn! Wat den Här Maroldt nach...

(Interruption par Monsieur Jaerling)

Daniel Codello (LSAP): Jo, ech hunn lech jo geäntwert. Op d'Bemierkunge vum Här Maroldt bleift nach ze soen: wann een hei seet, déi Taxenerhéijunge wiere gemaach ginn, fir d'Lächer ze fëllen, da fannen ech dat awer e bësse plakativ. Well wann eng Adaptatioun vun den Taxe 15 Joer laang net geschitt ass an da kënt e Schäfferot bzw. déi zwou Majoritéitsparteien, déi sech dat an de Wahlprogramm an och herno an de Koalitionsaccord geschriwwen hunn, an déi adaptéieren dann no 15 Joer d'Taxen - fir dann esou plakativ heit ze kommen an ze soen: „Dat ass fir d'Lächer ze fëllen“, da feelt do awer wierklech de Realitéitssënn vun den Oppositionsparteien. Wéi een natierlech...

Aly Jaerling (Indépendant): 6 Milliounen Euro!

Daniel Codello (LSAP): A wéi een heit ka vu mediegäiler Politik schwätzen, well een heit en Dokument virleien huet, wou och scho vun der Oppositionspartei gesot ginn ass, dass et gutt ass, dass och an d'Sozialpolitik investéiert gëtt... also dëse Schäfferot ass bestëmmt dee leschten, deen an d'Sozialpolitik – fir nëmmen dat Beispill ze ginn – investéiert, fir mediegäil op der éischter Säit vun iergendenger Zeitung oder am Radio ernimmt ze ginn.

Eng Bemierkung, déi och vum Spriecher vun der CSV komm ass, déi mech och e

bëssen érnervéiert huet: de Conseiller hätt keng Asiicht an d'Finanze vun enger Gemeng. Do bieden ech dann awer drëm, datt déi Conseillere sech d'Gemengegesetz emol nach eng Kéier ënnert d'Lupp huelen – oder net ënnert d'Lupp, mä vläicht emol opmaachen an dat duerchliesen an och d'Rechter vun engem Conseiller duerchkucken – an dann emol hei an d'Sekretariat kommen. De Secrétaire communal, deen ass do och gutt positionéiert, fir dem Conseiller ze soen, wat seng Rechter sinn. D'Asiicht an d'Finanzen ass ënner anerem och ee vu senger Rechter!

Madame Buergermeeschter, ofschléissend, eise Koalitiounsaccord heescht: Esch no vir. Dir nennt de Pluriannuel mënschlech a modern, mat Mooss. Ech kann lech nëmme soen, mat där doter virsiichteger a couragéierter, a virun allem och transparenter Finanzpolitik geet et no vir. An déi Visioun, déi der dem Sophie an dem Joao fir 2056 gemoolt hutt, déi fänkt haut domadder un. Merci.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Madame Buergermeeschter, ech wëll mat engem positive Punkt ufänken. An dat Positivt un esou engem pluriannuelle Plang ass, datt et en iwwerhaapt gëtt. Mir hu virun enger Rei vu Joren – schonn an deem Schäfte-rot virdrun – de Prinzip vun enger pluriannueller Planung agefouert. An och agefouert, dass déi Planung am Gemengerot soll ënnerbreet an diskutéiert ginn. Dat ass net selbstverständlech, well an deene meeschte Gemengen ass dat nach ëmmer net de Fall. Dat heescht, do geet et ëmmer nach vu Budget zu Budget. Dann huet ee keen Iwwerbléck iwwert laangfristeg Einnahme respektiv Ausgaben. Do fir also och Merci fir dat Dokument, wat hei virläit.

Déi zweet Remarque, déi ass scho gemaach ginn. Dir verstitt, dass et virun allem fir Conseilleren aus der Oppositioun, déi dat Dokument de Moie fir d'éischt gesinn hunn, schwéier ass, sech op eng sachkundeg Aart a Weis dermat ausernanner ze setzen. Dat kann also nëmme relativ iwwerflächlech, sommaire bleiwen. Eventuell kann een e puer Punkten erausgräifen – dat wëll ech och probéieren ze maachen – déi engem an engem éischten Iwwerbléck einfach opfalen.

Et wär vläicht eng Suggestioun un de Schäfte-rot, ze froen, ob een net kënnt an

iergendenger Form op déi Diskussioun hei zrëckkommen, nodeem dass mer dat Dokument hei e bësse méi genau hätte kënne studéieren. An och déi Vergläicher unstellen, déi ee jo muss kënne maachen, fir datt een et ka bewäerten. Et muss ee mam Budget vergläichen, et muss ee mam Koalitiounsprogramm vergläichen, et muss ee mat deene Jore virdrun vergläichen an esou weider. Dat kann ee jo esou op Anhieb net. Dat huet een net auswenneg am Kapp. Esouguer, wann een eng Zäit laang Member vum Schäfte-rot war.

Déi drëtt Remarque ass e Punkt, deen ech schonn ernimmt hunn – ech menge bei der Diskussioun iwwert Ärt Koalitiounsofkommes an och beim Budget vun dësem Joer. Ech si wierklech decidéiert der Meinung, dass mer och um Niveau vun der Gemenge méi staark Elementer vu partizipativer Demokratie aféiere sollen. A wat ass dee wichtegste Punkt bei der partizipativer Demokratie? Dat ass d'Haushaltspolitik, also d'Budgetpolitik. Well do steet alles dran. Do stinn d'Prioritéiten dran an esou weider an esou fort.

Ech mengen, dass et net abwegig wär ze soen, esou eng pluriannuel Planung sollt een och enger ëffentlecher demokratescher Diskussioun ënnerwäerfen. Dat bescht Instrument dofir ass sécher net einfach eng Biergerversammlung, well mer wëssen, dass do d'Leit ëmmer nëmme eenzel Punkte riskéieren erauszegräifen. Ech kënnt mer awer virstellen, dass een am Sënn vun den Zukunftsforen – déi mer jo schonn haten an och weider wëllen organiséieren, oder ronn Dëscher – mat de Leit a mat de Verriedunge vun de Leit – déi pluriannuel Planung do kënnt duerchdiskutéieren. Datt een d'Suggestioun vun de Leit, respektiv vun Associatiounen sollt seriö huelen, an och da seriö sollt – wann et sech als noutwenneg, als méiglech erweist – an déi Planung mat abauen.

Déi véiert Remarque, dat ass den Zesammenhang tëschent Stadentwécklungsplanung a pluriannueller Planung. Ech mengen, dass déi zwou Saachen enk misste mateneen zesammenhänken. Dat heescht an anere Wieder – verstitt dat méi als Suggestioun wéi als Virwurf – dat Dokument hei wär am Fong geholl wesentlech méi transparent, wann et a Verbindung stéing mat engem Dokument iwwert

Pour conclure, M. Codello estime que le budget pluriannuel, à la fois transparent, courageux et prudent, fait avancer Esch.

André Hoffmann (DÉI LÉNK) souhaite débiter par un point positif qui est que le budget pluriannuel existe. En effet, il rappelle que la plupart des autres communes n'ont pas recours à cet instrument. Or il permet tout de même d'avoir une vue d'ensemble des dépenses et des recettes à long terme. Il ajoute que malheureusement, il est difficile de donner un avis objectif sur le document, alors que les conseillers de l'opposition l'ont vu pour la première fois ce matin. Les remarques qu'il fera seront donc forcément superficielles. C'est pourquoi il demande au conseil échevinal de revenir sur cette discussion quand tous les conseillers auront eu le temps d'assimiler le contenu du budget pluriannuel. Il est par ailleurs nécessaire de pouvoir comparer le budget avec le programme de la coalition.

M. Hoffmann explique ensuite qu'il est d'avis qu'il faut introduire plus systématiquement la démocratie participative au niveau communal. Il faudrait notamment penser à consulter les habitants d'Esch au sujet du budget pluriannuel. Toutefois, il reconnaît qu'il faut d'abord trouver la forme correcte pour le faire.

En ce qui concerne le rapport entre le plan de la ville et la planification pluriannuelle, M. Hoffmann estime que le document aurait été plus transparent s'il avait été mis en relation avec un document sur le plan de développement urbain et avec des plans sectoriels.

L'orateur signale ensuite qu'il lui est impossible de formuler des remarques concrètes sur le plan de financement. D'un côté, il n'a pas eu le temps de l'étudier. De l'autre, il y a encore trop d'inconnues, comme l'évolution de la conjoncture économique ou bien la forme que prendra la réforme des finances communales prévue par le ministère de l'Intérieur. M. Hoffmann souhaite toutefois souligner certains manques dans le budget pluriannuel. En ce qui concerne le logement, il se réjouit de la rénovation des habita-

tions communales, mais se demande s'il ne faudrait pas en même temps en construire plus. Ainsi au sujet du quartier Nonnewisen, M. Hoffmann rappelle avoir déjà dit que les 10% d'appartements prévus à la location devraient être des logements sociaux. En fait, il estime qu'il y a trois possibilités. Soit, c'est la commune qui investit dans ces logements, soit c'est le Fonds de logement qui le fait, soit les deux. Selon M. Hoffmann, la commune devrait en tous cas prendre ses responsabilités.

L'orateur passe ensuite à la question des écoles. Il se réjouit de l'aménagement d'une école dans le quartier Nonnewisen et de la rénovation de l'école du Brill. Mais comme il l'a déjà signalé tout à l'heure, il manque un plan sectoriel des infrastructures scolaires qui permettrait de voir dans quels quartiers il faut construire des écoles. M. Hoffmann estime, quant à lui, qu'au moins deux écoles de quartier supplémentaires sont nécessaires: une dans le quartier Neudorf qui sera agrandie, et une dans le quartier Hiel. Il pense que le conseil échevinal devrait pallier à ce manque rapidement, sans attendre le prochain budget pluriannuel.

En ce qui concerne le domaine social, M. Hoffmann estime que tout le monde connaît l'importance, pour les enfants d'Esch, des institutions sociales à Insenborn. Or l'état du bâtiment laisse à désirer. Il est donc nécessaire, selon l'orateur, d'investir davantage que les 144.000 euros prévus pour les 6 prochaines années et qui serviront tout au plus à financer les études pour cette rénovation.

M. Hoffmann passe à la rénovation du musée de la Résistance. L'État financera le projet à 50%. Or, la commune ne prévoit que 250.000.- euros d'investissements, ce qui est loin de constituer 50% du prix, du moins si l'on réalise le projet tel qu'il était initialement prévu.

Lydia Mutsch (LSAP) explique que le ministère de la Culture prendra en charge le bâtiment et le terrain après les travaux, ce qui explique le montant de 250.000.- euros.

d'Stadtentwicklungplanung an deenen nächste Joren. Dat heescht, wann et net nëmmen a Verbindung stéing mat allgemenger Stadtentwicklungplanung, mä och mat sektorielle Pläng. Ech huelen herno d'Beispill vun de Schoulen. „Schoule“ wär e sektorielle Plang, „sozial Entwicklung“ wär e sektorielle Plang. An da kann ee Budgetspolitik – dat hei ass jo am Fong geholl eng laangfristeg Budgetpolitik – mat Stadtentwicklungplanung a Verbindung setzen. An da kann ee kucken, ob dat dann eng Kohärenz ergëtt oder net. Ech géif lech also bieden, lech dat vläicht emol eng Kéier als Suggestioun duerch de Kapp goen ze loossen.

Déi fënneft Remarque: zur Finanzéierung sinn ech net kapabel, eppes Gescheites auszesoen. Zu deem Finanzéierungspang, deen Dir virleet, sinn ech net kapabel, an der aktueller Situatioun eppes Akzeptables auszesoen. Net nëmmen, well een d'Zäit net hat, dat genau ze kucken, sondern och well et eng Rei vun Inconnuë gëtt an der Zukunft. Also all déi Inconnuen, déi mat de kommunale Finanzen zesammenhängen. Mer wëssen net, wéi d'wirtschaftlech Konjunktur sech an deenen nächste Joren entwéckelt. Mer wëssen net, ob am Inneministère elo endlech Neel mat Käpp gemaach ginn, wat d'Reform vun de Gemegefinanzen ubetrëfft, a wat dat da fir Esch géif bedeiten. Dat alles wësse mer net.

An dann ass et natierlech schwéier, op e puer Joer viruszegesinn. Ech hunn de leschte Méindeg am Theater den Här Halsdorf héieren, wéi en der Escher Gemeng besser Wieder gewënscht huet. Deen entscheidende Punkt huet en awer vergiess, nämlech eis ze soen, wéi et dann an Zukunft fir eis Gemeng mat de Finanze géing stoen. Dat wär méi wichtig gewiescht, wéi schéi Wieder. Schéi Wieder kann ee sech zwar net mat Sue kafen, mä dat wär awer vläicht fir eis méi wichtig gewiescht, wéi de Wunsch vu besserem Wieder.

Ech wëll op e puer Saachen einfach agoen, déi mer elo bei deem schnelle Liesen opgefall sinn. Dat sinn haaptsächlech Saachen, wou ech fannen, datt se feelen. Ech kënn natierlech och elo alles opzielen, wat ech gutt hei dra fannen. Mä ech wëll awer haaptsächlech op déi Punkten agoen, wou ech mengen, dass eppes feelt.

An do fänken ech u mat de Logementer. Et ass ze begréissen – dat stoung och schonn an Ärem Koalitiounsofkommes – dass der weiderfuert mat der systematischer Renovéierung vun eise Gemegegewinnungen an dofir och erheblech Zommen ausgitt. Op där anerer Säit ass awer d'Fro nach ëmmer, ob mer als Gemeng net nach zousätzlech Wunnenge musse schafen.

(Interruptions)

Je n'y peux rien moi... de Mikro kacht...

Aly Jaerling (Indépendant): Do huet vläicht ee Waasser am Kapp.

(Hilarité)

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Et ass also meng Schold, oder wéi...

Daniel Codello (LSAP): Dir misst och vläicht mol positiv Aspekter soen.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Ech hunn elo just ee gesot: de Renovatiounsprogramm vun de Gemegegewinnungen. Ech sinn allerdéngs der Meenung, datt mer als Gemeng zousätzlech sozial Wunnenge musse bauen. Ech hunn, am Zesammenhang mat deem leschte Rapport vun der Madame Spautz, gesot, datt an den Nonnewisen déi 10% lokativ Wunnungen, déi do minimal virgesi sinn, dass dat misste Sozialmietwunnenge sinn.

An da gëtt et zwou Méiglechkeeten: entweder d'Gemeng investéiert do oder de Fonds de logement investéiert do. Oder déi zwee investéieren do. Mä ech mengen, d'Gemeng ka sech net einfach aus hirer Verantwortung ewechdrécken, andeem se d'Investitiounen nëmmen dem Fonds de logement géif iwwerloossen. Dat ass elo e Punkt, wou ech fannen, dass e feelt, wann ee weess, dass dat ee vun de grouse Problemer...

Aly Jaerling (Indépendant): De Fonds de logement ass awer net méi sozial.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): ...ee vun de grouse soziale Problemer ass, déi sech am Moment an eisem Land stellen.

Ech hu festgestallt, wat d'Schoulen ubetrëfft, dass der mat der Renovatioun vum Brill weiderfuert. Dass – wéi dat och scho

méi laang, virun de Wahle gewosst war – mer eng nei Schoul an den Nonnewise kréien. Ech mengen awer – an dofir ass dat eng Illustratioun vun deem, wat ech virdrun iwwert Stadentwécklungsplanung gesot hunn – wa mer e sektorielle Plang hätte fir Schoulinfrastrukturen, da géife mer gesinn, wou an deenen nächste Jore Schoule feelen. An ech sinn iwwerzeegt, dass et op d'mannst zwou Plaze sinn, wou Quartierschoulen an deenen nächste Jore misste kommen.

Éischtens, am Neiduerf: dee Quartier gëtt ëmmer méi grouss. Dat heescht, et kommen ëmmer méi Kanner bäi. Zweetens, de Quartier Hiel-Grenz, wou jo emol eng Zäit eng kleng war, déi net méi do ass. A wou ech och mengen, dass mer missten drun denken, eng Quartierschoul dohinner ze kréien. Wann der mer elo sot, datt dat an deem nächste Pluriannuel virgesinn ass, dann dauert dat mer awer e bëssen ze laang.

Am soziale Beräich ass mer opgefall: Ënsber, do schreift der zwar eppes an, mä mir sinn eis jo alleguerten eens, dass Ënsber eng wichteg sozial Ariichtung ass fir Kanner a wa méiglech och nach fir aner Leit. A mer sinn eis och eens, dass den Zoustand vun deene Gebailechkeeten am Moment net méi esou ass, wéi en eigentlech misst sinn. Dat heescht, dass mer do investéiere mussen. Wann ech dann awer kucken, wat der als Ausgab – wuelverstanen, mir si net bei engem Budget, mer si bei engem pluriannuelle Plang iwwert 6 Joer – do aschreift: 144.000.- Euro fir Ënsber, da soen ech lech: dat geet vläicht duer, fir Étuden ze finanzéieren, mä fir wierklech ze investéieren, geet dat manifestement net duer.

E weidere Punkt, dee mer opgefall ass: Dir wësst, dass dee mir relativ staark um Häerz läit, dat ass de Musée de la Résistance. Ech denken, dass nach ëmmer den Accord besteet tëschent dem Schäfferot an dem Kulturministère, fir déi Renovatioun virzehuelen. An dass och den Accord nach ëmmer gëllt, dass eng Opdeelung stattfënnt 50:50, also Fifty-fifty, tëschent Regierung a Gemeng. Fir déi sechs Joer – nach eng Kéier: fir déi sechs Joer, et ass net e Budget – do schreift Dir beim Musée de la Résistance: 250.000.- Euro. Also dat ass manifestement wäit ewech vun deene 50%, déi d'Gemeng misst bäileeën, wann dee Projet géif realiséiert

ginn, dee bis elo an enger Ébauche, net an engem festen Devis...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Här Hoffmann, mir gi jo d'Gebai an den Terrain eran. Dat gëtt och héichgerechent, dowéint ass dee Montant esou wéi en ass.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Neen, dat woussst ech nach net, well bei deene Verhandlungen, déi ech nach matkritt hunn, ass riets gaang vun enger Locatioun. Well dat ass vun eis proposéiert ginn. Mä dat war awer deemools, wéi ech nach derbäi war, an där doter Form nach net akzeptéiert ginn. Do war eng Fro vu Locatioun.

D'Kulturfabrik hat, mengen ech, den Här Maroldt schonn ugeschnidden. Et kann ee selbstverständlech ënnerschiddlecher Meenung sinn iwwert d'Finanzsituatioun an d'Programmation an der Kulturfabrik – dat wëll ech virausschécken – mä ech mengen awer, dass d'Kulturfabrik eng ganz wichteg kulturell Infrastruktur an eiser Stad ass. An dofir ass et wierklech awer eng Fro, ob net de Schäfferot sech oprappe kann an dee Schrëtt do mécht.

Ech denken, dass dat jidderengem bekannt ass: 150.000 Euro, déi de Stat bäileeet, wann d'Escher Gemeng déi selwecht Zomm bäileeet. Well der Konventioun no gëtt de Stat jo ëmmer nëmmen esouvill bäi, wéi d'Escher Gemeng bäigëtt. Dat heescht, et ass also net esou, dass si déi 150.000 kréichen an eis net. Wa mir näischt bäileeën, da kréie si näischt, well dat der Konventioun no ëmmer gläich tëschent Stat a Gemeng opgedeelt ass.

E leschte Punkt: Kino. Mir kréien zu Belval e grouse Multiplex-Kino, mat Popcorn an alles, wat dozou gehéiert. Dat ass och alles ok. Ech sinn allerdéngs nach ëmmer der Meenung, dass an enger Stad...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mir och!

André Hoffmann (DÉI LÉNK): ...soll op d'mannst ee Kino sinn. Elo hunn ech gelies an héieren, den Ariston, dee jo bis elo nach ëmmer vun Utopolis bedriwwen ginn ass... heesche se esou? Utopolis SA?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): An déi nei heesche Caramba.

André Hoffmann (DÉI LÉNK) admet qu'il n'était pas au courant de ces accords, car quand il a participé aux négociations, il n'avait été question que d'une location.

En ce qui concerne la Kulturfabrik, il estime qu'il s'agit d'une infrastructure culturelle très importante pour la ville. C'est pourquoi, la commune devrait, selon lui, faire un effort supplémentaire et lui accorder 150.000.- euros. En effet, il rappelle que la convention prévoit que l'Etat n'accorde son soutien financier à la Kulturfabrik que si la commune en fait autant.

Pour terminer, M. Hoffmann passe à la question des cinémas. Il se réjouit de l'ouverture d'un complexe cinématographique à Esch-Belval, mais estime qu'une ville comme Esch devrait avoir au moins un cinéma dans le centre. Dans ce contexte, il voudrait savoir si c'est toujours Utopolis qui exploitera l'Ariston.

Lydia Mutsch (LSAP) lui répond que les nouveaux exploitants s'appellent Caramba.

André Hoffmann (DÉI LÉNK) explique que d'après les informations lues dans la presse...

Lydia Mutsch (LSAP) l'interrompt pour lui signaler qu'il aurait pu apprendre ces informations par le conseil échevinal s'il les avait demandées.

André Hoffmann (DÉI LÉNK) répète que d'après ce qu'il a lu dans la presse, il ne s'agirait que d'une situation transitoire.

Une voix s'exclame qu'eux aussi ont appris ces informations par la presse.

André Hoffmann (DÉI LÉNK) trouve regrettable que le conseil communal apprenne ce genre d'informations par la presse. Pour en revenir à l'Ariston, M. Hoffmann craint que, puisque Caramba exploitera également le complexe cinématographique à Esch-Belval, il ne ferme le petit cinéma. C'est pourquoi il demande au conseil échevinal de soutenir financièrement l'Ariston.

Lydia Mutsch (LSAP) fait remarquer à M. Hoffmann que la commune réserve depuis longtemps une partie de son budget ordinaire à l'Ariston.

André Hoffmann (Déi Lénk) explique qu'il est courant, mais qu'il a voulu souligner son inquiétude face aux informations parues dans la presse.

Pour conclure, M. Hoffmann demande à nouveau qu'on rediscute le budget pluriannuel ultérieurement.

Pierre-Marc Knaff (DP) explique qu'il a raté la présentation de Mme Mutsch parce qu'il est arrivé en retard pour des raisons professionnelles. Il se plaint par ailleurs fortement de ce que les conseillers n'ont pas eu le temps de lire la documentation sur le budget pluriannuel. L'orateur ne comprend pas comment le conseil échevinal puisse demander aux conseillers de discuter, de se positionner et finalement de prendre une décision sur un document qui leur a été remis le jour de la séance. Selon M. Knaff, le conseil échevinal démontre à nouveau ce qu'il pense des membres de l'opposition. Qui plus est, il offre au Tageblatt la possibilité de vanter le budget pluriannuel en soulignant que l'opposition n'a rien trouvé à dire. C'est pourquoi l'orateur refuse catégoriquement de commenter le document.

La seule chose qu'il ait remarquée en le feuilletant est qu'il ne contient aucune allusion à l'université Esch-Belval. M. Knaff se demande par exemple si le conseil échevinal a prévu la construction de logements pour étudiants. L'orateur affirme avoir l'impression que le conseil échevinal ne fait que se réjouir de ce que Esch ait été choisi pour accueillir l'université, sans toutefois prendre les mesures nécessaires.

Pour conclure, M. Knaff se réserve le droit de revenir sur le budget pluriannuel lors de la prochaine discussion budgétaire. En effet, le comportement du conseil échevinal aujourd'hui est, selon lui, inadmissible. Il refuse donc de commenter un document qu'il n'a pas pu lire en détail.

André Hoffmann (Déi Lénk): Gëtt en iwwerholl vu Caramba?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Jo!

André Hoffmann (Déi Lénk): Mä déi Informatiounen, déi ech wuelverstanen nëmmen iwwert d'Press matkritt hunn, déi sinn awer drop erausgelaf, Caramba...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Et huet keen eis gefrot, soss hättet mer et gesot.

André Hoffmann (Déi Lénk): ...iwwerhëlt als Iwwergangsléisung.

Schäffe Félix Braz (DEI GRENG): Mir och aus der Press!

André Hoffmann (Déi Lénk): Dat ass dann awer och bedauerlech aus Ärer Perspektiv, wann Dir et och iwwert d'Press gewuer gitt. Vu dass jo och Caramba mat zu Belval aklëmmt, besteet awer d'Gefor, dass Caramba herno seet: „Elo maache mer eis net an der Stad selwer Konkurrenz; kommt maache mer den Ariston zou.“

Och wann et d'Escher Gemeng eppes kléngs géif kaschten – dat ass och an anere Gemengen esou, am Inland an am Ausland gëtt et där Beispiller – géif ech dofir plädéieren, dass fir e Kino an enger Stad ze erhalen, d'Gemeng och e bësse bäileet, fir dass deen net verschwënnt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mä Här Hoffmann, mir hunn dat och an der Vergaangenheet gemaach. Mir hunn iwwert eisen ordinäre Budget um Ariston participéiert.

André Hoffmann (Déi Lénk): Jo, ech weess dat. Dat hei bezitt sech op déi lescht Informatioun, déi Dir a mir aus der Press kritt hunn.

Dat si just déi puer Remarquen, déi ech wollt maachen. Ech well awer nach eng Kéier de Wonsch ausdrécken, dass mer bei iergendenger Geleeënheet dee pluriannuelle Plang e bësse méi sachkundeg hei diskutéiere kënnen, nodeem mer e studéiert hunn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Här Hoffmann. Et ass dann um Här Knaff, an duerno um Här Huss.

Pierre-Marc Knaff (DP): Madame Buergermeeschter, et ass fir mech natierlech nach e bësse méi schwéier, Stellung ze huelen, étant donné datt ech aus berufleche Grënn e bësse méi spéit an d'Sitzung komm sinn an Är anscheinend exzellent Presentatioun dofir net matkréie konnt.

Non empêche, datt ech awer fannen, datt et e staarkt Stéck ass, wann een de Conseilleren esou en Dokument, wat een annoncéiert huet, den Dag vun der Sitzung virleet. An da vun de Conseillere verlaangt, dozou eng Diskussioun unzefänken, sech dozou ze positionéieren, nodeem een net d'Méiglechkeet hat, dat Dokument ze iwwerpräiwen – gegebenefalls mat senge Parteimemberen duerchzekucken, ze iwwerschaffen –, fir dann eng Décisioun par Rapport zu deem Blat kënnen ze huelen.

Et huet ee gesot: „Dat Positivt vun engem Pluriannuel ass, datt et e gëtt.“ Mä dat Eefällegt un engem Pluriannuel ass, datt ee muss dervu schwätzen, wann een d'Dokument eng hallef Stonn zur Verfügung hat. Ech fannen dee Procédé onsäglech. An ech géif mengen, datt et dat emol net um Geriicht gëtt, datt een en Dossier um 9 Auer virgeluecht kritt, wou een um Véierel op néng en Dossier plädéiere misst. Dat sinn esou Geleeënheeten, wou de Schäfferot awer e bësse weist, wat e vun der Oppositioun hält. Wou e probéiert, d'Oppositioun domm ausgesinn ze loossen. A wou den Dag drop dann am Tageblatt steet: „D'Oppositioun huet géint dee gudden Pluriannuel, dee presentéiert ginn ass, keng weider Géigewier gelescht.“ Kee Wonner, well mer eis net mat deem Dokument ausernanersetze konnten.

Da steet natierlech duerno an der Zeitung: „D'Conseillere vun der Oppositioun hu sech bedeckt gehalen; si hunn net vill gesot.“ Maja, d'Explicatioun ass: wann een en Dokument net laang huet, da kann een net ganz vill dozou soen.

Ech wäert et dofir net esou maachen, wéi meng Virriedner aus der Oppositioun, an elo do verschidde Saachen, déi ech vläicht en passant beim Duerchbliedere gesinn hunn a soen: „Oh, do ass vläicht eppes, wou ee vläicht eppes dozou soe kéint.“ Nee, dat maachen ech elo net esou.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Dat ass beim Budget!

Pierre-Marc Knaff (DP): Ech hu just eppes, wat ech beim Duerchbliederer net gesinn hunn: ech hunn a kengem Moment gesinn, wéi d'Escher Gemeng de Fait, datt mer d'Uni op Esch-Belval kréien, wéi se dee Phenomen an déi Tatsaach accompagnéiere wëll. Do steet kee Wuert dovunner dran.

Et steet net dran, ob mer iergendwéi wëlles hunn ze kucken, fir Wunnengen oder soss iergend eppes ze maachen, fir déi nei Realitéit do ze accompagnéieren. Ech fannen, do hätt missen eng speziell Rubrik gemaach ginn. Déi feelt.

Ech froe mech, ob mer déi Saach iwwerhaapt seriö genuch huelen. Mir jubiléieren driwwer, datt mer et hunn. Mä mir mussen et awer dann och elo seriö begleeden, fir datt dat e Succès gétt.

Fir de Rescht reservéieren ech mer, bei den nächste Budgetsdebatten op dee Pluriannuel do zrëckzekommen. Also wa mer dat genauestens iwwerpréift hunn. Ech loosse mech net op déi dote Method an, fir elo iwwert eppes ze schwätzen, wou mer virun enger halwer Stonn d'Dokument kritt hunn. Ech fannen dat doten net ganz seriö. Dir hätt eis dat dote kënnen presentéieren an dann hätte mir kënnen an där nächster Sitzung driwwer schwätzen. Dann hätt jidderee gewosst, ëm wat datt et géif goen. Ech fannen dat doten, wéi gesot, net an der Rei.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Här Knaff. Et wier dann um Här Huss.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Madame Buergermeeschter, just ganz kuerz – méi kuerz wéi soss, well ech am Moment Problemer mat menge Stëmmbänner hunn – also dofir just e puer kleng Bemierkungen dozou. Merci selbstverständlech fir d'Presentatioun a fir d'Servicer, déi eis et erlaabt hunn, déi gutt Iwwersiicht, mat den Zuelen, ze kréien.

Wat d'Form ubelaangt vun der Debatt – wou elo besonnesch den Här Knaff drop agaangen ass – wou gesot gétt, dat wär e staarkt Stéck, datt mer hei missten esou schwätzen. Ech mengen, Här Knaff, wat hei net verlaangt ginn ass bei der Presen-

tatioun vun dësem Dokument, ass datt mer elo eng detailléiert Budgetsanalyse maache géifen. Mä et ass presentéiert ginn, fir de Conseillere allegueren – ob Opposition oder Majoritéit – ze erlaben, dat wat tëschent de Koalitiounsparteien am Koalitiounsprogramm ofgemaach ginn ass, e wéineg ze illustréieren an iwwert déi nächst Joren duerzestellen. Dat ass jo awer e bekanntent Dokument. Méi ass domadder net geplangt.

Et gétt net vun lech erwaart, datt der elo hei eng fundamental Kritik an eng Detailanalyse vun alle Punkte maache sollt. Dat ass wierklech réischt méiglech, wa mer de Budget herno maachen. Do kënn der jo dann dorobber zrëckkommen. Et ass jo och kee Vote heiriwwer, wann ech dat richtig verstane hunn. Et ass eng Presentatioun vun deem, wéi d'Koalitioun iwwert déi nächst Joren hir Saache realiséiere wëllt.

Wat jo awer en nätzlecht Dokument ass, fir datt ee sech eng Idee méi virstelle kann iwwert déi nächst Joren. Da sinn awer eng Partie vu Conseillere e wéineg op dese Pluriannuel agaangen.

Ech well haaptsächlech op zwou Bemierkungen agoen, déi den Här Maroldt gemaach huet. Den Här Maroldt huet sech par rapport zu deem Investitiounsprogramm do zimlech skeptesch gewisen. Ech géif bal soen ongleeweg – et kann een och soe pessimistes. En huet sech ongeféier esou ausgedréckt, wéi wann dat net realisierbar wier. Hie géing sech froen, ob dat eng Chimère wier oder eng Fatamorgana.

Ech ginn emol dovun aus, datt jiddereen heibanne sech drun erënnere kann, wéi mer 1999 nach an enger anerer Koalitioun waren, wou den Här Hoffmann nach mat derbäi war. Do hu mer e Koalitiounsprogramm hei virgestallt kritt. Ech ka mech ganz genau erënnere, datt deemools den Här Maroldt gesot huet – iwweregens och den Här Jaerling hat et gesot –, wa mer nëmmen d'Halschent vun deem Programm géife realiséieren, da géif hie mam Vélo de Gaalgebierg eropfuere...

Schäffe Félix Braz (DEI GRENG): Den Dieswee!

Jean Huss (DÉI GRÉNG): ...den Dieswee erop fuere. An den Här Maroldt huet

Jean Huss (DÉI GRÉNG) remercie tout d'abord Mme Mutsch pour sa présentation, ainsi que tous les services qui ont contribué à l'élaboration du budget.

Il fait ensuite remarquer à M. Knaff qu'il n'était pas dans les intentions du conseil échevinal de demander aux conseillers d'analyser en détail le budget pluriannuel. Le document est de toute façon une simple illustration de ce que la majorité souhaite accomplir les prochaines années. Il souligne également le fait que le budget se base sur le programme de la coalition et que celui-ci devrait être connu de tous. Par ailleurs, aucun vote du budget n'est prévu. Le conseil échevinal souhaitait simplement présenter le budget aux conseillers et écouter leurs commentaires. Il signale toutefois l'importance du document qui fournit des informations importantes sur le développement de la ville dans les prochaines années.

M. Huss revient ensuite sur deux remarques de M. Maroldt. Tout d'abord, celui-ci s'est montré particulièrement pessimiste quant au programme d'investissements. Or l'orateur rappelle que M. Maroldt et M. Jaerling ont fait exactement les mêmes commentaires en 1999.

Aly Jaerling (Indépendant) interrompt M. Huss.

Jean Huss (DÉI GRÉNG) lui conseille d'aller vérifier par lui-même si oui ou non des écoles ont été construites. De toute façon les chiffres démontrent que les projets que prévoit le budget sont réalisables. Les services communaux ont démontré leur excellence par le passé en réalisant plus de 70% des projets prévus. M. Huss ne comprend donc pas du tout le pessimisme de M. Maroldt.

Le deuxième point concerne une remarque de M. Maroldt selon laquelle les projets ne sont pas réalisables, car la commune n'est pas solvable. Tout d'abord, M. Huss signale à M. Maroldt qu'une analyse de la situation financière est réalisée avant l'élaboration du budget pour voir ce qui est réalisable. Il lui rappelle que les conseillers ont par ailleurs le droit de vérifier eux-mêmes

la situation financière de la commune. Ensuite, l'orateur souligne que l'endettement d'Esch est plus bas que celui de 2/3 des autres communes du pays, et ce, malgré un programme d'investissements plus ambitieux. En effet, l'endettement ne représente que 3% des recettes ordinaires. La situation financière de la commune est donc tout à fait confortable.

Frunnes Maroldt (CSV) interrompt M. Huss.

Jean Huss (Déi Gréng) réplique qu'au contraire, 3% des dépenses ordinaires constituent un endettement raisonnable. Cela représente moins de 3.500.- francs sur un revenu de 100.000.- francs. Esch peut donc se permettre de réaliser les projets prévus sans s'endetter excessivement. M. Huss est par ailleurs convaincu qu'à la fin du mandat, la situation financière de la commune sera toujours aussi solide.

L'orateur annonce que par conséquent, les Verts soutiennent le programme d'investissement, qui se fait dans la continuité de ce qui a été retenu dans le programme de la coalition. Il estime que le conseil échevinal est sur la bonne voie pour préparer Esch au futur.

Paul Weidig (LSAP) souhaite revenir sur une remarque de M. Hoffmann. En effet, lui aussi est d'avis que le budget pluriannuel serait plus transparent s'il était mis en relation avec le plan de développement de la ville, respectivement des quartiers.

En ce qui concerne le financement des syndicats intercommunaux, dont beaucoup se plaignent, M. Weidig souligne que bon nombre des dépenses prévues sont purement hypothétiques. Ainsi, les 500.000.- euros prévus pour le SIVÉC ne correspondent pas à un projet concret. L'argent réservé au ZARE ne constitue qu'un préfinancement qui sera remboursé lorsque la Maison de relais sera vendue à une société. En ce qui concerne SIDOR, l'aménagement de nouvelles installations est prévu. Mais il n'est pas encore clair com-

deemools gesot, wa mer méi wéi 50% géife realiséieren, da géif hie säin Hutt ofhuelen. Mer hu jo awer Zuelen hei dran, déi weisen...

(Interruption par Monsieur Jaerling)

Jean Huss (Déi Gréng): Also gitt kucken, wou d'Schoule stinn, déi gebaut gi sinn. Déi Schoule stinn, d'Piscine ass fäerdeg gemaach ginn, Här Jaerling. Déi Saache si realiséiert ginn.

Bon, dovunner ofgesinn, wann een d'Zuele kuckt, déi am Dokument stinn, wat de Réalisé vun där viregter Koalitioun ubelaangt: dat waren iwwer 70%. Dofir verstinn ech de Pessimismus vum Här Maroldt an där Hisiicht net. Eis Servicer hu gutt Aarbecht an deene leschte Jore gelescht. An ech ginn dovunner aus, datt déi Servicer och an deene kommende Joren déi selwecht gutt Aarbecht wäerte maachen. Datt mer e Réalisé hunn, deen iwwer 70% ass, dat weist drop hin, datt deen Investitiionsplang wäitgehend realistes ass.

Dat Zweet, wat der gesot hutt a wou der och skeptesch waart, war: Dir wéisst net, wéi dat bezuelbar soll sinn. Dir hutt lech d'Fro gestallt iwwer d'Solvabilitéit vun der Escher Gemeng. Dir hutt gesot: „Et ginn émmer erëm nei Emprunten gemaach.“

D'Situatioun ass déi: et gëtt jo eng Analyse, déi seet, dir kënnt dat net maachen, wat der wëlles hutt, well der d'Suen net hutt. Dir kennt jo awer d'Finanzsituatioun vun der Escher Gemeng, Dir misst se op jidde Fall kennen, déi gëtt jo ënner anere an der Verscholdungssituatioun vun enger Gemeng ausgedréckt.

Wann der kuckt, wéi d'Veerscholdungssituatioun vun der Escher Gemeng ass, da gesitt der, dass mer ongeféier am ënneschten Drëttel sinn, par rapport zu den anere Gemengen hei am Land. Obscho mer grouss Investitiionsprogrammer maachen.

Wann ee kuckt, datt déi Verscholdung par rapport zu de Recettes ordinaires ronn 3 Komma iergendeppes Prozent ausmécht: dat ass awer wierklech eng Verscholdung, déi absolut zolitt ass, déi net...

(Interruption par Monsieur Maroldt)

Jean Huss (Déi Gréng): Neen, dat ass eng Verscholdung, déi a mengen Aen – an dat kann lech jiddereen dobausse confirméieren – keng riseg Verscholdung ass. Wann ech 100.000.- Frang Akommes hätt, da géif dat ausmaachen, datt ech 3.500.- Frang pro Mount misst rembourser. Op 100.000.- Frang Akommes! Ech mengen, dat versteet jiddereen, datt een dat pro Mount maache kann.

Et kann een also net soen, datt mer an enger Situatioun wieren, wou mer eis déi Saachen do net leeschte kéinten a wou mer eis iwwerméisseg verscholde géifen. Eis Finanzsituatioun bleift um Schluss vun där Koalitioun – och wann dat heite gemaach gëtt – grondleeënd eng zolitt Finanzsituatioun. Ech wëll och dofir haut net méi dozou soen. Well et och net den Objet vum Débat ass, am Detail op déi eenzel Punkten hei anzegoen.

Op jidde Fall ass kloer, datt mir als Gréng hannert dësem Investitiionsprogramm stinn. En ass am Fong d'zäitlech Streckung vun deem, wat mer am Koalitiionsprogramm ugekënnegt haten. An ech sinn och sécher, datt mer dësen Investitiionsprogramm wäerte wäitgehendst realiséieren.

Mir sinn als Gréng der Meenung, datt d'Koalitioun um richtege Wee ass, fir eis Stad virun ze entwéckelen. Op deem Wee also, dee mer schonn déi leschte Jore gemaach hunn, fir op d'Zukunft virzebereeden. Och am Kontext vun der Entwécklung vun de Broochen a vun der Universitéit op Esch-Belval. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Här Huss. Den Här Weidig, w.e.g.l.

Paul Weidig (LSAP): E puer Remarquen. Déi éischt: do wëll ech kuerz op dat agoen, wat de Schäffen, den Här Hoffmann, gesot huet. Ech fannen, dass eng Partie...

André Hoffmann (DEI LENK): De fréiere Schäffen!

Paul Weidig (LSAP): Jo, de fréiere Schäffen. Hien huet eng Partie pertinent Remarquë gemaach. Eng wollt ech erausgräifen. An zwar dass e gesot huet, dass en Dokument sécher méi transparent wär, wann een dat am Rapport zu de Studentwécklungspläng géif gesinn. Ech fannen dat eng gutt Remarque.

Mä ech wëll och drop hiweisen, dass mer am Pluriannuel virun allem och Suen ageschriwwen hunn, fir d'Quartierspläng ze entwéckelen. Dat ass e wichtege Punkt dozou. Ech wär awer frou, wa mer an Zukunft eng ganz enk Relatioun kéinte weiderentwéckelen, zwësche Stadentwécklung, zwësche Quartierentwécklung. Virun allem Stadentwécklung mat senge ganzen Aspekter, souwuel deen urbanisteschen, wéi dee sozialen, wéi dee vun der Formatioun an esou wieder. An och wa mer dat an Zukunft an där Form presentéiere kéinten.

Doriwwer eraus hunn ech nach e puer aner Remarquen. Éischtens, mir beschwéieren eis ëmmer e bëssen iwwert d'Syndikater. Ech wëll awer drop hiweisen, dass déi Suen, déi ageschriwwen sinn, eigentlech Hypothese sinn. Ënner anerem déi vum SIVEC. Déi 500.000.-Euro, dat ass kee konkrete Projet. Déi Sue vum ZARE, déi ageschriwwen sinn, missten normalerweis e Préfinanzement sinn, deen herno komplett kompenséiert misst ginn, wa mir et fäerdeg bréngen, eng Aart Maison de Relais ze bauen, déi herno un d'Firmë weiderverkaaft gëtt oder au moins soutrahéiert gëtt.

An dat Lescht ass dann de Problem SIDOR. Ech wëll drop hiweisen, dass do eng ganz nei Anlag entsteet. An et ass nach net 100prozenteg kloer, wéi de Finanzement leeft. Et gëtt versicht, dat Ganzt iwwer Emprunten ze decken. Mä vu dass d'Gemengen ëmmer méi manerjärege ginn, ass dat net esou 100prozenteg sécher. Mir müssen do wierklech kucken, dass mer awer e Minimum u Fräiraum behalen, fir finanziell seriö plangen ze kënnen.

Eng zweet Remarque betrëfft den héijen Taux de réalisation vun de Servicer. Mol dovun ofgesinn, dass sécher eng ganz flott Aarbecht gelescht ginn ass vum Service comptabilité, fir de Pluriannuel ze maachen, wëll ech awer drop hiweisen, dass och an deene Servicer, déi zu 70% d'Aarbechte réaliséieren, déi virgesi sinn, eng gutt Aarbecht gelescht gëtt.

Déi drëtt Remarque betrëfft sämtlech Projeten, déi mer innerhalb vun de Fonds structurels lafe loossen. Mir müssen eis bewusst sinn: mir kënnen bis 2008 bezuelen, mir müssen awer bis Enn 2006 déi Suen engagéiert hunn. Soss kréie mer déi

Suen net méi erëm. An do muss ee sech och bewusst sinn, dass déi ganz Suen, déi iwwer Fonds structurels bezuelt ginn, mussen virfinanzéiert ginn. An da kréie mir 20% zréck.

An deem Kontext wëll ech och nach eng Kéier op d'Passerelle hiweisen: wat fir e wichtege Impakt dat op d'Liewensqualitéit wäert hunn. Virun allem vun deene Leit, déi an der Noperschaft vun der Gare wunnen. Do hu mer ganz héich verdichtete Wunnraum. An ech mengen, et wär ganz wichteg, wa mer dat au moins nach op de Wee geleet kréie kéinten, dass mer do vun deenen 20% vun de Fonds structurels profitéiere kënnen.

Dat Lescht ass just eng Remarque zum Projet Trilux, dee ganz wichteg ass. Mir hunn do 600.000.- Euro drastoen. Do misst ee menges Erachtens awer wéinstens eng Recette dergéint setzen. Et kann net sinn, dass dat do de ganze Chiffer ass. Well dat wär ee Véierel, dee mer do ze bezuelen hätten iwwert déi Étude iwwert dee Science-Parc, deen hei am Schlassgaart soll entwéckelt ginn. Dann hätte mer herno 2,5 Milliounen Étude fir dat Ganzt. Dat kann net sinn. Dat do ass mat grousser Wahrscheinlechkeet de gesamte Chiffer. Dir wësst jo, dass de FEDER 50% iwwerhëlt an dass d'Stad Tréier ee Véierel iwwerhëlt a mir ee Véierel.

Dat also, esouwäit wéi een dat an där kuerzer Zäit iwwerblécke konnt. De Plan pluriannuel ass zum Deel eng Visioun. Et sinn Tendenzen, déi opgewise ginn, an deenen ee sech beweegen kann. Et ass keen exakte Planning méiglech – dat si mer eis alleguete bewusst –, well weder d'Recetten nach d'Dépensé ganz präzis ageschat kënnen ginn. Mä et ass einfach wichteg, dass mer e gudden Iwwerbléck kréien, iwwert d'Tendenzen, wéi et an deenen nächste Jore weidergeet. Dofir nach eng Kéier dem Schäfferot an der Buergermeeschtesch Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Här Weidig. Ech wollt just probéieren, op déi puer Froen anzegoen, déi hei gestallt gi sinn an déi eng oder aner Remarque kommentéieren.

De Schäfferot muss feststellen, dass mer ganz graff déi nämmlechte Situatioun hunn, wéi viru fënnef Joer. Wou sech gewonnert ginn ass, dass et soll méiglech

ment s'opéiera le financement. M. Weidig explique que normalement il devrait se faire essentiellement à travers des emprunts. Mais d'autres communes peuvent changer d'avis au dernier moment. C'est pourquoi Esch doit se réserver une marge de manœuvre.

M. Weidig remercie ensuite le service comptabilité pour sa contribution à l'élaboration du budget, mais surtout aussi les services qui s'occupent de la réalisation des projets.

Il en vient ensuite aux projets dont le financement passe par les fonds structurels. Il explique que bien que la commune ait jusqu'à 2008 pour payer, elle doit engager l'argent avant la fin 2006 si elle souhaite être remboursée à 20%. L'orateur cite comme exemple la passerelle qui reliera le Gaalgebierg à Esch-Centre. Ce projet est très important pour les habitants du quartier de la gare où la densité d'habitations est élevée. La passerelle devrait considérablement augmenter leur qualité de vie. Mais il convient de mener le projet de telle façon que 20% du coût total soient bel et bien remboursés.

M. Weidig passe ensuite au projet Trilux. Le budget prévoit des dépenses pour un montant de 600.000 euros. Mais ce projet est financé à 50% par FEDER et à 25% par la ville de Trèves. La commune d'Esch ne devra donc déboursier qu'un quart des 600.000.- euros.

Pour conclure, M. Weidig estime que le budget pluriannuel constitue une vision indiquant les tendances pour les années à venir, mais il ne s'agit pas d'un planning exact, car il manque encore trop de détails concernant les recettes et les dépenses. Cependant, il fournit des indications montrant le chemin qu'Esch doit suivre dans les années à venir. M. Weidig remercie Mme Mutsch et le conseil échevinal.

Lydia Mutsch (LSAP) souhaite revenir sur plusieurs points. Tout d'abord, elle constate qu'elle retrouve chez les membres de l'opposition le même scepticisme qu'il y a 5 ans. Or le budget pluriannuel 2006-2011 ne prévoit que ce qui est strictement nécessaire au développement de la ville.

Elle fait ensuite remarquer à M. Maroldt que l'endettement net entre 2000 et 2005 est sensiblement le même qu'entre 1992 et 1997, période au cours de laquelle l'échevin responsable des finances était membre du CSV. En effet, l'endettement était alors de 25,035 millions d'euros contre 25,5 millions aujourd'hui.

En ce qui concerne la Kulturfabrik, Mme Mutsch réplique à M. Maroldt que lorsque celui-ci était échevin, la KUFA touchait un quart de ce qu'elle touche aujourd'hui. Il est vrai que tout ceux qui travaillent à la Kulturfabrik réalisent un travail formidable, mais pas plus que beaucoup d'autres. L'oratrice cite comme exemple le directeur du théâtre d'Esch. Elle rappelle par ailleurs que la commune a financé, cette année, le festival du film d'animation et le festival Flamenco. La commune ne peut pas faire plus. Par conséquent, Mme Mutsch estime que si le ministère de la Culture peut se permettre de verser 150.000.- euros à la Kulturfabrik, il devrait le faire par le biais de subsides extraordinaires comme la commune l'a souvent fait auparavant. L'oratrice souligne enfin que la ville d'Esch est une des villes luxembourgeoises qui soutient le plus la culture.

Mme Mutsch réplique ensuite à la remarque de M. Knaff selon laquelle il n'aurait pas eu le temps de prendre connaissance du dossier avant la séance. Elle lui fait remarquer qu'il aurait dû assister à la réunion de la commission des finances avant-hier ou du moins y envoyer un membre de son parti.

Pierre-Marc Knaff (DP) intervient.

Lydia Mutsch (LSAP) lui répond qu'aucun membre de la fraction DP n'a assisté à cette réunion. Or le budget pluriannuel y a été présenté et des informations importantes ont été données. M. Knaff aurait même pu s'y procurer le document. Mme Mutsch estime par conséquent que si l'opposition n'a pas souhaité assister à cette réunion, elle devrait éviter de se plaindre aujourd'hui. Elle précise ensuite qu'elle partage l'avis de M. Hoffmann concernant la

sinn, de Gros vun deenen Dépensen, déi mer veranschlagen a vun deene Projeten, déi mer virhunn, dass dat och tatsächlech realiséiert soll ginn a finanzéierbar soll sinn.

Här Maroldt, mir soen net nëmmen: „Mat Mooss no vir“, mir liwweren och hei – esouwäit et an engem Pluriannuel Sënn mécht an et vun den Estimatiounen hier gemaach ka ginn – en plus de Beweis, dass dat mat dem aktuelle Stand vun Informatiounen méiglech ass. Dir kënnt mer gleewen, dass mer eis, wéi och an der Vergaangenheet, wierklech beméit hunn, fir net méi wéi dat virzugesinn, wou mer tatsächlech mengen, dass et absolut wichteg a fir d'Zukunft vun Esch onerlässlech wier.

Wat Är Aussoen iwwert d'Verscholdung ubelaangt, Här Maroldt, wollt ech lech just rappeléieren, dass dee Verscholdungsgrad, dee mir an der Period 2000 bis 2005 haten, mat eise 25,5 Milliounen Nettoverscholdung – mir setze jo zum Deel méi héich Montanten an, fir den Equiliber am Budget ze kréien – do hu mir genee deen nammlechte Verscholdungsgrad wéi tëscht 92 a 97. Wou menges Wëssens d'CSV de Finanzschäfften hat a wou mer 25,035 Milliounen geleint hunn. Ech wollt lech dat just rappeléieren, well wann Dir dat esou sot...

(Interruption)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): An de Konten, net am Initial, an de Konten. Dat heescht, dat ass op 0,0 an esou weider près, genee deen nammlechten Degré d'endettement wéi och haut. Ech wollt lech dat just rappeléieren, fir dass Är Aussoen iwwert d'Verscholdung awer an de Kontext gesat kënne ginn. An ech wëll haut net analyséieren, well dat net d'Thema ass, ob deemools oder an deene leschte 5 Joer méi fir Esch investéiert ginn ass.

Dir hutt dann och Aussoe gemaach iwwert d'Kulturfabrik. Och hei wëll ech lech rappeléieren, dass zu deem Zäitpunkt, wou Dir am Schäfferot waart, d'Kulturfabrik e Véierel vun deem hat, wat se haut an der Konventioun huet. A mir wëllen einfach keng Surechère maachen. Et ass ëmmer einfach ze soen: „Gitt deenen aarme Jongen dach déi Suen, déi maachen eng formidabel Aarbecht.“

Éischtens: jo, si maache wierklech eng formidabel Aarbecht, mä anerer maachen och eng formidabel Aarbecht. Eisen neien Direkter mécht eng formidabel Aarbecht a sengem Theater. An hie freet eis och – zum Beispill am Hibleck op d'Kulturjoer 2007 – fir méi en héije Budget kënne ze kréien. An ech fannen, dass hien e verdéngt huet. Genee wéi mer et mat der Kulturfabrik gesot hunn. Dëst Joer hu mer eise Centenaire an an dësem Kader hu mir zum Beispill hire Festival „Films d'animation“ an de Flamenco-Festival finanziell ënnerstëtzt. An dat war och ganz an der Rei esou.

Wann de Kulturministère mengt, hie kéint op Grond vun senger finanzieller Situatioun am Moment schonn – well dat ass jo da fir eis an deem Fall fir all déi nächst Joren – 150.000.- Euro méi ginn, ma da soll en hinnen déi Suen iwwert e Subside extraordinaire ginn – si brauchen déi –, wéi mir dat an deene vergaangene Joren an och 2006 permanent mat der Kulturfabrik gemaach hunn. Ouni eis ënner Drock ze setzen an ze maachen, wéi wa mir de schlechte Konventionspartner wieren. Dat wollt ech awer och emol eng kéier hei soen.

Mir hu vill Acteuren um kulturelle Plang, déi mir gären ënnerstëtzen. Mir sinn eng vun deene Stied am Land, déi prozentual déi meescht Dépensé fir Kultur hunn, souwuel am Ordinaire, wéi och am Extraordinaire. A mir brauchen eis hei net soen ze loossen, mir géingen do net matzéien oder mir géingen net genuch fir d'Kultur investéieren. Dat ass einfach eng Behauptung, déi net richtig ass. Déi dréit och net deem Rechnung, wat eis Virgänger schonn um kulturelle Plang erreicht hunn. Well soss hätte mer déi Kulturfabrik iwwerhaapt net.

Da sinn hei och Remarquen iwwert dat Dokument gemaach ginn, dass et ze spéit komm wier. Ech wëll elo näischt dovunner soen, dass der jo awer am Endeffekt alleguerte frou sidd, dass der et hutt. Mä ech wollt awer virun allem dem Här Knaff soen: dann hätt der vläicht virgëschter ee vun Ärer Partei an d'Finanzkommissioun solle schécken. Dann hätt der ee solle schécken, well dat Dokument...

Pierre-Marc Knaff (DP): *(micro éteint)*

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ech soen lech et just. Et war

keen do vun lech. Dat Dokument ass en détail vum Vizepräsident virgestallt ginn. Well de President operéiert ginn ass a keng Stëmm huet. Dowéint ass déi Diskussioun schon am Virfeld gelaf. A wann der gewollt hätt, hätt der och vill zousätzlech Informatiounen an esouguer en Dokument kritt, wann der et gefrot hätt.

Déi dote Saache waren an Ärer Remarque – Dir wiert haut iwwerrumpelt ginn – vläicht e bëssen ënnergaangen. Well all Kéiers, wa mir e Pluriannuel hunn an och all Kéiers, wa mer e Budget hunn, da gi mer dat virdrun an d'Finanzkommissioun. Well do déi Leit setzen, déi am Endeffekt am meeschten outilléiert sinn...

Pierre-Marc Knaff (DP): *(micro éteint)*

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Ma dat ass traureg, dass d'Finanzkommissioun nëmme fënnf Zeilen diskutéiert huet...

Daniel Codello (LSAP): Awer 20 Minutte Presentatioun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): An ech sinn dem Vizepräsident dankbar, dass en dës Presentatioun gemaach huet. Wann d'Oppositioun sech net méi dofir interesséiert, da brauch se och haut net meckeren ze kommen.

Den Här Hoffmann huet Ausféierungen iwwert d'Stadentwécklung gemaach, déi mir och hei deelen. Dat fannt der, wann der dat nach méi am Detail kuckt: Dir hutt ee Poste „Stadentwécklungsplanung“. Wou notamment déi Volete Plans sectoriels mat dra sinn. Mir hunn an där Form nach net fir all Beräicher Plan sektoriellen. Mir hunn e Stadentwécklungsplang, deen eng Gesamtorientatioun duerstellt.

An dee Stadentwécklungsplang oder déi Planung, déi fléisst och bei alle grouse Projeten an. Souwuel hausintern bei de Reuniounen – sou wéi Dir et aus der Vergaangenheet kennt – wéi och wat de Projektmanagement ubelaangt, fir Projeten, déi doriwwer erausginn. Do ass eis Stadentwécklung mat abezunn.

Et sinn am Fong zwou Pisten, déi mir elo fuere wëllen. Déi eng Piste ass déi, fir déi Plan sektoriellen allegueren opzestellen. Dofir hu mer och en entsprechende Budget opgestallt an dësem Pluriannuel. An

do brauche mer och Hëllef vu baussen, well de Bléck eleng geet – wéi an der Vergaangenheet – fir esou Saachen net duer.

Zweetens, mir maache Staddeelentwécklungspläng. Do fänke mer am Quartier Brill un. Well mer hu gesot: „Vu dass mer dee Projet fir d'Brillplaz kréien, hätte mer gären, dass d'Leit iwwert dat matschwätzen, wat an hirem Quartier geschitt. Da kann och hir Visitékaart vun hirem Quartier mat an déi doten Diskussioun afléissen.“ Sou dass mer fir déi Quartiersentwécklungspläng am Quartier Brill kennen ufänken.

Dir hutt dann och vun de Schoule geschwat a gesot, et kéint een d'Quartierschoulen, et kéint een hei, et kéint een do... Ech wëll lech just soen, dass mer nach ni – en chiffre absolu et en pourcentage – esou vill an eis Schoulen investéiere wëllen, wéi an deenen nächste Joren.

Eleng fir d'Brillschoul investéiere mer bal 20 Milliounen. Et ass e schlechte Verglach – ech weess et, mä ech maachen en awer – et ass e bësse wéi mat eise Stroossen. Mir hunn esou vill Stroossen, wou Nohuelbedarf ass, dass mer einfach kontinuéierlech no der Prioritéit 1 Stroossen astand setzen. Ech géing soen, d'Brillschoul wier am Moment fir eis eng Prioritéit 1. Genee wéi mer an engem neie Wunnquartier souwuel den ëffentlechen Transport, wéi och d'Begleitinfrastrukture vun de Schoulen, no de Critères de développement durable, en place setze wëllen, wann d'Leit ufänken, dohinner wunnen ze kommen.

Mir ware jo an eist Nopeschland eng Rëtsch vu Projeten ukucken – ech mengen, do war Dir och deemools mat oder et war op alle Fall e Vertrieder mat. An do ass gesot ginn, datt déi schoulesch Infrastrukture sollen en place sinn, wann et richteg lass geet. Fir dass een net schon negativ Situatiounen bei engem neie Projet créiert.

Dat heescht, mir hunn net gesot, datt sech dat net vläicht an deenen nächste Joren eng Kéier als wierklech Prioritéit oder absolut Noutwendegkeet kënn erweisen.

Dir hutt Recht: d'Neidierfchen, do kommen nees vill jonk Famillje bäi, wou kleng

mise en relation du budget pluriannuel avec le plan de développement urbain. C'est pourquoi le document contient une partie consacrée au développement de la ville avec des plans sectoriels. Certes on n'a pas encore réalisé des plans sectoriels pour tous les domaines, mais la commune souhaite suivre deux pistes à l'avenir. Premièrement, elle souhaite réaliser tous les plans sectoriels nécessaires et un budget conséquent a d'ailleurs été prévu pour ce projet. Deuxièmement, elle veut réaliser des plans de développement des quartiers en commençant par le quartier du Brill.

En ce qui concerne les écoles, Mme Mutsch admet qu'il n'y en a jamais assez. Cependant, elle constate également que jamais Esch n'a autant investi dans les écoles que maintenant. Elle rappelle que 20 millions d'euros ont été réservés à la seule école du Brill. Mais malheureusement, le conseil échevinal ne peut pas réaliser tous les projets en même temps. C'est pourquoi il a fallu fixer des priorités et l'école du Brill a été choisie comme priorité numéro 1. D'un autre côté, l'oratrice reconnaît que lorsque l'on aménage un nouveau quartier, il faut prévoir des infrastructures scolaires. Mais la commune s'est informée au sujet de différents projets réalisés en Allemagne et il est apparu que les infrastructures scolaires devraient être aménagées lorsque tout le reste est en place. Bien entendu, il n'est pas à exclure que la construction d'une école à Neudorf deviendra une priorité plus tard, mais jusqu'en 2011, d'autres priorités ont été retenues. Pour ce qui est d'Insenborn, Mme Mutsch explique que l'intention du conseil échevinal est de remettre continuellement en état le home destiné aux enfants d'Esch. Une délégation s'est d'ailleurs rendue sur les lieux il y a cinq semaines pour vérifier les travaux qu'il reste à accomplir. Or la situation n'est pas aussi dramatique que prévu. Qui plus est, une partie du budget ordinaire est également réservée à Insenborn. Ceci explique, selon l'oratrice, que la somme inscrite dans le budget pluriannuel est relativement basse.

Mme Mutsch passe ensuite à la question des cinémas à Esch. Elle rappelle que le complexe cinématographique, qui ouvrira ses portes à Esch-Belval, comprendra 8 salles. L'ouverture de ce complexe est importante, car actuellement beaucoup de gens préfèrent se rendre dans un complexe à Luxembourg-Ville au lieu d'aller à l'Ariston ou au Kinosch. Toutefois, le conseil échevinal fera tout pour que les cinémas dans le centre de la ville subsistent. L'oratrice explique ensuite que depuis un an, la fabrique d'église, copropriétaire de l'Ariston, ne voulait pas renouveler son contrat avec Utopolis, car elle estimait que l'exploitant n'investissait pas suffisamment dans ce cinéma. Et il y a quelques mois, le contrat n'a effectivement pas été renouvelé. Il a donc fallu chercher un nouvel exploitant. Il se trouve que M. Massard de Caramba est demandeur. Celui-ci a garanti qu'il maintiendrait l'Ariston ouvert, bien qu'il ait également été choisi pour exploiter le nouveau complexe à Esch-Belval. L'Ariston rouvrira d'ailleurs ses portes le 20 juin et le ministère de la Culture en deviendra copropriétaire. Mme Mutsch rappelle également que la commune a réservé, par le passé, d'importantes sommes d'argent dans le budget ordinaire pour remettre en état le bâtiment. Elle est d'ailleurs disposée à le refaire et même à soutenir un éventuel troisième cinéma dans le centre. Mais malheureusement, il y a des limites. Mme Mutsch constate en effet que la commune ne peut pas avoir d'influence sur les spectateurs, qui, en général, préfèrent les complexes. Pour conclure, Mme Mutsch souligne que, dans l'ensemble, la discussion sur le budget pluriannuel s'est déroulée de façon positive. Elle rappelle que le document est un instrument servant à planifier la politique d'investissement de la commune pour les prochaines années. Elle passe ensuite aux points 2 et 3 et donne la parole à Mme Spautz.

Kanner sinn. Dat war an der Vergaangeneheet net esou. Dofir hu mer dat an där Form net gemaach. Mä dee Besoin kann nees kommen. Allerdéngs sinn déi aner vun eis fir déi nächst 4, 5, 6 Joer méi prioritär ausgewise ginn. Dat heescht awer net, dass dat, wat Dir gesot hutt, net och am Uschloss dorop geschitt.

Wat Ënsber ubelaangt, do wëlle mer nach eng Kéier d'Absicht vum Schäfferot confirméieren, dass den Home fir eis Escher Schoulkanner erhale bleift a kontinuéierlech astand gesat gëtt. Nach viru 5 Woche war eng Delegatioun vum Schäfferot mat de Servicer dohinner, fir genee opzeleschten, wat mer ze maachen hunn. An déi Chiffere spiggele sech net nëmmen am Extraordinaire, mä och am Ordinaire erëm. Esou dass dat och eng Explikatioun dofir ass, firwat dat lech net esou héich erschénge huet, wéi den Zoustand – deen awer net esou dramatesch ass, wéi vill Leit gefaart haten – et noutwenneg mécht, wat d'Investitiounen ubelaangt.

Wat den Ariston ubelaangt: Et entstinn 8 nei Kinossäll op Belval – wat ganz wichteg ass, well frot mol eng Kéier déi jonk Leit, wéivill ganz automatesch an d'Stad ginn an net drun denken, fir hei zu Esch an de Kino ze goen – obwuel mer den Ariston an de Kinosch hunn. Dat hänkt vläicht domadder zesummen, dass Kino haut mat Begleitinfrastrukturen gesi gëtt, déi a Richtung Erlebnisswelt ginn. Wat déi kleng Kinoe vläicht net kënnen an och net wëllen assuréieren.

De Schäfferot wëll hei awer nach eng Kéier bestätegen, dass, nieft deem neie Kinokomplex, deen am Kader vum Projet Belval-Plaza 1 entsteet, mir alles drusetzen, fir dass déi Kinoen am Zentrum vun Esch erhale bleiwen. Mir hunn och schon e puer mol Diskussiounen mat de Proprietären – der Kierchefabrik, mat deene mer eng exzellent Zesummenaarbecht hunn a mam Ministère – doriwwer gefouert.

Et war e Fait – an dat ass eis zënter engem Joer bekannt – a mir sinn do nach um nämmelechte Stand, wéi do, wou Dir am Schäfferot waart – dass d'Kierchefabrik de Vertrag mam Utopolis net verlängere wollt. Do gouf et eng Rëtsch vu Grënn. Vläch och um tëschemenschleche Plang. Awer virun allem, well an deene leschte Joren vu Säite vun deem, deen

de Kino bedriwwen huet, net esou an den Ariston investéiert ginn ass, wéi de Proprietär sech dat erhofft an erwünscht huet.

Zu deem Moment war et nach net sécher, ob et den Utopolis oder Caramba wieren, déi den neie Kinokomplex op Belval iwwerhuele géingen. An dat war ganz einfach eng ontragbar Situatioun. Well dee Kino muss dréngend moderniséiert ginn. Dowéinst ass dee Vertrag net méi verlängert ginn. Dat ass elo Februar oder Mäerz de Fall gewiescht. Mir waren also elo an där Iwwergangssituatioun, wou en neie gesicht ginn ass.

Mä mir sinn elo iwwert Press gewuer ginn, dass et schon esouwäit ass. An eise Wëssensstand ass deen, dass den Här Massard vu Caramba Demandeur ass, fir deen dote Kino. Hien ass grouss gi mat kleng Kinoen an, obwuel de Choix fir Belval elo op hie gefall ass, wëll hien déi kleng Kinostrukturen parallel dozou um Liewen halen.

Den 20. Juni geet en erëm op. A mir hunn do den Accord, a Präsenz vum Proprietär, dass de Kulturministère mat eraklëmt.

Mir selwer hunn an deene vergaangene Joren am Ariston schon an eise ordinäre Budget eng Hand ugepaakt, wann et gewünscht war. Dat war net fir de Kino de Fall, mä fir d'Gesamtgebei. Do hu mer eng Hand ugepaakt a mer géingen dat à la rigueur och fir de Kino maachen. Dat war awer bis elo net gewünscht oder et war net gefrot. Mir hu jo awer och, wat d'Investitioun an e Kinosbetrieb ubelaangt, Limiten als Gemeng. Dat ass och an anere Gemengen, déi kleng Kinoe bedriwwen, net vill aneschtens. Mä dat ass d'Situatioun.

Mir wëllen zwee Kinoen hei zu Esch behalen a mir géingen och een ënnerstëtzen, deen op d'Idee géing kommen, nach en drëtten hei zu Esch ze bedriwwen. Dat ass nämmelech onheemlech wichteg, och wa se alleguerte soen, dass d'Leit léiwer a méi e grouse Komplex ginn. Mir kënnen d'Verhale vun de Konsumenten eben net esou steieren, wéi mir et heiansdo gären hätten.

Ofschlëssend wéilt ech awer drop hiweisen, dass ech fannen, dass dës Diskussioun och vu Säite vun der Oppositioun

konstruktiv war a mer ginn dovunner aus, dass dëst Dokument an deenen nächste Méint a Joren en hëllefriicht Instrument duerstelle wäert, fir eis Investitiouns- a Finanzpolitik an dëser Mandatsperiod. Mat deenen Adaptatiounen a Modifikatiounen, déi et als Pluriannuel am nächste Joer kréie wäert, well dat ass eben en évolutivt Dokument.

Mir kéimen dann, wann Dir d'accord sidd, zum Punkt 2. Nee, zum Punkt 3, Pardon. Do geet d'Wuert un eis Sozialschäffin. Wa si d'accord ass, da ka si déi zwee Punkte matenee presentéieren: de Punkt 2 an de Punkt 3. Also souwuel Co-Labor wéi och de CIGL. Mer stëmmen dat dann herno separat of, wann Dir et gären esou hätt, mä mer kënnen Diskussioun iwwert déi zwee féieren.

Punkt 3: Convention avec la société CO-LABOR; décision

Punkt 4: CIGL: budget 2006; décision

Schäffe Vera Spautz (LSAP): Merci. Et sinn, wéi gesot, zwou Konventiounen, déi lech virleien. Déi éischt ass vu Co-Labor, déi mat der Escher Gemeng zesumme gemaach gëtt an déi mer elo schonn e puer Joer lafen hunn. Dëst ass eng Konventioun, déi sech am Projet vum Parc transfrontalier vun Terres Rouges realiséiert. Et si Mesures de formation et d'insertion sociale des demandeurs d'emploi résidents. Et ass erëm eng Zomm vu 50.000.- Euro am Budget ageschriwwen, dee mer am Dezember gestëmmt hunn a wou mer elo d'Konventioun stëmmen. Déi richteg Zomm ass 49.995,87 Euro, wann Dir alles op déi véier Projeten, déi mer fir dëst Joer mat hinnen zesumme realiséiere wëllen – am Zäitraum vum 1. März bis den 31. Dezember 2006 – zesummenzielt. Ee vun de Projete vum CIGL – dat wäert ech herno virstellen – leeft och am Kader vum Parc transfrontalier Terres Rouges of.

Déi heite Konventioun bezitt sech op d'Travaux de dégageement bei der Seelebunn. Dir hutt hannendru véier Devise virleien. Den éischten Devis ass d'Clôture. Also d'Mise en place vu Clôturen: vun Hecken a vun Nëssbeem. Oder Nësserten, wéi een dat seet. Deen zweeten Devis ass d'Mise en place vu Clôtures vivantes. Dat sinn Hecken, déi am Moment am Parc Nonnewise sinn an herno eriwwer an de Parc transfrontalier komme sollen.

Dat drëtt – e ganz flotte Projet – ass dee vun enger Konstruktioun vun engem Abri en bois. E Projet, deen och am Kader vum Parc transfrontalier realiséiert gëtt. Wat sech herno an deem Sentier erëmfannen wäert, wou déi kleng Abrise gemaach ginn. Am Kader vum CIGL kommen ech nach eng Kéier drop zrëck. Wou een dann op esou kleng Maison relaisé goe kann.

Dat véiert ass, wéi gesot, den Degagement vun der aler Seelebunn. Dat ass beim Kazeberg. Dir hutt d'Detailer virleien, wéi d'Formatiounen opgebaut sinn, wéivill Stonnen et sinn a wat gemat gëtt.

An zum Schluss hutt Dir dann d'Participation vum der Gemeng virleien, mat 50.000.- Euro oder mat deem Chiffer, deen ech lech virdu méi genau genannt hunn. Also wat mer an eisem Budget ageschriwwen hunn, ënnert dem Libellé „Participation de la Ville à des mesures d'insertion sociale“, an dat fir d'Joer 2006. Si kréien dat Geld ëmmer op Grond vu Facturen iwwerweisen, déi si eis virleeën, deementspreechend wéi déi eenzel Aarbechte weider ginn.

Ech géif dann och direkt op déi nächst Konventioun kommen. Eng Konventioun, déi mer – souwäit ech weess – elo schonn 8 Joer laang mat dem Escher CIGL hunn. Den Här Codello weess et, hie war laang genuch President. Iwweregens ass den Här Wohlfarth mëttlerweil de President vum CIGL. Dat kann ee vläicht och mol eng Kéier ervirhiewen. An ech ënnerstëtzen, datt et en neie jonke President ass, dee mer do hunn.

Dir hutt de Budget do leien. Op där éischter Säit, de Budget prévisionnel fir 2006 mat engem globale Montant vun 1.584.003,29 Euro. An deen deelt sech op déi eenzel Participatiounen op. De Stat gëtt 75% un deem Budget bäi an d'Gemeng huet 25%, déi se iwwerhëlt. An deem Kader war elo viru kuerzem och d'Generalversammlung vun dem Escher CIGL, wou den Här Codello d'Passation de pouvoir un den Här Wohlfarth gemaach huet.

Ech wollt do just dräi Saachen eraushiewen, wat den Escher CIGL ugeet. Wa mer d'Multimedia-Stuff huelen - wou am Moment elo ee responsabele Chef de service ass oder eng responsabel Chef de service mat 6 Employéen -, gëtt et do eng Ent-

Point 3: Convention avec la société CO-LABOR; décision **Point 4: CIGL: budget 2006; décision**

Véra Spautz (LSAP) explique qu'il va être question de deux conventions. La première est une convention entre Co-Labor et la ville d'Esch. Elle se réalise dans le cadre du projet du parc régional transfrontalier. Il s'agit de mesures de formation et d'insertion sociale des demandeurs d'emploi résidents. Le budget de décembre prévoit d'allouer 50.000.- euros à Co-Labor, afin de réaliser quatre projets.

Mme Spautz précise que cette convention se rapporte aux travaux de dégageement de la «Seelebunn». Le premier projet consiste à mettre en place une clôture de haies et de noyers. Ensuite, il s'agira de mettre en place des clôtures vivantes. Des haies se trouvant actuellement dans le parc Nonnewisen seront transplantées dans le parc transfrontalier. Le troisième projet prévoit la construction d'un abri sous bois. Enfin, le dernier projet consiste à dégager la «Seelebunn».

L'oratrice précise que la contribution de la ville se chiffre à 50.000.- euros. Ce montant était déjà inscrit dans le budget voté en décembre.

Elle passe ensuite à la convention suivante entre la commune et le CIGL. Elle rappelle que M. Wohlfarth a récemment remplacé M. Codello à la présidence du CIGL. L'oratrice explique que le budget prévisionnel 2006 accorde 1.584.003,29 euros au CIGL. Mais ce montant sera financé à 75% par l'Etat. Mme Spautz souhaiterait faire 3 remarques à ce sujet. La première concerne la Multimedia-Stuff dont s'occupent un responsable et 6 employés. En 2003, 736 consultations y ont été effectuées. En 2005, le chiffre est passé à 3.224. Le nombre de consultations a donc été multiplié par 6 en l'espace de 3 ans.

Mme Spautz passe ensuite à la garderie Heemelmaus, dont s'occupent un chargé de direction et 4 aides-éducateurs. La capacité de la garderie est actuellement de 14 enfants de 2 à 8 ans. Mais l'emménagement dans de nouveaux locaux de 130 m², fin juin, permettra de rédui-

re considérablement la liste d'attente.

En ce qui concerne le projet Handkesselchen, un projet du CIGL s'adressant aux personnes de plus de 60 ans, Mme Spautz constate qu'en 2004, 3.317 heures de travail ont été réalisées. En 2005, le chiffre est passé à 2.494. Cette baisse s'explique par une réorganisation interne à travers des formations et des suivis d'accompagnement. Toutefois le nombre de demandes est destiné à augmenter, car en ce moment 6.100 personnes de plus de 60 ans vivent à Esch et la tendance est à la hausse. L'oratrice précise d'ailleurs que le service est d'ors et déjà très demandé, de sorte que dorénavant, le projet Handkesselchen offre aussi de réaliser des tâches ménagères.

En ce qui concerne le parc régional transfrontalier, Mme Spautz précise que le CIGL collabore avec Co-Labor. Il s'agit de réaliser la réfection du Lanneewe. Des travaux ont également été entrepris dans le Minettswee. D'autres communes, comme Schifflange, Kayl et Differdange, ainsi que des communes françaises, participent à ces travaux.

L'oratrice ajoute que le parc régional transfrontalier est censé devenir une importante attraction touristique pour la région, et en particulier pour Esch. L'office du tourisme se charge d'ailleurs de la promouvoir.

Mme Spautz se réjouit tout particulièrement de la collaboration avec les communes françaises dans le cadre de ce projet régional. Plusieurs projets ont d'ailleurs déjà été réalisés, comme le Minettswee ou la Maison Rosati. La contribution de la commune s'élève à 25 % du prix total.

Et étant donné que ces deux projets, Co-Labor et CIGL, viennent en aide aux chômeurs de la ville d'Esch, dont le nombre est croissant, Mme Spautz estime que les conseillers devraient voter en faveur des conventions.

Aly Jaerling (Indépendant) se réjouit de ce que dans le projet Co-Labor vienne en aide, essentiellement, à des demandeurs d'emploi résidant à Esch. En revanche, il trouve nettement moins positif que,

wécklung, déi awer trotzdem oplauschte-re léisst. Waren 2003 nach 736 Consultatiounen an der Multimedia-Stuff, esou bezitt dat sech méttlerweil bei 2005 op 3.224 Consultatiounen, déi do stattfannen. Also innerhalb vun 3 Joer dat 6-facht.

E weidere Projet, deen ech eraushiewe wollt, ass dee vun der Garderie Heemelmaus. Do, wou déi am Moment ass, huet se eng limitéiert Kapazitéit vu 14 Kanner, well et e klenge Raum ass, wou déi Kanner am Moment betreit kënnen ginn. Kanner zwëschent 2 an 8 Joer. Et ass awer esou, datt si elo en neit Lokal kréien. Am Mee sollt et viraussichtlech fäerdeg sinn, mä et wäert Enn Juni gi bis d'Aweiung ass. Wou der dann natierlech och alleguerten vun de Kollege vum CIGL invitéiert wäert ginn. Et wäerten nei Raimlechkeete vun 130 qm sinn.

Verglach mat deene 45 qm, déi dat Lokal elo hat, wäerten dann deemtsprechend och méi Kanner do kënnen opgeholl ginn. Et läit natierlech och lo méi eng grouss Demande vir vu Kanner, déi wëllen dohinner goen, als wéi se am Moment kënnen huelen. Da kann déi och ofgedeckt ginn: am Moment schaffen do eng Chargé de direction a véier Aides-éducateurs, déi a Formatioun sinn.

De leschte Projet: den Handkesselchen. Et ginn natierlech méi Projeten, déi vum CIGL réaliséiert ginn. Den Handkesselchen, dee sech u privat Persounen iwwer 60 Joer riicht, huet am Joer 2004 3.317 Stonne gehat u Leit, wou en Aarbechte gemaach huet, an am Joer 2005 en Total vun 2.494 Stonnen. Elo kënnt Dir soen: „Firwat ass et do erofgaangen?“ Si sinn amgaange sech frësch ze organisieren, och intern iwwer Formatiounen a Betreuungssuivien a si wäerten 2006 doudsécher erëm mat hire Stonnen an d'Luucht goen. Eleng wann ee weess, datt hei zu Esch ongeféier 6.100 Leit sinn, déi iwwer 60 Joer hunn a wann ee weess, dass d'Bevëlkerung och ëmmer méi al gëtt, da weess een och, datt dee Chiffer do wäert an Zukunft an d'Luucht goen. Et ass op jidde Fall e Service, deen oft gefrot gëtt.

An an deem Service gi méttlerweil och esou Aarbechten organiséiert, wéi zum Beispill datt do ka gewäsch a gestreckt gi fir d'Leit. Also net nëmmen déi Saachen,

déi se soss gemaach hunn: mol kleng Aarbechten am Gaart oder Schnéi schëppen an esou weider. Mä deen ass och ausgebaut ginn. Domat si se elo amgaangen.


Dann de Park Terres Rouges, wou se e gemeinsame Chantier zesammen hu mat Co-Labor, deen ech elo virdu virgestallt hunn. Wat och ee ganz flotte Projet ass. Dat ass d'Réfectioun vum Lanneewe a gemeinsam Aarbechten, déi och elo am Minettswee lafen. Minettswee, dat ass e Projet, wou niewent der Escher Gemeng nach eng ganz Rei aner Gemengen dru participéieren: Diddeleng, Rëmeleng, Kayl, Schëffleng, Suessem, Déifferdeng an esou weider. En plus, wat och flott ass, d'Projets transfrontaliers, wou och mat de Gemengen aus Frankräich zesumme geschafft gëtt, A wou regelméisseg Sitzunge stattfannen.

E Projet, deen am Moment amgaangen ass réaliséiert ze ginn an deen herno, wann en ofgeschloss ass, eng absolut touristesch Attraktioun fir d'Regioun Süden a ganz besonnesch fir d'Gemeng Esch wäert sinn. Eng Attraktioun, déi och – esou stellen ech mer dat op jidde Fall ëmmer vir – vun eisem Office du tourisme wäert kënnen weiderverkaaft ginn. E Projet deen – wéi den Här Codello richteg seet – och interregional ass. Wat mir als Escher Gemeng ganz gären erwirhiewen, fir op der franséischer Säit am Kader vun eisen Activités transfrontalières zesummen ze schaffen. Do si jo och schonn een, zwee Projete réaliséiert ginn. Nieft deem Minettswee, d'Maison Rosati oder wéi dat, wat elo d'Co-Labor als Refuge wäert maachen an hirem Projet. Wou ee sech dann och ausroue kann, wann een op deem Wee ënnerwee ass. Also dat nëmmen e puer Beispiller aus den Aktivitéiten.

(Interruption)

Et kann een op en Troun klammen? Jo! Wéi gesot, et ginn eng ganz Rei flott Aktivitéiten do gemaach.

D'Gemeng participéiert mat 25% dodrun an ech denken, am Kader vun de ganzen Diskussiounen ëm déi klammend Chômagezuelen – och hei zu Esch – sinn dat doten zwee wichteg Projeten, déi d'Gemeng ënnerstëtze muss a soll. Well et och esou ass, datt versicht gëtt, an deene Projete majoritär Escher Chômeuren ze beschäftegen an hinnen eng Formatioun ze ginn.



Accès facilité par toutes les lignes d'autobus

Journée sauna réservée aux dames le mercredi
Les joies de l'eau pour les grands et les petits

Place des Sacrifiés 1940-1945
Esch/Alzette - tél.: 26 53 13 53



Escher Schwemm

Les Bains du Parc

Heures d'ouverture à partir du 18 septembre 2006

PISCINE

	Année scolaire:			Vacances scolaires:
Lundi	07.00 - 08.00	11.30 - 14.00	16.00 - 21.45	08.00 - 21.45
Mercredi				
Vendredi				
Mardi	12.00 - 21.45			
Jeudi	12.00 - 21.45			
Samedi	08.00 - 17.45			
Dimanche	08.00 - 12.45			

SAUNA

	Année scolaire:	Vacances scolaires:	Vacances d'été (15.07. - 15.09.):
Lundi	11.30 - 21.45	11.30 - 21.45	16.00 - 21.45
Mercredi			
Vendredi			
Mardi	12.00 - 21.45	11.30 - 21.45	
Jeudi	12.00 - 21.45	11.30 - 21.45	
Samedi	08.00 - 17.45		
Dimanche	08.00 - 12.45		

Timetable Kanal S28 "Lëtzebuurger Kanal"

Montag	Dienstag	Mittwoch	Donnerstag	Freitag	Samstag	Sonntag
0.00h	0.00h	0.00h	0.00h	0.00h	0.00h	0.00h
1.00h	1.00h	1.00h	1.00h	1.00h	1.00h	1.00h
2.00h	2.00h	2.00h	2.00h	2.00h	2.00h	2.00h
3.00h	3.00h	3.00h	3.00h	3.00h	3.00h	3.00h
4.00h	4.00h	4.00h	4.00h	4.00h	4.00h	4.00h
5.00h	5.00h	5.00h	5.00h	5.00h	5.00h	5.00h
6.00h	6.00h	6.00h	6.00h	6.00h	6.00h	6.00h
7.00h	7.00h	7.00h	7.00h	7.00h	7.00h	7.00h
8.00h	8.00h	8.00h	8.00h	8.00h	8.00h	8.00h
9.00h	9.00h	9.00h	9.00h	9.00h	9.00h	9.00h
10.00h	10.00h	10.00h	10.00h	10.00h	10.00h	10.00h
11.00h	11.00h	11.00h	11.00h	11.00h	11.00h	11.00h
12.00h	12.00h	12.00h	12.00h	12.00h	12.00h	12.00h
13.00h	13.00h	13.00h	13.00h	13.00h	13.00h	13.00h
14.00h	14.00h	14.00h	14.00h	14.00h	14.00h	14.00h
15.00h	15.00h	15.00h	15.00h	15.00h	15.00h	15.00h
16.00h	16.00h	16.00h	16.00h	16.00h	16.00h	16.00h
17.00h	17.00h	17.00h	17.00h	17.00h	17.00h	17.00h
18.00h	18.00h	18.00h	18.00h	18.00h	18.00h	18.00h
19.00h	19.00h	19.00h	19.00h	19.00h	19.00h	19.00h
20.00h	20.00h	20.00h	20.00h	20.00h	20.00h	20.00h
21.00h	21.00h	21.00h	21.00h	21.00h	21.00h	21.00h
22.00h	22.00h	22.00h	22.00h	22.00h	22.00h	22.00h
23.00h	23.00h	23.00h	23.00h	23.00h	23.00h	23.00h
24.00h	24.00h	24.00h	24.00h	24.00h	24.00h	24.00h

Luxe.tv

Veizecht-Kanal

Nordlicht

DOK

Liste des programmes - diffusion analogique

CHAINES TV LUXEMBOURGEOISES

Nr.:	Chaîne	Canal	Fréquence (MHz)
	INFOKANAL	S 02	112.25
	TELEZEITUNG / Videotext		
	CHAMBER TV	S 40	455.25
	RTL TELE Lëtzebuerg (5)	K 39	615.25
	2ten RTL	S 41	463.25
	T.TV	S 24	327.25
	.dok (1)		
	NORDLICHT TV (1)	S 28	359.25
	UJELZECHTKANAL (1)		
	INFOKANAL lokal	K 32	559.25

CHAINES TV ALLEMANDES

Nr.:	Chaîne	Canal	Fréquence (MHz)
	Das Erste (5)	K 40	623.25
	ZDF	K 06	182.25
	SÜDWEST3 RP (5)	K 41	631.25
	RTL TELEVISION	S 08	154.25
	RTL 2	S 18	280.25
	SUPER RTL	S 14	252.25
	PRO 7	K 05	175.25
	SAT 1	S 11	231.25
	3 SAT	S 16	266.25
	VOX	S 23	319.25
	KABEL 1	S 26	343.25
	MDR	K 22	479.25
	WDR	K 23	487.25
	BAYERISCHES FS	S 38	439.25
	DSF	S 04	126.25
	EUROSPORT international (2)	S 03	119.25
	NDR	K 26	511.25
	N-TV	S 22	311.25
	Ki:KA / LibertyTV	S 07	147.25
	(F) (3)		
	MTV	S 17	273.25
	VIVA	S 29	367.25

CHAINES TV FRANCAISES

Nr.:	Chaîne	Canal	Fréquence (MHz)
	TF1	S 10	168.25
	FRANCE 2	K 10	210.25
	FRANCE 3	K 12	224.25
	France 5 / Arte (4)	S 27	351.25
	TV 5	S 09	161.25
	M 6	S 06	140.25
	RTL 9	S 12	238.25
	RTL TVI	S 19	287.25
	LA 1 (RTBF 1)	K 11	217.25
	LA 2 (RTBF 2)	K 08	196.25
	CLUB RTL	S 39	447.25
	BE.TV (ancien Canal+) PayTV	S 20	294.25

CHAINES TV SUPPLÉMENTAIRES

Nr.:	Chaîne	Canal	Fréquence (MHz)
	RAI UNO	K 09	203.25
	RAIDUE	S 35	415.25
	RTPI	S 05	133.25
	SIC Internacional	S 25	335.25
	TVE Internacional	K 07	189.25
	RTL 4	S 15	259.25
	BBC World	S 13	245.25
	CNBC Europe	S 01	69.25

(1) heures de diffusion de NORDLICHT, UJELZECHT KANAL et .dok;

(2) voir Vidéotexte p. 114+115

(3) Eurosport: diffusion 2 canaux (C 1: allemand ; C 2: anglais)

(4) heures de diffusion: Ki:KA de 06h00 à 21h00 et LibertyTV de 21h00 à 06h00

(5) programmes à capter transitoirement également sur les canaux respectifs

(6) programmes à capter transitoirement également sur les canaux respectifs

(7) programmes à capter transitoirement également sur les canaux respectifs



ELTRONA

Télé. Dépannage: 54 53 43

lundi-vendredi de 08h00 à 21h00

samedi, dimanche et jours fériés de 10h00 à 21h00

(en dehors de ces heures sur répondeur)

STATIONS RADIO

Nr.:	Station	Langue	Fréquence (MHz)	Son
	DEUTSCHLANDFUNK	allemand	92.4	stéréo
	KLASSIK RADIO	allemand	106.8	stéréo
	RADIO HOREB	allemand	103.8	stéréo
	RADIO MELODY	allemand	106.2	stéréo
	RPR 1	allemand	96.6	stéréo
	RTL OLDIE	allemand	93.6	stéréo
	SR 1	allemand	94.8	stéréo
	SR 2	allemand	95.4	stéréo
	SR 3	allemand	96.0	stéréo
	SWR 1	allemand	97.2	stéréo
	SWR 2 RP	allemand	97.8	stéréo
	SWR 3	allemand	98.4	stéréo
	SWR 4 RP	allemand	99.0	stéréo
	WDR 2	allemand	104.4	stéréo
	MUSIGWÄLLE 531	Suisse (allemand)	93.0	stéréo
	RADIO EVIVA	Suisse (allemand)	107.4	stéréo

	FRANCE CULTURE	français	88.8	mono
	FRANCE INFO	français	87.6	mono
	FRANCE INTER	français	89.4	stéréo
	FRANCE MUSIQUE	français	88.2	stéréo
	CLASSIC21	français	91.8	stéréo
	LA PREMIERE	français	90.0	stéréo
	VIVA CITE	français	90.6	stéréo
	MUSIQ3	français	91.2	stéréo

	100.7	luxembourgeois	100.2	stéréo
	ARA	luxembourgeois	102.0	stéréo
	DNR	luxembourgeois	101.4	stéréo
	ELDORADIO	luxembourgeois	100.8	stéréo
	RADIO LËTZEBUERG	luxembourgeois	99.6	stéréo

	BBC	anglais	105.0	mono
	SKY RADIO	néerlandais	105.6	stéréo
	RADIO LATINA	portugais	102.6	stéréo

Injection locale

	RAI RADIO		106.5	
	RGL		103.5	
	BELLE VAL		104.7	
	RADIO SYMPHA		104.1	

Déi zwou Saachen also matenee virgestallt; si reie sech alleguerten ënnert deemselwechten Thema an. Ech géif lech bieden, deem zouzestëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Spautz. Den Här Jaerling, w.e.gl.

Aly Jaerling (Indépendant): Madame Buergermeeschter, un alleréischer Stell mol Merci fir déi gutt Presentatioun. Ech fänke lues a lues un, mech als fräie Mënsch méi mat deene Projeten do unzefrënnen.

(Hilarité)

Och wann ech nach net 100% iwwerzeegt sinn. Firwat mengt Dir, dass ech geflücht sinn, do wou ech war? Dat do war eng vun deenen Ursachen, well ech net esou ganz fräi an deene Saache schwätze konnt.

Schäffe Félix Braz (DEI GRENG): Vill huet der lech awer ni gequält, Här Jaerling.

Une voix: Fréier waart Dir dach méi raffinéiert.

Aly Jaerling (Indépendant): Dat ass normal, ech war zu Tirlémont. Ech si mam Zocker raffinéiert ginn. Mä et ass awer op jidde Fall begréissenswäert, dass et sech hei beim Projet Co-Labor haaptsächlech ëm Demandeurs d'emploi handelt, déi um Escher Territoire ugesiddelt sinn. Dat ass mol ganz positiv.

Wat ech net esou positiv gesinn, dat ass, dass d'Escher Gemeng dee ganze Käschtepunkt muss droen, wat beim CIGL jo am Fong eng aner Opdeelung ass. Dat heescht, 75:25. Da wär et awer net schlecht, wann de Stat hei och an deemselwechte Mooss géif participéieren. Ech gesinn, 50.000.- Euro sollen investéiert ginn. An d'Madame Spautz huet jo elo grad gesot, 49.995,87 géifen der awer effektiv gebraucht ginn. Da kënn ee jo nach e bëssen Dréngeld ginn.

Mä et si mer awer e puer Saachen doranner opgefall. Éischtens: wéi sou muss mer eng englesch Uni huelen, fir eng Étude ze maachen? Wa mer hei Nësserte planzen, firwat muss mer do eng englesch Uni huelen? Hu mer keng lëtzebueresch Uni?

Zweetens: mer hu jo awer och eng Ackerbauschoul hei, déi dat hätt kënnen plangen. Woubäi ech mol guer net iwwert de Präis diskutéiere wëll.

Da fält mer op: bei deene Projeten, wou mer d'Leit léiere sollen, mat enger Tronçonneuse ëmzegoen, bezuele mer 120.- Euro den Dag fir d'Locatioun vun enger Tronçonneuse. Also ech kann lech awer soen, fir dee Präis kritt een der zwou ze kafen an da kann ee se halen. Esou dass ech awer géif soen, dass mer do d'Fro stelle mussen, wou Dir déi Tronçonneusen léine gitt. Oder hu mer keng op der Gemeng, déi deene Leit zur Verfügung kënnen gestallt ginn, amplaz dass mer Tronçonneusë musse lease goen?

De Projet u sech ass net ze verwäerfen. Well e ganz kloer am Kader ass vun der Formatioun a vun der Integratioun vu Chômeuren an d'Aarbechtswelt. Och wa se – wéi ech dat nach ëmmer gesinn – e bësse fiktiv ass. Et ass awer schonn en éischte Schrëtt fir erëm Fouss ze faassen. Esou dass ech ka soen – mat deene Bemierkungen, wou ech hei gemaach hunn – datt ech mech mat deem Projet Co-Labor d'accord erklären an datt ech deen och wäert stëmmen.

Wat de CIGL ubelaangt, dat ass natierlech eng aner Envergure, eng aner Gréissenuerdning. Wou ech awer nach ëmmer meng Bedenken hunn, quitte dass déi Suen och gutt investéiert sinn. Mä wou ech nach ëmmer meng Bedenken hunn, dat ass am Zesammenhang mat der Concurrence déloyale vis-à-vis vun der Privatwirtschaft. Sou dass ech nach ëmmer der Meenung sinn, dass méi vun der ADEM a méi vum Ministère du travail misst versicht ginn, mat de Betriber zesummeschaffen an dann effektiv Aarbechtsplazen ze schafen an och Formatiounen ze maachen.

Ech mengen, do sinn eng Rei Projeten ënnerwee, déi engersäits och an déiselwecht Richtung ginn, wéi de CIGL dat mécht, mä déi awer vun der ADEM orchestréiert ginn. Wat ech och méi richtig fannen. Déi also vun der ADEM orchestréiert ginn a wou versicht gëtt, mat de Betriber direkt zesummeschaffen. Fir d'Leit, iwwert de Wee vu Stagen a Formatioun vun engem Joer, dann och fest an de Betriber ze beschäftegen.

contrairement à ce qui se passe pour le CIGL, la commune doit entièrement financer le projet. Celle-ci devrait essayer d'obtenir de l'Etat qu'il finance le projet à 75%. M. Jaerling se demande aussi pourquoi la commune a eu recours à une université anglaise pour réaliser l'étude concernant les noyers, et non à l'université de Luxembourg. Il y a aussi une école d'agriculture au Luxembourg, qui aurait pu s'occuper de la planification.

L'orateur a ensuite une remarque à faire concernant le projet qui consiste à apprendre à des chômeurs à utiliser une tronçonneuse. La commune dépense 120.- euros pour la location de chaque tronçonneuse. Or M. Jaerling est convaincu que pour le même prix, elle pourrait en acheter 2. C'est pourquoi il voudrait savoir si la commune ne pourrait pas mettre à disposition du projet ses propres tronçonneuses.

En ce qui concerne le projet Co-Labor, M. Jaerling estime qu'il offre la possibilité aux chômeurs de faire un premier pas vers la réintégration dans le monde du travail. C'est pourquoi il annonce qu'il votera en faveur du projet.

Il constate en revanche que le projet CIGL est d'une toute autre envergure. M. Jaerling a quelques considérations à faire à son sujet. Tout d'abord il se demande si le projet ne représente pas une concurrence déloyale pour l'économie privée. Il estime que l'ADEM et le ministère du Travail devraient plutôt essayer de collaborer avec les entreprises pour créer des postes de travail supplémentaires et organiser des formations. D'ailleurs, il constate que de tels projets, où l'ADEM collabore avec les entreprises privées, existent. Mais il reconnaît aussi que les efforts que fait le CIGL sont nécessaires, car il a repris le travail que l'ADEM a été incapable de faire.

Toutefois, selon M. Jaerling, il faudrait, à l'avenir, passer plus systématiquement par l'ADEM dans la lutte contre le chômage. C'est l'ADEM qui devrait s'occuper de l'encadrement des demandeurs d'emploi. Réaliser cela est plus important que de développer des mesures pour occuper les chômeurs. Ces mesures

peuvent subsister, mais il ne faut en aucun cas leur accorder des compétences supplémentaires. L'ADEM doit conserver la compétence en matière de lutte contre le chômage et devenir plus active. C'est pourquoi il faut qu'on lui accorde les moyens nécessaires.

M. Jaerling répète ensuite que la politique de lutte contre le chômage doit être du domaine du gouvernement et non d'entreprises privées. Dans ce contexte, il trouve choquant que l'ADEM ait l'intention de remettre les dossiers de chômeurs particulièrement difficiles à placer à des agences d'intérim. L'Etat a le devoir de fournir à tous les demandeurs d'emploi la possibilité de se former et de trouver un poste. Il ne doit pas se contenter de leur fournir un job fictif jusqu'à ce qu'ils soient en âge de toucher le RMG. C'est pourquoi M. Jaerling annonce qu'il s'abstiendra de voter pour le projet CIGL.

André Hoffmann (Déi Lénk) souhaite répondre à M. Jaerling. Il partage son avis en ce qui concerne la politique de l'emploi et de lutte contre le chômage. Il s'agit d'un devoir du gouvernement et il faudrait même prévoir des mesures au niveau européen. Mais la commune ne doit cependant pas se soustraire à ses responsabilités. Elle est régulièrement confrontée aux problèmes de ses habitants et doit se donner les moyens de réagir.

M. Jaerling a ensuite souligné les différences entre Co-Labor et le CIGL en ce qui concerne le financement. Mais M. Hoffmann lui fait remarquer que le CIGL est une ASBL, alors que Co-Labor est une coopérative. Co-Labor vend ses produits comme n'importe quelle autre société. Cependant, l'Etat soutient financièrement les aspects sociaux que Co-Labor assure, et notamment la formation des chômeurs. Qui plus est, la commune ne paye pas le prix réel, car une bonne partie du personnel travaille sous le statut d'ATI, alors que d'autres sont chômeurs. C'est pourquoi M. Hoffmann salue l'engagement du conseil échevinal à poursuivre cette politique.

L'orateur passe ensuite au projet du parc régional transfrontalier. Dans ce

Dat schéngt mer, fir mech perséinlech, nach ëmmer dee richtege Wee. Quitte dass ech awer ka soen: mat den Efforten, déi vum CIGL gemaach ginn – ob et elo CIGL ass oder Pro-aktiv, oder wéi se dann heeschen – an esou laang wéi déi elo bestinn, hunn ech awer gesinn, dass se noutwenneg sinn. Dass se dee Job iwweholl hunn, deen d'ADEM am Fong net fäeg war ze maachen. Dat muss een och soen.

(Interruption)

Et ass awer bedauerlech, dass et op privat Initiativen huet misste geschéien, dass endlech eppes an deem Sënn geschitt ass an dass d'ADEM sech drugehaangen huet. Mä esou dass ech awer elo soen, dass ech éischer der Meinung sinn, dass an Zukunft méi geziilt iwweholl d'ADEM soll gefuer ginn. Dass d'ADEM dat orchestréiere soll, well de Chômage soll méi konkret behandelt ginn. Déi Leit, déi Aarbecht sichen, sollen anescht encadréiert ginn, méi geziilt encadréiert an dann och vu Leit encadréiert ginn, déi ënner staatlecher Opsiicht sinn. Dat ass fir mech zukunftsweisend méi wichtig, wéi wa mer elo nach déi Beschäftigungsmessuren do weider ausbauen.

Ech hu kee Problem domat, dass se bestoe bleiwen. Mä ech sinn awer der Meinung, dass se net weider Kompetenze kréie sollen. An dass d'Kompetenzen, wat d'Aarbeitslosigkeit a wat de Chômage an iwwehaupt d'Beschäftigungsmessuren ubelaangt, an der Hand vun der Administration de l'Emploi bleiwe sollen. An dass d'Administration de l'Emploi do méi aktiv gi soll. Wat jo och an Zukunft geplangt ass: dass si och déi néideg Moyene kréie soll, fir déi Moosnamen, déi vu privat Initiativen iwweholl gi sinn, matgéréieren ze kënnen.

Wat d'Beschäftigungspolitik ubelaangt, dat soll eng Affaire vun deene sinn, déi responsabel sinn. Responsabel sinn, duerch hir Politik, de Stat an d'Regierung. Dat soll eng Affaire vun deene sinn. Déi sollen dofir suergen, dass déi Leit, déi keng Aarbecht hunn, anstänneg encadréiert ginn. Ech mengen, dat ass eng Aufgab vum Stat, ouni awer elo d'Aarbecht an de Beschäftigungsorganisatiounen wëllen a Mësskredit ze bréngen.

Mä et schéngt mer awer, dass dat net dee richtege Wee ass. An dass een de

Wee soll goen, dass de Stat zoustänneg ass fir d'Beschäftigungspolitik an net d'Privatentreprises. Esou dass et och net duerf esou sinn, dass d'ADEM wëlles huet – wéi dat elo geplangt ass – och nach eenzel Leit, déi schwéier ze placéiere sinn, un d'Interimsgesellschaften ofzeginn. Wat nach schlëmmer ass, wat schonn engem Mënschenhandel gläich kënn!

Dofir ass meng Approche: de Stat ass verantwortlech fir d'Beschäftigungspolitik. An de Stat soll sech drëm këmmen, dass all Chômeur déi néideg Formatioun kritt an d'Méiglechkeet kritt, fir erëm an e wierkleche Job eran ze kommen. An net, dass e jorelaang an esou Scheinjoben hin an hier wandert, bis hien dann op eemol al genuch ass fir den RMG ze kréien. Dann ass hien aus der Gesellschaft fort an da muss mer en erëm eng Kéier opfänken an erëm eng Kéier vu vir ufänken.

Dofir géif ech mech beim Budget vum CIGL, dee jo do ass an deen noutwenneg ass, op Grond vun deene Remarquen, déi ech elo gemaach hunn, enthalen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Et wier dann um Här Hoffmann an dono um Här Maroldt.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Merci. Ech dærf dann awer dem Här Jaerling kuerz äntwerten. Dat war ëmmer déi Diskussioun, wéi ech nach do uewe souz, och mat him: ech si selbstverständlech mat him d'accord, dass Chômage a Beschäftigungspolitik prioritär eng national also eng staatlech Aufgab ass, fir net souguer ze soen, eng europäesch. Op där anerer Säit sinn ech awer och der Meinung, dass d'Gemengen an deem do Beräich sech net aus der Verantwortung kënnen erauszéien. Mir si um Niveau vun der Gemeng mat deene soziale Problemer konfrontéiert, déi mat Chômage ze dinn hunn. A mer mussen och als Gemeng dorop reagéieren. Dofir begréissen ech et och, dass de Schäfferot an där doter Politik weiderfiert.

Deen anere Punkt, deen den Här Jaerling ugeschnidden huet, ass dee Verglach Co-Labor/CIGL. Ech wëll just drop hiweisen, datt dat einfach zwou verschidde Prozedure sinn. Et ass och net esou, dass mer bei Co-Labor de Coût réel bezuele géifen.

Well wann dat do de Coût réel wär, mat normale Salarieren, da géif dat vill méi deier ginn. Dat heescht, do sinn also zum Beispill eng Rei vu Leit, déi ënnert dem Statut vum ATI bei Co-Labor schaffen, oder et si Chômeuren.

An an deem Zesammenhang leet och de Stat – et ass zwar net u mir, de Stat ze verdeedegen, mä et ass awer einfach esou – bei Co-Labor fir déi sozial Aspekter bäi.

Si si jo am Ënnerscheid zum CIGL eng Coopérative. Dat heescht, si fonctionnéieren am Fong geholl wéi eng Privatgesellschaft. Si verkafen hir Produkter wéi aner Coopérativen oder SAen oder wéi och ëmmer. Mä fir dee sozialen Aspekt, dee si assuréieren – also Formatioun vu Chômeuren an esou weider – do leet de Stat bei Co-Labor bäi.

Dat heescht, et sinn zwee verschidde Mechanismen: CIGL ass Mechanismus ASBL a mir bezuele 25% an de Stat 75%. Dat anert ass eng Coopérative, wou de Stat och fir déi sozial Mesurë bäileet a wou mir e Produkt kafen, awer deen net zu engem Coût réel.

Ech begréissen et also wierklech ausdrécklech, dass Dir an där dote Politik weiderfuert. Ech schloen och déi zwee Punkten hei zesammen. Dee Parc régional transfrontalier – dat wësst Dir – läit mer um Häerz. Dat war à l'origine en äusserst ambitiëse Projet. Ech géif och de Schafferot bieten a vläicht och déi aner Memberë vum Conseil, a ween nach alles, déi éischt Dokumenter nach eng Kéier nozeliesen.

An deenen éischten Dokumenter, an där relativ ausféierlecher Étude, déi vum CEPS ausgeschafft ginn ass, sinn eng Rei vun Ideeën dran, wou een natierlech weess, fir déi ze realiséieren, brauch ee Ressourcen, déi mer – dat weess ech och – am Moment net onbedéngt hei an Esch hunn. Mir hunn dofir einfach mol kleng ugefaangen. Mam CIGL, mat Co-Labor, mat klenge Realisatiounen. D'Madame Spautz huet der virdrun eng Rei opgezielt. Sou solle mer och weiderfuere.

Ech mengen awer, dass mer gutt berode wäeren, wa mer erëm probéiere géifen, op déi éischt Ambitiounen e bëssen zrëckzekommen. Also de Projet erëm eng Kéier op en héijeren Niveau ze hiewen a

vläicht och e bësse méi laangfristeg ze plangen. Wat kann een an deem Kader do maachen? Ambitiëis ass de Projet jo net, well mer elo e Parc do maachen, sondern ambitiëis ass en, well ee probéiert, sozial Moossnamen, ekologesch Moossnamen an ekonomesch Moossnamen am Sënn vun engem Tourisme doux mateneen ze kombinéieren. Doduerch ass en ambitiëis. An doduerch, dass mer versichen, et grenziwwerschreidend ze maachen, ass de Projet ambitiëis.

Allerdéngs kommen doduerch och eng Rei vu Schwierigkeeten. Eng vun de Schwierigkeeten huet doranner bestanen – dat weess d'Madame Spautz och nach –, dass mer Interreg-Projet wollte ginn. Dat ass awer un de Ressourcë vun de franséische Gemenge gescheitert. Ech denken awer, dass de Schafferot – esou wéi meng Informatiounen sinn – probéiert, do erëm weider ze kommen. Och mat deene franséische Gemengen. Dat schéngt mer och ganz ganz wichteg ze sinn, eventuell erëm an en Interreg-Projet eranzekommen. Fir dann do och e bëssen europäesche Fric lasseäisen.

Ech fannen, esou e Projet – quitte dass dat elo bësse bizarre kléngt – huet och mat der Uni ze dinn. Well dat ass jo och d'Fro: gëtt d'Émfeld vun der Uni en Espace am Gréngen, mat allméiglechen Angeboter, dee vun deene Studenten oder deene Proffe genotzt ka ginn? Also deen Environnement naturel, dee mer op déi do Aart a Weis revaloriséieren, huet och eppes mat der Uni ze dinn.

Dann erënneren ech lech drun, dass do een Areal ass, wou ech ëmmer erëm drop kucken a mech ëmmer erëm froen: „Wat geschitt domadder a 5 Joer, an 10 Joer?“ Dir wësst, datt ech net begeeschtert sinn, dass d'Firma Cloos de Crassier ofbaut. Wann dat dann awer esou ass – mir hu jo och net all Afloss dodrop, well dat op franséischem Territoire ass – dann ass et fir mech nichtsdestotrotz immens wichteg, ze kucken, wéi mer deen Espace aménagéieren. Déi Sait an dës Sait vun der Grenz, laanscht d'Uelzecht, mat de Weieren an esou weider an esou fort, no bei Belval-Ouest.

(Interruption)

Jo, de Stand weess ech bis virun engem Joer. Ech hu jo och festgestallt: déi oppe

contexte, il invite les conseillers à relire l'étude du CEPS. M. Hoffmann se rend compte qu'il s'agit d'un projet ambitieux et qu'Esch n'a pas, en ce moment, les ressources nécessaires pour le réaliser. C'est pourquoi il a fallu commencer par de petites réalisations comme le CIGL ou Co-Labor. Mais selon M. Hoffmann, il faudrait rapidement revenir aux premières ambitions, car le parc régional transfrontalier combine des mesures sociales, écologiques et économiques. Il reconnaît les difficultés. En effet, la commune d'Esch souhaitait que le projet soit soutenu par le programme européen Interreg. Or cela n'a pas pu se faire à cause du manque de ressources des communes françaises. M. Hoffmann trouve cela regrettable, car le projet aurait pu profiter des subsides européens. Il faudrait donc relancer l'initiative. L'orateur s'inquiète également de ce qui va arriver à la zone dans 5 ou 10 ans. L'entreprise Cloos a prévu d'enlever le crassier. Il faudrait donc se demander comment réaménager l'espace. On aurait pu y aménager la piscine en plein air qui figurait sur le programme de la majorité, mais M. Hoffmann constate qu'elle ne figure plus sur le budget pluriannuel.

Félix Braz (Déi Gréng) lui signale qu'une piscine ouverte se trouve dans le quartier Nonnewisen.

André Hoffmann (Déi Lénk) suggère ensuite que le projet du parc régional soit introduit dans le Prosud et qu'on continue d'essayer de le combiner à des mesures sociales, c'est-à-dire au CIGL.

Pour terminer, M. Hoffmann estime qu'il faudrait réaliser une évaluation de l'efficacité des mesures sociales. Il se rend compte qu'il s'agit d'une opération difficile, car les associations n'apprécient en général pas qu'on les évalue. Parfois elles refusent même de fournir les données nécessaires. Cependant M. Hoffmann estime que la commune a le droit de savoir si les mesures qu'elle finance sont utiles et permettent effectivement aux chômeurs de retrouver un emploi.

Frunnes Maroldt (CSV) s'associe aux paroles de M. Hoffmann concernant l'évaluation des mesures sociales. Il est notamment nécessaire de s'assurer que celles-ci poursuivent un but précis. Il cite comme exemple une promenade qu'il a faite, début printemps, au Gaalgebierg. Ce jour-là, il a vu des ouvriers enlever des feuilles mortes dans le Lannewee. Or, le même jour, M. Maroldt a constaté que le Kutschewee était gorgé d'eau par endroits à cause d'un conduit d'évacuation obstrué. Ceci rendait le passage difficile pour les nombreux promeneurs et sportifs. C'est pourquoi l'orateur se demande si, au lieu d'enlever des feuilles mortes dans le Lannewee, il n'aurait pas mieux valu remettre en état le Kutschewee, en commençant par les endroits en plus mauvais état. En d'autres termes, M. Maroldt estime qu'il est nécessaire de ne pas simplement donner un job aux chômeurs pour les occuper, mais qu'il faut au contraire faire coïncider leur travail avec des besoins réels. Pour le reste, M. Maroldt ne trouve rien à redire aux projets.

Daniel Codello (LSAP) a deux remarques à faire concernant l'approche de M. Jaerling à Co-Labor et au CIGL. Tout d'abord, M. Jaerling aborde toujours la question de la concurrence déloyale. Or tous les CIGL ont des représentants du secteur privé et ceux-ci soutiennent les mesures. C'est notamment le cas de l'association des commerçants à Esch.

Ensuite, il signale à M. Jaerling que l'ADEM est impliquée dans le CIGL. Tous ceux qui obtiennent un contrat de travail au CIGL doivent, en effet, être inscrits à l'ADEM et ceci est strictement contrôlé par le ministère du Travail.

Puis, M. Codello explique que le ministère du Travail a mis sur pieds une cellule qui s'occupera d'évaluer les mesures sociales en faveur de l'emploi.

Pour conclure, l'orateur annonce aux membres du conseil qui sont également députés qu'il existe le projet de loi 5144 concernant les initiatives sociales en faveur de l'emploi. Selon M. Codello, il faut accorder à ces

Schwämm, déi am Programm vun der LSAP stoung, ass och net am Pluriannuel dran. Déi wär jo méiglecherweis op där Plaz...

Paul Weidig (LSAP): Mir hunn dach eng op den Nonnewisen,

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Nach eng Suggestioun – ech weess net wéi wäit dat entre temps gedien ass, déi Zäit, wéi ech nach am Schäfferot war, war dat awer schonn ugeklongen – ass, dass déi Idee Parc régional och an de Prosud eragedroe soll ginn, wou d'Buergermeeschtesch jo d'Éier huet, Presidentin ze sinn. Well „régional“, „transfrontalier“, dann heescht et jo: iwwert Grenze vun der Stad Esch eraus. An dass een och do probéiert, dat mat soziale Mesuren ze kombinéieren. Also mam CIGL.

Et ass selbstverständlech, dass ech dat och ënnerstëtzen. An deem Sënn also déi puer Wieder.

Eng Remarque awer nach. Ech weess, datt dat net einfach ass bei deene soziale Mesuren an ech weess, dass ech deemools och op Schwieregkeete gestouss sinn, mä et wär awer immens wichtig, e Suivi do ze hunn, eng Evaluatioun kënnen ze maachen. A wann d'Press net méi hei ass, dann däerf ech et vläicht méi haart soen. Bon, et steet souwiso herno dran.

Déi Associatioun sinn net ëmmer frou, wann een hinne proposéiert, eng Evaluatioun ze maachen. A si ginn d'Donnéen och net ëmmer gären eraus oder si soen: „Mir hu se net.“ Et ass awer immens wichtig, dass mer wëssen, wat laangfristeg mat deene Mesurë geschitt, déi mir do mat finanzéieren. Kréien déi Leit eng Aarbechtsplaz oder dréie se vun engem CIGL an deen anere ronderëm an da komme se herno erëm an de CIGL op Esch zrëck an esou weider an esou fort.

(Interruption)

Jo, d'accord. Mä da weess een et awer. Et ass wichtig, dass een et weess an dass een och d'Efficaciteit vun deene Formationsmesuren aschätzen kann. Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Hoffmann. Et wier dann um Här Maroldt.

Frunnes Maroldt (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen, d'Diskussion ëm de CIGL brauch ech elo hei net ze relancéieren. Et ass jo, am Fong geholl, nëmme eng Continuatioun vun engem Kontrakt, dee mer hunn. Dat heescht, dat wat ze soe war, ass scho gesot.

Ech wollt mech – a Richtung, wat den Här Hoffmann gesot huet – ralliéieren, wat d'Finalitéit ubelaangt an och wat de Suivi ubelaangt. Do deelen ech déiselwecht Suergen. Ech mengen, dass mat den Aarbechten eng Linn dran ass, dass ee seet: „Mir huelen eis deen dote But.“ Dorunner ralliéieren ech mech, wat Dir virdrun exposéiert hutt.

Ech hunn d'Gewunnecht, fir regelméisseg um Gaalgebierg iwwert de Lannewee spazéieren ze goen. Do ass mer opgefäll, dass virun zwee Méint – esou am Ufank, wéi d'Fréijoer komme sollt – och Leit mat deene Staubsaugeren, oder wéi nennt een dat, mat deene Blösmaschinen d'Blieder do ewech gemaach hunn. Do hunn ech mer gesot, datt dat zwar vläicht eng gutt Saach ass, mä deeselwechte Moment war den ënnegte Wee, wat mir och „de Kutschewee“ nennen, net passabel. Do si Plazen, wou d'Waasser sech staut a wou och eng Kéier probéiert gi war en Offlossrouer ze leeën. Dee war ëmmer verstoppt. Dat heescht, deen Deel war ganz schwéier ze begoen. Sou dass ech mer gesot hunn, dass et vläicht méi sënnevoll wär, se géifen dee Moment, wou se do uewen eng Bliederaktioun maachen, se besser dee Wee do ënnen an d'Rei maachen.

A wa se de Wee genee kenne géifen, da géife se éischer op deenen nevalgesche Punkten, wou de Wee an engem ganz schlechten Zoustand ass, intervenéieren. Well dee Kutschewee gëtt jo awer vu Sportler a vu ville Leit, déi einfach esou spazéiere ginn, benotzt. Duerfir misst do gekuckt ginn – dat geet eigentlech an déi Richtung, wat Dir och gesot hutt –, dass een déi Leit net einfach nëmme beschäftegt oder hinnen d'Beschäftigungsgefäll gëtt, mä dass do och eng Logik hannendrun ass.

Dat ass am Fong geholl dat, wat ech mat op de Wee ginn. Well ech fannen, amplaz datt mer einfach soen, mer setze se do an, sollt ee wierklech den Aarbechtsplang méi ofstëmme mat deene Saachen, déi

noutwenneg sinn oder sech opdrängen. Mä fir de Rescht wëll ech déi Diskussioun net erëm nei lancéieren. Ech mengen, do hunn ech kee Problem domat.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Maroldt. Et ass dann um Här Codello.

Daniel Codello (LSAP): Madame Buergermeeschter, ganz kuerz zwou Bemierkungen, wat dem Här Jaerling seng Approche dozou ugeet – an hie weess dat och ganz genau – engersäits bei der Co-Labor an zweetens bei de CIGLen: mer schwätzen hei vun „Initiative sociale en faveur de l’emploi“. Dir kommt ëmmer hei mat der Concurrence déloyale, mä Dir wësst ganz genau, datt net nëmme den Escher CIGL, mä all CIGL, deen op sengem kommunalen Niveau schafft, och ëmmer Vertrieeder aus der Privatwirtschaft mat an d’Boot hëlt. An déi ënnerstëtzen och déi Mesurë mat. Mir hunn hei notamment och Vertrieeder vum lokale Geschäftsverband, déi zënter Ufank mat an de Conseil d’administration vum CIGL agebonne sinn an och do dat mat ënnerstëtzen.

Dat zweet: Dir schwätzt ëmmer, Dir wëilt d’Beschäftigungspolitik exklusiv der ADEM iwwerloossen. D’ADEM sëtzt och mat am Boot. D’ADEM sëtzt vun Ufank u mat am Boot. Eischtens duerch d’Konvention, déi den Objectif plein emploi hei an dësem Kader mam Aarbechtsministère huet. An zweetens muss all Mann oder Fra, déi beim CIGL en Aarbechtskontrakt kritt, bei der ADEM ageschriwwe sinn. Et ass also net esou, dass et hei einfach esou zu wëllen an ondisziplinéierten Arrangementer vu Kontrakter kënnt. Déi Leit mussen bei der ADEM ageschriwwe ginn.

An ech kann lech aus sécherer Erfahrung soen, dat gëtt um Aarbechtsministère kontrolléiert. Do si schonn a leschter Zäit verschidde lokal Institutiounen uerg gebeetscht ginn, well se Leit agestallt hunn, déi net bei der ADEM ageschriwwe gi sinn.

Dat Drëtt, wat ech awer nach wollt soen: de Suivi. Do gëtt elo um Niveau vum Aarbechtsministère – ech hunn dem Här Zwally dat och de leschte Mëttwoch an der Finanzkommissioun geäntwert – eng Cellule opgebaut, déi sech mat den Initiatives sociales en faveur de l’emploi wäert beschäftegen, fir do de Suivi ze maachen:

wat den Taux de réalisation ass, wéivill Leit erëm op den éischten Aarbechtsmarché kommen a wéivill Leit an deene Messuren hänke bleiwen.

Dat ass och ee Grond firwat den ale President dat u méi e jonke President weiderginn huet, well dee sech um Ministère domadder befaasse wäert. Eisen Deputéierten heibanne wëll ech awer och nach soen – déi kréie jo och nach déi Occasioun; mir hunn zwee Leit heibannen, déi an der zoustänneger Chamberskommissioun sëtzen – dass et de Projet de loi 5144 iwwert Initiatives sociales en faveur de l’emploi gëtt. Ech denken, dass Dir do awer och Äre Match maache wäert an déi Kritiken ubréngt wäert. Och wat den Här Jaerling gesot huet, dass et do net zu enger Concurrence déloyale kënnt.

D’Initiatives sociales en faveur de l’emploi sollen e Statut kréien, deen et deene Leit erméiglecht, erëm eng Chance um éischten Aarbechtsmarché ze kréien. An ech hoffen, dass déi Escher Deputéierten an deem Sënn och dee Gesetzesprojet stëmmen wäerten. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Da kéime mer zum Här Wohlfarth.

Everard Wohlfarth (LSAP): Madame Buergermeeschter. Ech soen lech Merci, datt Dir mer d’Geleeënheet gitt, als neie President vum CIGL Esch d’Wuert hei ze ergräifen.

Ech mengen heibannen eraushéieren ze hunn, datt hei eng ganz positiv Approche zum CIGL an och zu sengen Aarbechte besteet. Souguer eisen neie fräie Kolleg, den Här Jaerling, huet méi moderéiert geschwat, wéi déi Jore virdrun. E grouse Merci och un eis Ressortschäffin, d’Véra Spautz, fir hir explizit Virstellung vun deem Budget mat sengen eenzelne Projeten. Dat ass natierlech flott fir mech, well dat erspuert mir, nach eng Kéier op déi eenzel Projeten anzugehen. Ech wëll awer just ënnersträichen, datt all eis Projete Succès hunn. Tendenz nach ëmmer steigend.

Mer sollten net vergiessen, datt hannert deene Projeten och Mënsche stinn. Mënschen, deene mir duerch déi Projeten eng Aarbecht kënne ginn. Mënschen, déi hir Aarbecht iergendwéi verluer hunn oder nach keng fonnt hunn, aus wat fir enge

initiatives un statut qui leur permet de s’aider concrètement les chômeurs à trouver un emploi. C’est pourquoi M. Codello demande aux députés de voter en faveur de cette loi.

Everard Wohlfarth (LSAP) est ravi de pouvoir donner son avis en tant que nouveau président du CIGL à Esch. Il se réjouit de ce que les conseillers ont, dans leur ensemble, une approche positive au CIGL. Même M. Jaerling lui a semblé plus modéré que les années précédentes. M. Wohlfarth remercie ensuite Mme Spautz pour sa présentation. Il assure aux conseillers que le CIGL a déjà remporté de nombreux succès. M. Wohlfarth explique ensuite que des projets comme le CIGL viennent en aide à des gens qui ont perdu leur travail ou ne parviennent pas à en trouver. Le CIGL leur apporte la possibilité d’intégrer, respectivement de réintégrer, le monde du travail en leur offrant une formation. Les chômeurs s’habituent à travailler en équipe. Ils doivent assumer des responsabilités. Finalement ils apprennent à s’identifier à leur poste. Toutes ces qualités, qu’ils acquièrent grâce au CIGL, leur facilitent l’accès au marché de l’emploi.

Selon M. Wohlfarth, la situation telle qu’elle existe au TICE est idéale. En effet, le personnel sous contrat auxiliaire temporaire a la possibilité de passer le permis de conduire pour bus et ensuite de passer le concours communal. 3 années d’études post primaires constituent la seule condition requise. Ces dernières années, le TICE a offert un CAT à plus de vingt personnes. Aujourd’hui 6 d’entre elles sont chauffeurs de bus. L’orateur regrette cependant que cette mesure soit désormais appliquée moins strictement par le TICE. Pour conclure, M. Wohlfarth constate que l’économie de marché est parfois inhumaine. C’est pourquoi il est nécessaire d’adopter des mesures sociales. En effet, il suffit de voir les licenciements qui ont eu lieu à TDK, au Monopol ou encore chez Villeroy pour se rendre compte que tout le monde peut être concerné.

Véra Spautz (LSAP) se déclare d'accord avec la plus grande partie de ce qui a été dit jusqu'ici, mais souhaite cependant répliquer à 2 remarques de M. Jaerling. Tout d'abord, si Co-Labor décide de travailler avec une université anglaise, la commune n'a pas le droit d'intervenir. Le fait que Co-Labor, comme de nombreuses autres associations et ASBL dans ce domaine, ait recours à des universités étrangères souligne qu'il n'y a pas, au Luxembourg, d'experts concernant le développement et l'élaboration de formations. L'oratrice espère d'ailleurs fortement que l'université de Luxembourg recrutera, au cours des prochaines années, des experts capables de soutenir ces associations. Mais pour le moment, celles-ci sont obligées d'avoir recours à des universités étrangères.

En ce qui concerne les projets de Co-Labor et du CIGL, Mme Spautz reconnaît que des modifications sont nécessaires. Mais la situation sur le marché de l'emploi serait bien plus dramatique si le ministère du Travail et l'ADEM n'étaient pas aidés par ces organisations. En effet, l'ADEM n'a pas les qualifications requises pour organiser des formations. D'ailleurs, un audit est en cours en ce moment et il devrait souligner les nombreux problèmes de l'ADEM, à l'instar des 3 audits précédents. C'est pourquoi l'oratrice lance un appel aux responsables politiques et au gouvernement pour qu'ils interviennent. En effet, un meilleur accompagnement des chômeurs est absolument nécessaire. Et en tous les cas, sans les coopératives et les ASBL, la situation serait plus difficile encore.

Mme Spautz passe ensuite au parc régional transfrontalier. Elle rappelle à M. Hoffmann que le 14 ou le 21 juin aura lieu une réunion de la commune d'Esch avec ses partenaires dans le but de relancer le projet. Mais le gros problème risque à nouveau d'être le manque de ressources financières des partenaires d'Esch.

Pour ce qui est de l'évaluation des projets liés à la lutte contre le chômage, Mme Spautz rappelle que le ministère du Travail est en train de

Grënn och ëmmer. De CIGL Esch bidd deene Leit, Jonker a manner Jonker, eng Chance, sech nei oder iwverhaapt mol um Aarbechtsmaart ze orientéieren. Si kréien eng Formatioun, se léiere sech an eng Équipe ze integréieren, si léiere Responsabilitéiten ze iwverhuelen a si léieren, sech mat hirer Aarbechtsplaz ze identifiziéieren. Alles dat si Qualitéiten, déi d'Schoul net vermëttelt, déi hinnen awer den Antrëtt op den éischten Aarbechtsmaart erlichtere wäerten.

Ideal wär et jo, wa mer iwverall eng Situatioun kréie kéinten, wéi mer se um TICE hunn. Do hunn d'CAT d'Méiglechkeet, de Busführerschäin ze maachen a sech dann dem Gemengenexamen ze stellen. Natierlech wa se déi schoulesch Viraussetzungen erfëllen. Dat sinn an deem dote Fall dräi Joer am Postprimaire. An Zuelen ausgedréckt, heescht dat, plus ou moins 20 bis 25 CATen hu mer an de leschte Joren agestellt. Dovunner schaffen der haut méi oder wéineger sechs fest als Buschauffer.

Dat ass eng Mesure, déi vum PAN-Gesetz vun 1999 découleiert, awer leider zënter kuerzem och net méi esou streng um TICE applizéiert gëtt. Do si mir natierlech gefuerdert. Ech mengen domadder eise Vize-President vum TICE, den Henri Hinterscheid, de John Snel, de Paul Weidig an ech selwer als Verrieder an deem Syndikat.

Ech wëll einfach nach ënnersträichen, datt d'sozial Solidaire-Economie ëmmer méi eng grouss Bedeitung an eiser dach kaler Ego-Gesellschaft an oft inhumaner Économie du marché kritt. „Ça n'arrive qu'aux autres“, eng Denkweis, déi iwverholl ass, wéi déi lescht Schléissunge bei TDK, Villeroy, Monopol an elo rezent Clement konfirméieren.

An da brauche mer ganz einfach Structure wéi den Objectif plein emploi, dee mat flotten, sënnvollen, biergernoe Projeten d'Leit erëm an d'Aarbechtswelt bréngt. Ech halen op mat engem Saz, dee mer ganz gutt gefall huet: „Les idéaux de justice sociale ne cessent de refaire surface en dépit des obstacles auxquels se sont successivement heurtés les divers projets visant à les appliquer“. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Wohlfarth. Wa soss

keng Wuertmeldung méi do ass, géing d'Madame Spautz äntwerten. An da kënnen mer – wann Dir d'accord sidd – déi zwou Saache matenee considérieren. Nee, da maache mer dat esou wéi et virgesi war.

Schäffe Vera Spautz (LSAP): Ech ka mech der Majoritéit vun deem, wat hei gesot ginn ass, uschléissen. Ech wollt nach zwou Bemierkunge maachen zu deem, wat den Här Jaerling am Ufank gesot huet. Zur Konventioun vu Co-Labor. Firwat et muss sinn, datt Co-Labor zesumme mat enger englescher Uni schafft, firwat dat net kann hei am Land sinn.

Et ass esou, datt si eng Konventioun mat hinnen hunn a mir deene guer net dran ze schwätzen hunn, mat weem si eng Konventioun hunn. Ech muss do zwar och ënnersträichen, datt et méi Organisations- oder Asblen an deem Beräich ginn, déi sech vu baussen, vun aneren Unië begleeten an évaluéiere loossen. Dat weist nach eng Kéier op déi schonn zimlech dramatesch Situatioun hei zu Lëtzebuerg. An et stellt nach eng Kéier duer, datt mir hei zu Lëtzebuerg keng Fachleit an deem Beräich fannen. Besonnesch wat d'Entwécklung, d'Evaluatioun, d'Ausschaffe vu Formatiounen ugeet a besonnesch herno d'Evaluatioun an de Suivi dovunner. Dat weist dat einfach nach eng Kéier.

An och do kéint ee sech ënner Ëmstänn an den nächste Jore méi vun der Uni Lëtzebuerg erwaarden. Datt do e Potenzial entsteet an och Fachkräften entstoe wäerten, déi dann déi Associatiounen ënnerstëtze kënnen. Ech fannen et op jidde Fall gutt, datt se et maachen. Datt se net einfach an d'Blannt eraschaffen. Datt se sech begleet loossen. Also domadder hunn elo ech perséinlech kee Problem. Wéi gesot, mir hunn d'Konventioun net mat der Uni, mä mat Co-Labor zesummen.

Wat déi ganz Projete vu Co-Labor oder vum CIGL ugeet – d'Diskussioun ginn am Moment an der Chamber gefouert a mir wäerte souwisou domadder konfrontéiert ginn – do wäerten an Zukunft eng ganz Rei Ännerunge virleien a proposéiert ginn. Wann de Ministère du travail oder d'Arbeitsamt insgesamt déi Organisationsnet hätt, déi déi doten Aarbecht maachen, da géif et nach vill méi dramatesch

ausgesinn, wéi et am Moment souwisou um Aarbechtsmaart ausgesäit. D'Arbeitsamt ka keng Leit zur Verfügung stellen an huet déi Qualifikatiounen net, fir do niewendrun nach Formatioune kënnen ze maachen.

Et leeft en Audit – de véierten – beim Arbeitsamt, wou sech ëmmer erëm erausstellt, datt et Problemer ginn. Dat wëll ech net deene Leit ënnerstellen, déi do schaffen, déi do Salarié sinn. Mä et ass en Appel un déi politesch Verantwortlech an un d'Regierung, fir ze kucken, datt an Zukunft do och Ännerunge virgeholl ginn. Beim Arbeitsamt sinn der jo och amgaangen, fir kënnen an Zukunft déi Masse vu Chômeuren aneschters ze begleeden. A wa si d'Asblen oder d'Coopérativen net hätten, da géif et nach vill méi schlëmm ausgesinn.

Wat de Parc transfrontalier ugeet: ech mengen, Här Hoffmann, Dir hutt matkritt, datt elo eng Sitzung ass. De 14. oder 21. Juni fënnt eng gemeinsam Réunioun mat der Escher Gemeng a mam Här Felice a mat enger ganzer Rei Leit statt, fir deem Ganze frësch Otem anzublosen a frësch Driff ze ginn. Et scheitert natierlech gären – wéi an der Vergaangenheet – einfach un de Geldmëttele bei hinnen. Nach wie vor hu si ganz seriö Problemer.

An dann als leschte Punkt zu där Suggestioun – déi ech absolut mat dräi Hänn ënnerschreiwe kann – wat d'Evaluatioun vun deene Projeten ugeet. Et stëmmt, datt am Ministère du travail eng Cellule geschafe gëtt, déi sech an Zukunft mat der Evaluatioun vun esou Projete beschäftege soll. Ech denken, hei soll et net eleng ëm quantitativ Evaluatioune goen, mä absolut och ëm qualitativ Evaluatioune.

A wat mer hei zu Esch elo versichen ze initiéieren am Kader vun deenen Aarbechtsgruppen, déi am soziale Beräich bestinn, wéi de Groupe de travail emploi zum Beispill, do hu mer eis virgeholl, fir am Laf vum Joer an an d'nächst Joer eran, all déi eenzel Projeten eng Kéier op de Leescht ze huelen an ze kucken, ob mer um richtege Wee sinn? Kënne mer aner Saache mat bäihuelen? Musse mer Saachen änneren? Dat war e bësse schwieereg, fir dat scho fir d'Joer am Kader vum Budget, wou deen am Dezember ge-

stëmmt ginn ass, realiséieren ze kënnen. Mä dat wäerte mer fäerdeg brénge fir d'nächst Joer.

Iwweregens gëtt do och elo an deem Kader weider probéiert ze kucken, erëm aner Leit mat un den Dësch ze kréien – och d'Geschäftsleit mat un den Dësch ze kréien –, fir ze kucken, fir weider Projeten hei zu Esch ze entwéckelen.

A mir hunn eng Zukunft virun eis, wéi gesot, d'Frichen oder Nonnewisen an esou weider, wou mer elo eigentlech scho matplangen kënnen, datt mir och hei zu Esch ganz geziilte Projeten ubidden kënnen, fir Chômeure beschäftegen ze kënnen. De Chômage läit bei iwwer 900 hei zu Esch. Iwwer 900 Escher an Escherinnen, dat ass scho gewaltig héich. An ech denken, mer musse profitéiere vun deem, wat fir d'Stad gutt ass. Fir datt sech hei zu Esch Aarbechtsplazen opdinn, musse mer kucken, allegueren déi Organisatiounen an déi, déi am Groupe de travail emploi mat drasinn, direkt matanzebannen. An datt mer un deenen Diskussiounen do kënnen deel huelen. Op jidde Fall Merci fir d'Ënnerstëtzung an da géife mer zum Vote kommen, géif ech mengen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote!

Conseillers présents:

M. BRAZ – MME BECKER – M. CODELLO – MME HANNEN – MM. HINTERSCHIED – HOFFMANN – HUSS – JÄRLING – KNAFF – MAROLDT – MME MUTSCH – MM. ROLLER – MME SPAUTZ – M. TONNAR

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention entre la ville d'Esch-sur-Alzette et la société CO-LABOR.

Conseillers présents:

M. BRAZ – MME BECKER – M. CODELLO – MME HANNEN – MM. HINTERSCHIED – HOFFMANN – HUSS – JÄRLING – KNAFF – MAROLDT – MME MUTSCH – M. ROLLER – MME SPAUTZ – MM. TONNAR – WOHLFARTH

Le conseil communal approuve par 14 voix oui et 1 abstention le budget

mettre sur pieds une cellule chargée de réaliser ce travail. L'oratrice souligne d'ailleurs la nécessité de faire une évaluation non seulement quantitative, mais surtout aussi qualitative. Parallèlement, la commune d'Esch a l'intention, au cours des prochaines années, d'évaluer tous les projets sociaux qu'elle finance pour voir s'ils sont efficaces. Le conseil échevinal n'a pas pu inclure l'évaluation dans le budget de cette année, mais il le fera dans le prochain budget. En plus, la commune s'efforcera de trouver de nouveaux partenaires, et notamment des commerçants, dans le but de développer de nouveaux projets.

*Pour terminer, Mme Spautz estime que les nombreux projets dans le cadre du développement futur de la ville, comme l'aménagement du quartier Nonnewisen, offrent la possibilité d'employer des chômeurs. En ce moment, Esch compte 900 demandeurs d'emploi. Selon Mme Spautz, il faudrait essayer, en collaboration avec les organisations qui s'occupent des chômeurs, de leur trouver un travail dans le cadre de ces projets. Elle annonce ensuite que les conseillers peuvent passer au vote.
(Vote)*

Lydia Mutsch (LSAP) voudrait savoir pourquoi M. Jaerling s'est abstenu d'approuver le budget en faveur du CIGL.

Aly Jaerling (Indépendant) estime que l'État doit être le responsable dans le domaine du marché du travail. Il pense également que la politique erronée du Gouvernement est, en partie, à l'origine de la situation difficile sur le marché de l'emploi. D'ailleurs, le ministère du Travail est en train de réformer certaines lois. Ceci revient à admettre qu'il a commis des erreurs. Et selon M. Jaerling, il est temps que le ministère mène une politique semblable à celle des initiatives pour l'emploi.

Lydia Mutsch (LSAP) passe ensuite au troisième point de l'ordre du jour, le règlement communal et le règlement-taxi concernant le service de taxis. Elle donne la parole à M. Braz.

Point 5: Règlement communal concernant le service de taxi; décision

Point 6: Règlement-taxe concernant le service de taxis; décision

Félix Braz (Déi Gréng) explique qu'il s'agit d'un sujet déjà maintes fois discuté par le conseil communal. Il rappelle que les sociétés de taxis souhaitent travailler à Esch doivent payer une taxe. Il ajoute que le domaine des taxes est, d'une manière générale, fort contesté au Luxembourg. Or la commune n'a qu'une petite marge de manœuvre, car le règlement-taxe concernant les taxis est un règlement type qui a été émis il y a longtemps par le ministère des Transports. La commune peut seulement fixer le montant de la taxe.

Mais l'orateur constate que le règlement type engendre un certain nombre de problèmes, notamment en ce qui concerne les autorisations. En effet, le principe semble simple: la commune remet des autorisations aux sociétés de taxi souhaitant travailler à Esch. Lorsque ces sociétés cessent leur activité, elles doivent rendre l'autorisation à la commune. Mais il semblerait que certaines sociétés préfèrent vendre leurs autorisations au lieu de les rendre à la commune. Or la commune est impuissante face à ce comportement, car elle n'a pas de preuves pour cette transaction. Les informations qu'elle détient sont le fruit de rumeurs. La police, qui est responsable de l'application du règlement, n'a pas non plus la possibilité d'intervenir. C'est pourquoi, M. Braz estime qu'il est grand temps de rendre le système plus transparent pour éviter que les sociétés qui respectent les règles ne soient désavantagées, alors que les autres augmentent leurs revenus. Le conseil échevinal s'est donc demandé comment faire face à cette situation. M. Braz explique qu'il y a un an, le conseil échevinal a demandé l'autorisation au ministère des Transports de modifier le règlement. Cette autorisation est nécessaire, car le règlement modifié n'est plus entièrement conforme au règlement type.

prévisionnel 2006 (montant total: 1.584.003,29 euros) présenté par le Centre d'Initiative et de Gestion Local pour l'année 2006.

Ont voté oui: Madame la Bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Becker, Codello, Hannen, Hoffmann, Huss, Knaff, Maroldt, Roller et Wohlfarth. Le conseiller Jaerling s'est abstenu.

Hutt Dir lech enthalen Här Jaerling? Da kënt Dir Är Abstentioun och begrënnen.

Aly Jaerling (Indépendant): Dat maachen ech och. Et wäert och net esou einfach sinn. Esou gutt wéi ech d'Prozeduren hei kennen, kennen ech och déi vum CIGL, wéi dee fonctionnéiert. Mäin Haaptakzent läit einfach dodrobber, dass d'Responsabilitéit vun deem Ganzen, wat den Aarbechtsmaart ubelaangt, beim Stat läit. An dass de Stat, d'Regierung mat hirer Politik zum Deel verantwortlech ass, fir dat, wat um Aarbechtsmaart geschitt.

An et ass och genau dofir, wou elo eng Rei Gesetzter muss revidéiert, reforméiert ginn. Domadder gesteet d'Regierung an, dass se um falsche Wee war an dass se revidéiere muss, dass se eng aner Politik maache muss vis-à-vis vun deene Leit, déi eng Aarbecht sichen. An datt se genau déiselwecht Politik maache muss wéi déi Beschäftigungsinitiativen. Dat ass dat, wat ech wollt soen an dofir ass meng Abstentioun domadder begrënt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Mer hunn elo déi zwee Votë geholl. Mer kéimen da bei d'Règlements Taxis, e Règlement taxe an e Règlement communal, déi des Servicer organiséiert. Déi kënne mer och zesumme behandelen, wann Dir d'accord sidd. An do géing d'Wuert un de Verkéiersschäfte goen. Den Här Braz huet d'Wuert.

Punkt 5: Règlement communal concernant le service de taxi; décision

Punkt 6: Règlement-taxe concernant le service de taxis; décision

Schäfte Félix Braz (DÉI GRÉNG): Et ass eng Matière, déi mer jo schon am Gemengerot diskutéiert hunn. Notamment

diskutéiere mer se all Joer zweemol, wann et ëm den Taxevolet geet. E Règlement taxe, dee vun den Taxisfirmae soll bezuelt ginn, déi eng Plaz zu Esch hunn.

Mä et ass och eng Matière, déi an der Lescht scho méi oft an der Diskussioun war, well dee ganze Beräich vun den Taxen hei zu Lëtzebuerg, d'une façon générale, eng Rei vu Kontestatiounen kennt. Och eng Rei vu Reiwereien an de Betriber selwer. An Dir wësst awer och, dass mer eis hei an eng Matière bewegen, wou d'Gemengen am Fong häerzlech wéineg Spillraum hunn, well mir e Gesetz hunn, wat déi Matière regelt.

Dat Reglement, wat mir am Moment hunn, ass e Règlement type, dee vum Transportministère viru laange Joren eng Kéier opgestallt gi war an deem am Prinzip esou an all de Gemengen existéiert, wéi en och hei existéiert. Deen eenzege Spillraum, deen d'Gemenge méi oder wéineger ëmmer hunn, ass d'Héicht vun den Taxë festzeleeën. Mä fir d'Benutzung selwer, do leet de Ministère Wäert drop, dass de Règlement type an all de Gemengen t'selwecht respektéiert gëtt.

Mir waren awer mat där Situatioun net zefridden. Mir waren domadder net zefridden, well et einfach eng Rei vu Problemer do gëtt. Notamment ee ganz wichtige Problem: dass den Iwwergang vun deenen Autorisatiounen net esou transparent ass, wéi e misst sinn.

Am Prinzip ass kloer, d'Gemeng attribuëiert déi Autorisatiounen an d'Leit musen, wa se mat hirer Aktivitéit ophalen, déi Autorisatioun zréck un d'Gemeng ginn. An der Realitéit, esou schéngt et awer, verlauschtert een ëmmer nees, dass Verschiddener sech net un déi dote Regel halen a probéieren, déi Autorisatiounen, déi se hunn, op iergendeng Aart a Weis un aner kënne weiderzerechen. Natierlech net aus lauter Guttheet, mä moyennant e kleng finanziellen Ausgleich.

Als Gemeng ass ee schlecht drun, well wann een do virgoe wëll, da misst ee sech op Faitë kënne beruffen an déi Faiten, déi hu mir awer net. Mir verlauschte-re just, dass esou Saache gesot ginn. D'Police ass responsabel fir d'Applikatioun vun dësem Reglement an och d'Police huet Schwierigkeeten, hannert all déi do-

te Saachen ze kucken. Well déi jo awer am Verbuergeren – wa se da gemaach ginn – gemaach ginn.

An dofir hu mer eis geduecht, datt misst e Wee fonnt ginn, wéi mer an dee Sec-teur do méi Transparenz géingen erakréien. Fir dass déi Betriber, déi sech un all d'Regelen halen, net méi déi Betriber sinn, déi ganz oft den Nodeel hunn. An déi Betriber, déi sech laanscht d'Reglement an domat och laanscht d'Gesetz e bëssen drécken, sinn dann déi, déi och nach gutt ewech kommen an hirem Geschäftsgebaren. Dat ka jo net sinn. D'Reglement muss esou sinn, datt déi seriö Betriber gutt domat liewe kënnen an dass déi Betriber, déi net esou seriö sinn, Schwierigkeete kréien. An et schéngt, wéi wann am Moment d'Situatioun éischer liicht émgedrënt wär. Dat ass natierlech eng Situatioun, déi een esou net hinhuelen kann.

Mir hunn als Escher Gemeng eis Gedanke gemaach, wéi een dee Règlement type ofännere kéint a wat fir Verbesserungen een do erabrénge kéint. A mir hunn dat, wat eis lwwerleeunge waren, scho viru ronn engem Joer dem Transportministère matgedeelt a gesot: „Hei lauschtert mol, mir géingen eigentlech gären eist Reglement änneren, fir deene Saachen do ze begéinen. Sot eis Är Meenung, kréie mer dat do vun lech approvüiert?“ Dat am Bewosstsäin, dass dat, wat mir dann do redigéiert hunn, jo net méi op all de Punkte conforme zum Règlement type wär. A mir wollten natierlech – ier mer am Gemengerot e Vote huelen – wëssen, ob mer dat dann och approvüiert kréien oder net.

De Ministère huet sech déi Saach ganz intensiv ugekuckt a mir waren elo viru e puer Woche beim Ministère fir eng leschte Kéier mat hinnen ze diskutéieren. Deen Text, dee mer haut dem Gemengerot proposéieren, ass en Text, mat deem de Ministère d'accord ka sinn. Hien huet nach e bësse geännert par rapport zu deem, wat mer proposéiert haten. Mä mir kënnen haut behaupten, dass dat, wat mer dem Escher Conseil zum Vote virstellen, vum Ministère wäert matgedroe ginn. An dass de Ministère souguer selwer gesot huet, si géingen elo fannen, dass eist Reglement eigentlech besser wéi hire Règlement type wier. Si schléissen och net aus, datt eist Reglement, wat mer jo mat hinnen an der

Lescht diskutéiert hunn, benotzt kéint ginn, fir als neie Règlement type fir de ganze Rescht vum Land ze fungéieren.

Wat huet geännert an deem Text, dee mir lech elo proposéieren? Et sinn net esou vill Saachen, mä et sinn e puer wesentlech Saachen. Geännert huet zum Beispill, dass mer ee wesentleche Punkt ofänneren. Nach eng Kéier, zum Verständnis, et gëtt zwou Zorten Taxien: déi, déi sech op enger ausgewisener Taxisplaz ofstelle kënnen an op Clientë waarden. Dat sinn déi, déi eng Autorisatioun vun der Gemeng mussen hunn.

An et gëtt déi zweet Zort Taxien, déi ee ruffe kann, déi awer net op deenen ausgewisenen Taxisplaze stoe bleiwe kënnen. Dat, wat mir hei diskutéieren, sinn déi, déi op enger ausgewisener Taxisplaz zu Esch op Clientë waarden dierfen. Déi aner entzéie sech komplett der kommunaler Kompetenz.

Dës Emplacementer sinn déi, wou mir eben eng Genehmigung ze erdeelen hunn. Bis elo war et esou, dass déi Genehmigungen erdeelt gi sinn an da ware se fir all Éiwegkeeten erdeelt. A wann déi Leit eng Cessatioun vun der Aktivitéit hatten, an der Gemeng dat net matgedeelt hunn, dann huet déi Autorisatioun iergendwou weidergelieft. Ouni awer dass d'Gemeng do eng reell Kontrollméiglechkeet gehat hätt.

Eise Virschlag, dee mir elo maachen, ass ze soen: mir mussen an Zukunft net nëmmen eng Attributioun vun der Autorisatioun kennen, mä mer mussen och e Renouvellement vun der Autorisatioun aféieren. Am Kloertext: si gëtt, wéi an der Vergaangenheet, enger Sociétéit attribuéiert, mä si muss awer an Zukunft eemol am Joer renouvelléiert ginn. An dat gëtt eis eben d'Méiglechkeet mat eise Moyenen eemol am Joer ze préiwen, ob déi Konditiounen, déi gi waren, fir eng Autorisatioun ze accordéieren, nach ëmmer bestinn.

Déi doten Idee huet natierlech bei den Taxis-Sociétéiten e bësse Suerge gemaach. Mir hate se jo geruff – Dir wësst dat – mir haten dat mat den Taxis-Chauffeuren ofgeschwat, hei op der Gemeng an dësem Sall. Mer haten och zwou Réunioune mat deene Leit, an déi hu sech natierlech gefrot: „Wat heescht dat elo am

Le ministère des Transports a étudié les modifications proposées, y a apporté quelques changements et a finalement décidé d'approuver les modifications si le conseil communal vote en faveur du nouveau règlement. L'orateur ajoute que le ministère a même avoué que le règlement proposé par Esch est meilleur que le règlement type.

M. Braz ajoute que les changements sont peu nombreux, mais fondamentaux. Il rappelle qu'il existe deux sortes de taxis: ceux qui ont un emplacement réservé et qui attendent les clients, et ceux que les clients peuvent appeler et qui n'ont donc pas besoin d'emplacements. L'orateur explique que seuls les premiers sont concernés par l'émission de l'autorisation.

M. Braz énumère ensuite les changements. Le premier concerne donc les autorisations. Jusqu'à maintenant, les autorisations émises par la commune n'avaient pas de date d'expiration. Les sociétés cessant leur activité avaient par conséquent la possibilité de les vendre. C'est pourquoi, dorénavant, la commune ne se contentera plus d'émettre des autorisations, mais s'occupera aussi de les renouveler tous les ans. Cela lui permettra de vérifier si les conditions remplies lors de l'émission de l'autorisation sont encore respectées. L'orateur souligne que cette perspective a inquiété les sociétés de taxis, comme l'a démontré la récente réunion avec les chauffeurs. Les entreprises craignent qu'on ne leur enlève l'autorisation d'une année à l'autre, ce qui les empêcherait de planifier leurs activités à moyen ou à long terme. Mais l'orateur explique que le renouvellement de l'autorisation n'est qu'une simple formalité si les conditions ne changent pas. Les sociétés de taxis n'ont donc aucune crainte à avoir. Si, en revanche, les conditions changent, la commune devra se demander si elle doit ou non renouveler l'autorisation. M. Braz explique qu'il s'agit ici de la modification la plus importante du règlement. En effet, la commune se donne les moyens de contrôler une fois par an que l'autorisation est toujours entre les mains de celui pour qui elle a été émise.

M. Braz passe ensuite au deuxième changement. Lorsqu'une société cesse son activité, la commune ne souhaite pas diminuer sa valeur en révoquant l'autorisation. C'est pourquoi, l'autorisation passe au reprenneur même si la société change de nom, à condition que certains points soient respectés. M. Braz explique que celui qui reprend l'entreprise n'a pas le droit de licencier le personnel. Il ne pourra pas non plus faire signer aux employés de nouveaux contrats leur faisant perdre les avantages liés à l'ancienneté. La commune ne considère qu'il s'agit d'une véritable reprise que si le personnel et les conditions ne changent pas. Autrement, le passage d'une société de taxis d'un propriétaire à un autre ne sera pas considéré comme une reprise, mais comme la création d'une nouvelle société. Celle-ci sera donc ajoutée à la liste d'attente pour obtenir une autorisation.

Le troisième changement concerne le nombre d'autorisations qu'une société peut obtenir. M. Braz explique qu'une entreprise de taxis peut obtenir autant d'autorisations qu'elle a d'employés équivalents à des plein-temps. Il donne comme exemple une société ayant 6 employés à mi-temps. Celle-ci a le droit d'obtenir 3 autorisations. Cette mesure sert à éviter qu'une société n'ait un nombre d'autorisations trop élevé par rapport au travail qu'elle peut accomplir. L'orateur explique en effet que dans le cas contraire, elle risque de sous-louer les services d'une autre société moyennant une contrepartie financière. La commune contrôlera tous les ans le nombre d'employés équivalents plein-temps et le nombre d'autorisations sera adapté. Le contrôle ne se fera pas par le biais des contrats d'embauches, car ceux-ci peuvent être rapidement modifiés. Il se fera à travers les cotisations auprès de la Caisse de pension du Centre commun.

M. Braz passe au changement suivant: Actuellement, Esch dispose de 40 emplacements pour taxis. Le conseil échevinal souhaitait obtenir le droit de modifier ce nombre selon les besoins de la commune. Mais le ministère des Transports n'a

Kloertext? Da kréie mer d'Genehmegung fir ee Joer, a wa mer da Pech hunn, hu mer dat Joer drop keng méi. Dat gëtt fir eis als Taxi schwéier ze plangen. Wann een en neien Auto keeft... dee muss een iwwert e puer Joer kënnen ofschreiwen. A well mir elo keng Garantie hunn, dass et no engem Joer ka weider goen, hu mer natierlech eng Schwieregkeet."

Do hu mer se direkt kënnen berouegen. Dat steet duerfir och am Reglement esou dran. Et ass ganz kloer, dass de Renouvellement vun enger Autorisatioun eng reng Formalitéit ass, bei deenen, wou d'Konditiounen net geännert hunn. Et brauch also keen ze fäerten, deen eng Autorisatioun kritt huet, esou laang d'Konditiounen, déi zu der Attributioun gefouert hunn, net änneren.

Mir kontrolléieren déi elo eemol am Joer an da kritt hie säi Renouvellement als Formalitéit frësch ausgestallt. Par conter, déi, wou d'Konditiounen geännert hunn, wou also net méi alles esou war wéi dee Moment, wou d'Autorisatioun attribuéiert ginn ass, mussen sech dann d'Fro stellen, ob se hir Autorisatioun kënnen verlängert kréien oder net. Dat ass eigentlech dat wesentlech Element, wat am Reglement ännert. Mir ginn eis d'Moyenen, fir eemol am Joer ze kontrolléieren, ob déi Autorisatioun nach ëmmer zu Recht bei deene Leit do ass.

Dann ännert nach eppes Zweetes, wat och wesentlech ass. Mir präziséieren och, wann eng Sociéitéit ophält – dat gi mer jo da spéitstens um Enn vum Joer gewuer –, dann ass et natierlech net esou, dass mer deene Leit um Enn vun hirer berufflecher Carrière hiert d'Geschäft zerschloe wëllen an de Wäert vun der Sociéitéit minderen, doduerch, dass mer soen: „Dann hat Dir Pech, da kritt een aneren är Genehmigungen.“ Do hu mer och kloer gesot: et ass bien entendu, dass wann déi eng Sociéitéit ophält, well de Patron an d'Pensioun geet oder verkeeft oder wéi och ëmmer, dann ass et fir eis kloer, dass wann déi Sociéitéit weider gefouert gëtt vun engem aneren, och ënnert engem aneren Numm, dass mir da selbstverständlich bereet sinn, déi Genehmigungen och do ze loossen, wou se sinn.

Mä mir préiwen dat awer och no. Well fir eis heescht, am Sënn vum Reglement, d'Reprise vun der Entreprise, dass een

och déiselwecht Chauffere behält. An dass een net just d'Genehmegunge keeft an d'Autoen an dann d'ganz Personalerausgeheit a lauter neier astellt, déi erëm bei Null ufänke mussen an hirer Anciennetéit. Oder déiselwecht Kontrakter géing opkënnegen, fir se frësch lafen ze loossen, ouni all déi Rechter, déi aus der Anciennetéit kommen.

Dofir verlaange mer, wa mer sollen domat d'accord sinn, dass et eng richtig Reprise ass vun der Sociéitéit. Da muss et esou sinn, dass déiselwecht Leit, zu de selwechte Konditiounen, ouni neie Vertrag, mat den Anciennetéitsrechter weiderfunktionnéiere kënnen. Da soe mir och, bien entendu, dat doten ass eng Reprise. Wann dat net de Fall ass, dann ass et fir eis keng Reprise, mä eng nei Sociéitéit. Da mussen déi sech frësch op d'Lëscht stelle goen an drop waarden, dass eng Kéier eng Genehmigung bzw. eng Plaz fräi gëtt, fir se kënnen ze kréien.

Dat Drëtt, wat mer aféieren, ass, dass mer soen: et ka keng Sociéitéit méi Autorisatiounen hunn, wéi se Leit équivalent plein temps astellt. Wann een also dräi Autorisatiounen huet, da kann een och sechs Leit ageinstallt hunn. Dat mussen dann awer wéinstens sechs Mi-temps sinn, fir zesammen op dräi équivalent Plein temps ze kommen. An et geet net duer, dass ee seet: „Ech hunn dräi Genehmigungen an ech hunn och dräi ageinstallt“, an déi sinn awer allen dräi nëmmen zu 25% beschäftegt. Dat wär an eiser Rechnung dann nëmmen 0,75 an net dräi.

Et ass also kloer, dass mer domadder och ënnerbanne wëllen, dass ee méi Autorisatiounen a senger Sociéitéit huet, wéi e selwer Aarbecht ze verginn huet. Well da weess ee jo, wat mat deene geschitt. Da ginn déi iergendwou un en anere sous-louéiert, moyennant Contrepartie financière. Fir dat och an de Grëff ze kréien, préiwe mer an Zukunft all Joer, ob der wierklech esou vill équivalent plein temps vun där Sociéitéit beschäftegt ginn, wéi déi Sociéitéit Autorisatiounen huet. A wann net, da gi se natierlech an der Zuel vun Autorisatiounen gekierzt.

Mir préiwen dat och op eng Aart a Weis – dat steet am Reglement – wou net gefudelt ka ginn. Mir verlaangen net iergendwelch Kontrakter, déi séier geschriwwen a séier erëm zerrappt sinn, mä mir ver-

laangen d'Kotisatioune vun der Pen-sionskeess vum Centre commun. A wann dat net klappt, da kënnen mer beweisen, dass déi Verträge net eng Realitéit erëmispigelen, mä datt se eigentlech just Pabeier sinn. Dat préiwe mer also eemol am Joer mat deene Certificaten. An déi ka kee fälschen, do steet d'Wouerecht dran. Domat kënnen mer wierklech préiwen, ob do Schmu gemaach gëtt oder eben net. An dat eemol am Joer.

Dann, mengen ech, kréie mer déi Problemer do wierklech mat enger eegener Kontroll an de Grëff.

Dann eng Remarque méi kuerz. D'Zuel vun de Plazen, déi ass am Moment bei 40 gewiescht. Mir hunn eigentlech wëllen am Reglement draschreiwen, dass de Schäfferot déi Zuel festleet, au fur et à mesure vun de Besoinen. Well mer natierlech dann all Kéiers, wa mer dräi Taxisplaze méi an Esch autoriséiere wëllen – wann et am Reglement steet – dann e Vote am Gemengerot huele mussen, mat Approbatioun an déi ganz Prozedur, déi do mat drunhänkt, war de Ministère net d'accord domadder. Déi bestinn drop, dass déi Zuel am Reglement steet.

Si wëllen eng Kontroll doriwwer hunn, well et, wéi et schéngt, eng Rei Gemengen am Land gëtt, déi bei sech iwwerhaapt keng Taxisplazen hunn, well se dee Besoin net hunn, awer monter Autorisatioune verdeelen, fir bei sech op der Gemeng Taxi ze fueren. An domadder schafe se Firmen, déi dann um Territoire vun den Nopeschgemenge schaffen. Dofir hätte se gär d'Kontroll drop, dass déi Zuel am Reglement genannt gëtt. Da kënnen se nämlech Saache refuséieren, wann iergendwellech Randgemenge vu gréissere Stied egal wat maachen, an „en veux-tu? – en voilà“ géint Taxen Autorisatioune verdeelen.

Fir elo net all Joer erëm mussen d'Reglement ze änneren, si mer mat hinne verbliwwen, datt mir elo mol 54 aschreiwen. Dann hu mer e gewëssene Spillraum, en vue vun Nonnewisen, en vue vu Belval, ouni all Joer, wann eppes Neies bäikommt ass op Belval, d'Reglement erëm mussen ze änneren. Mir bleiwen awer am Moment bei deene 40, déi mer hunn. Well am Moment hu mer nach net méi Besoin a mir wäerten awer dann iwwert déi nächst puer Joer d'Zuel bis op 54 eropset-

ze kënnen, ouni d'Reglement mussen ze änneren. Domat ass och de Ministère d'accord, well déi Zuel vu 54 ass bei eis absolut ubruecht. Dat ass eng pro 530 Awunner. Dat ass kee Problem, dass mer op deen dote Wee gi mat hirem Accord.

Déi lescht Remarque, wou och nach eppes Klenges ännert: bis elo war et esou – dat ass am Reglement type –, dass d'Demanden op enger chronologescher Lëscht vun hirer Entrée erakommen. Mir hunn dat ëmmer esou applizéiert, dass mer prioritär op där chronologescher Lëscht, déi virgeschriwwen ass, deene Leit eng Autorisatioun ginn, déi nach keng haten. A wann déi all servéiert waren, hu mer prioritär deenen eng ginn, déi nëmmen eng haten. Dat war aus engem Soucis eraus, fir net d'Konzentratioun an eng oder zwou Hänn zevill ze privilegiéieren an eng gewësse Konkurrenz op deem Marché ze behalen. Dat passe mer elo llicht un.

Mir bleiwe bei där Idee, dass een, deen nach keng huet, privilegiéiert eng kréie soll. Duerno schafe mer awer of, wat mer haten, mat deenen, déi eng hunn oder mat deenen, déi zwou hunn oder mat deenen, déi dräi hunn. No deene Leit, déi mat Null op där Lëscht stinn, gi mir konsequent eriwwer op de Wee, dass da wierklech den Ordre chronologique respektéiert gëtt.

Wéi mer et virdrun haten, war eiser Meenung no e bëssen ze streng fir déi Firmen, déi e bësse méi grouss sinn. An dat sinn awer och an der Regel d'Sociétéiten, déi scho laang do sinn, déi seriö schaffen. Mir hunn där jo och zu Esch an dat ass e bësse streng par rapport zu deenen aneren, well déi jo ni méi eng Chance domadder haten, un eng weider kënnen ze kommen. Dat heescht, mir hunn elo hei en neien Equiliber: mer privilegiéieren déi, déi nach ëmmer keng hunn, awer an enger zweeter Etapp strofe mer awer och net déi, déi mer scho laang kennen an déi gutt zu Esch schaffen.

Dat ass eiser Meenung no e besseren Equiliber, wéi deen aneren, dee mer hatten. Et ass nach ëmmer d'Suerg, dass et sech net zevill konzentréiert. Et ass awer och d'Suerg, fir déi, déi do sinn a gutt schaffen a scho laang do sinn, net permanent ze penaliséieren, sou datt déi sech awer och e bëssen entwéckele kënnen. Dat ass eiser Meenung no e besse-

pas donné son accord à cette modification dans le règlement, car il estime que le nombre d'emplacements réservés aux taxis doit être fixé dans le règlement. En effet, la procédure pour opérer une telle modification serait trop compliquée. Qui plus est, certaines communes n'ayant pas besoin d'emplacements pour taxis ont malgré tout tendance à distribuer des autorisations d'exercer dans la commune, moyennant le paiement d'une taxe. Le résultat de cette pratique est la création de sociétés qui vont travailler dans les communes voisines. Le ministère estime donc que le nombre d'emplacements réservés aux taxis dans chaque commune doit être fixé dans le règlement pour que cette pratique n'échappe pas à tout contrôle. M. Braz explique que le conseil échevinal a finalement décidé de fixer le nombre de places à 54. Cela laisse à la commune une marge de manœuvre tenant compte de l'aménagement des nouveaux quartiers Nonnewisen et Esch-Belval. Pour le moment, le chiffre reste à 40, mais il passera petit à petit à 54. La cinquième modification concerne l'ordre dans lequel les autorisations sont distribuées. M. Braz explique qu'actuellement, ceux qui n'ont aucune autorisation sont privilégiés. Viennent ensuite ceux qui n'ont qu'une autorisation, et ainsi de suite. Ce procédé sert à éviter qu'une ou deux sociétés ne dominent totalement le secteur. Il favorise donc une certaine concurrence. Mais d'un autre côté, il semble excessivement sévère vis-à-vis des sociétés plus importantes. Or il s'agit en général de sociétés sérieuses, implantées depuis longtemps à Esch et on leur enlève cependant toute possibilité de se développer ultérieurement. L'orateur ajoute que c'est pourquoi, dorénavant, le système sera légèrement modifié. Ceux qui n'ont pas la moindre autorisation seront toujours privilégiés. Mais ensuite, la commune respectera strictement l'ordre chronologique dans lequel les demandes ont été faites. Cela permettra de soutenir les sociétés les plus petites sans punir excessivement les autres.

M. Braz passe ensuite au règlement-taxe. Il rappelle qu'actuellement la taxe est fixée à 900.- euros par an et que M. Jaerling s'est souvent plaint qu'il s'agit de la plus élevée du pays. L'orateur estime que par la force des choses, il faut toujours qu'il y ait une commune où la taxe est la plus élevée. Cependant, le conseil échevinal a considéré que les sociétés de taxis doivent consentir à un effort considérable, notamment en devant faire renouveler tous les ans leurs autorisations. C'est pourquoi il a décidé d'adapter la taxe. Les sociétés demandant leur première autorisation ne devront plus payer que 600.- euros. Une deuxième autorisation coûte 750.- euros. A partir de la troisième, la taxe reste à 900.- euros. En effet, il s'agit là d'entreprises qui peuvent se permettre de payer cette somme. M. Braz explique que le conseil échevinal a voulu introduire un échelonnement des tarifs et insiste sur le fait que la taxe a baissé d'un tiers pour les petites sociétés avec un seul taxi.

Pour conclure, il demande au conseil communal de voter en faveur du règlement. Il ajoute qu'ensuite, le ministère des Transports devra donner son approbation de sorte que le nouveau règlement devrait entrer en vigueur le 1er janvier 2007. Ce règlement deviendra également le règlement type pour toutes les communes, ce dont Esch peut être fière.

Aly Jaerling (Indépendant) *salue le fait qu'on ait enfin cherché des moyens pour résoudre les problèmes liés aux taxis. Il se réjouit particulièrement de ce qu'on ait discuté avec les chauffeurs pour trouver des solutions adaptées à Esch. Cependant, il a quelques remarques à faire.*

Tout d'abord M. Jaerling se demande pourquoi les chauffeurs doivent remettre un certificat de bonne vie et de mœurs pour obtenir un emplacement.

En ce qui concerne le relevé du centre informatique, l'orateur voit un problème pour les entreprises ayant des employés. En effet, on peut obtenir un certificat démontrant que les employés sont inscrits au Centre

ren Equiliber wéi dat, wat mer biswell hatten. Voilà, dat wären dann an de groussenen Zich d'Ännerunge vum Reglement.

E lescht Wuert nach zum Taxe-Reglement, wat hannendrun hänkt. Mir hate bis elo den Tariff vun 900 Euro pro Joer – wou den Här Jaerling ënnert anerem zënter Joren ëmmer bemängelt huet, dass mer domadder déi deierst Gemeng am Land wieren. Bon, et muss een deen Deiersten am Land sinn. Mat deem Argument, dass keen den Deiersten däerf sinn, wäre mer bannen zwee Joer op null. Dat kann natierlech och keng Äntwert sinn. Fir e bessen deem Rechnung ze droen, dass mer elo den Taxis-Sociétéite méi ofverlaangen – si musse jo elo eemol am Joer mat all deene Pabeiere bei eis kommen, fir datt mer se préiwe kënnen – hu mer geduecht: „Wa se scho méi Efforte maache mussen, dann huele mer elo eng Upassung vun eisen Taxë vir.“

Fir déi éischt Autorisatioun, déi eng Firma huet – an et gëtt der vill, déi nëmmen eng hunn – geet d'Tax vun 900.- op 600.- Euro erof. Dat heescht, do gi mer ëm en Drëttel erof. Fir déi zweet Autorisatioun, déi eng Firma huet, froe mer der 750.- an net 900.-, wéi an der Vergaangenheet. Vun der drëtter un – an dat si jo dann awer Sociétéiten, déi wierklech dréinen, déi kënnen dat packen, déi hunn dat och an der Vergaangenheet alleguerte gepackt – bleiwe mer bei deenen 900.-, déi mer hunn.

Et ass also eng Staffelung no ënnen, déi mer maachen. Mat méi nidderegen Tariffer fir déi kleng Sociétéiten, déi wierklech just een Taxi hunn, déi all Joer struwele mussen. Do gi mer ëm en Drëttel vun der Tax erof. An domat, menge mer, hätte mer eng méi reell Taxë-Situatioun par rapport zu der ekonomescher Realitéit vun deenen ganz klenge Betriber, bis erop zu deene mëttlere Betriber. Mir hätten och domadder enger Remarque Rechnung gedroen a mat deene Remarquë géing ech lech bieden, eist Reglement ze stëmmen. Woubäi kloer ass, wann et gestëmmt ass, da muss et nach an d'Stad goen, fir déi formal Approbatioun.

Da kéinte mer, wann alles klappt, op den 1. Januar 2007 dëst Reglement eng éischte Kéier esou uwenden, wéi et virläit. A wéi gesot, villäicht gëtt eist Reglement dann an Zukunft och dat neit Règlement

type fir all déi aner Gemengen am Land. Dat wär dann och eppes, wat eis Escher freeë soll, dass mer hei dann eng Kéier Viraarbecht fir anerer gemaach hätten.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Jaerling, w.e.gl.

Aly Jaerling (ADR): Madame Buergermeeschter, ech begrëissen et besonnesch, dass mer et endlech fäerdeg bruecht hunn, déi laang Sträitfro ze klären, déi am Fong hei an Esch bestanen huet a wou mer ni richtig eens gi sinn. Wou et och laang gedauert huet, ier emol all déi betrafte Leit eng Kéier zesummen um Dësch souzen, fir ze kucken, aus verschidden Dilemmen do eraus ze kommen. Dofir begrëissen ech et, dass hei e Reglement geschafe ginn ass, wou versicht gëtt, där spezifesch Escher Situation Rechnung ze droen. A wou och versicht gëtt, verschidde Problemer aus der Welt ze schafen. Verschidde Saachen, wou ech net verstinn, och am Gesetz net. E Certificat de bonne vie et de mœurs fir eng Autorisatioun ze kréie fir eng Taxisplaz, do gesinn ech net an, firwat dass deen noutwennig ass.

Wou ech e bësse meng Bedenken hunn, dat ass am Fong mam Relevé vum Centre informatique. Dat ass fir déi Leit, déi als Indépendant schaffen an déi fir sech schaffen, kee Problem. Mä fir déi Taxisentreprises, déi Leit beschäftegen, do kriss de wuel e Certificat vum Centre d'affiliation, dass déi Leit beim Centre d'affiliation ageschriwwen sinn, mä do kennt net eraus, dass fir déi Leit och vun der Taxisentreprise d'Kotisatioun bezuelt sinn. Do kann, menger Usicht no, e bësse gefuddelt ginn. Ech mengen, et muss een op alles oppassen.

Da wat richtig ass: dass gefrot gëtt, fir de Leit nëmmen Taxisplazen an Autorisatiounen ze gi fir à plein temps. Dat ass ganz richtig, well do hu mer nämlech, niewent deenen déi à mi-temps oder nëmmen deelweis beschäftegt ginn, och nach eng Rei Schwarzfuere. Déi och fueren an déi net ugemellt sinn. Do musse mer och kucken, dass mer do kënne Remedur schafen. Well do ass nach e ganz grouss Potenzial, wou Aarbechtsplaze fest besat kënnle sinn.

Dat heescht, dass ee kucke muss, dass déi, déi just mat engem Drëttel vum Min-

destloun ugemellt sinn, déi schonn en anere Revenu niewendrun hunn an awer da plein temps fueren... dass do awer och d'Gewerbeinspektioun ageschalt gëtt. Mer haten och schonn des öfteren Diskussiounen doriwwer, dass et bei der Vergab vun den Taxisfahrten an öffentlechen Institutionen och e bëssen équitabel vu sech goe soll.

Wat ech nach dozou bemierken, dat ass: wann hei steet, dass et verbueden ass an en Taxi mat enger geluedener Waff eranzeklammern... gutt, wann ee mat enger geluedener Waff eraklëmmt, da kann ech mer net virstellen, dass ee verbidd, dann eranzeklammern. Mä wann een eng Waff bei sech huet, déi net gelueden ass, dat stellt een op jidde Fall net fest.

Grosso modo gesinn, ass dat Reglement hei effektiv ze begréissen an ech si frou, dass elo endlech do awer kloer Verhältnisser geschafe ginn, déi och den Taxis-entreprisen entgéint kommen.

Wat elo d'Reglement vun den Taxen ubelaangt, do sinn ech zwar net esou frou driwwer. Et ass scho richtig, dass déi éischt Autorisatioun 600.- Euro kascht...

Schäffe Felix Braz (DÉI GRÉNG): Dat sinn déi meescht.

Aly Jaerling (ADR): Dat sinn déi meescht. An déi Indépendants, déi sech elo zu enger Entreprise zesumme geschloss hunn, sinn och nach ëmmer indépendant, a si bezuele 600.- Euro. Mä déi, déi hei penaliséiert gi mat dësem System, sinn déi Taxi-Entreprisen, déi Leit beschäftegen, déi Aarbechtsplaze schafen. Dat heescht, do ass eng Entreprise, déi da fir 10 Autorisatiounen 900.- Euro bezuele muss, wou hingegen déi aner, déi och zesumme geschloss sinn, zesumme schafen, zesummen d'Fraise sech deelen, déi kréie se fir 600.- Euro. An eng Entreprise, déi Aarbechtsplaze schaaft, gëtt penaliséiert, well déi mussen 900.- Euro bezuelen.

Ech géif éischer soen, dass et just de Contraire misst sinn. An där Form, wéi dat elo hei ass, kann ech net domat d'accord sinn. Ech war virun net mat deenen 900.- Euro d'accord, well ech gesot hunn: „Mir sinn déi deierst.“ Domat wollt ech net soen, dass elo keen dierft deen Deierste sinn, mä dass mer am Verhältnis

zu deenen aneren awer relativ héich lounen. An dass dat besonnesch alt erëm deenen Entreprisen, déi Aarbechtsplaze schafen, méi eng grouss Laascht operlueet, wéi an anere Gemengen.

An hei läit d'Welt op der Kopp fir mech. Ech muss einfach soen, dass een hei just deenen Entreprisen hätt missten entgéint kommen, déi Aarbechtsplaze schafen, sou dass do souguer nach Méiglechkeete sinn, fir weider Aarbechtsplazen ze schafen an dass een och fir déi déi Autorisatioun op 600.- Euro loosse soll. Och wann elo behaupt gëtt, virun hätte se déi gepackt. Ma si hunn et misste packen. Si hunn et misste packen, aus där einfacher Ursaach, well se keng aner Wiel haten. Et ass jo elo net esou, dass se déi fräiwéileg ginn hunn.

Ech mengen, et ass en Taxereglement do, an do gëtt gesot: „Du muss 900.- Euro d'Joer bezuele fir deng Plaz, soss hues de se net méi, soss fiers de net méi.“ Dat heescht, si hunn et misste packen. Fir deenen Entreprisen, déi Leit beschäftegen, Salarié beschäftegen, fir um Taxi ze fieren, entgéint ze kommen, stellen ech formal den Antrag, dass do 600.- Euro misst fir all Autorisatioun gëllen. Dass et also en eenheetleche Präis ass. An dësem Fall kann ech dat Taxereglement do net stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Si soss keng Wuertmeldunge méi do? Ech mengen, den Här Braz brauch och net laang dorop ze äntwerten. Et ass alles gesot. Au Vote!

Conseillers présents:

M. BRAZ – MME BECKER – M. CODELLO – MME HANNEN – MM. HINTERSCHIED – HOFFMANN – JAEHLING – KNAFF – MAROLDT – MME MUTSCH – M. ROLLER – MME SPAUTZ – MM. TONNAR – WOHLFARTH

Le conseil communal arrête à l'unanimité le règlement communal concernant le service de taxi.

Conseillers présents:

M. BRAZ – MME BECKER – M. CODELLO – MME HANNEN – MM. HINTERSCHIED – HOFFMANN – JAEHLING – KNAFF –

commun. Mais ce certificat ne permet pas de savoir si les entreprises paient les cotisations. M. Jaerling craint que certaines entreprises ne profitent de cette faille.

En revanche, l'orateur juge positivement le fait que les emplacements et les autorisations soient exclusivement distribués pour les employés à plein-temps. En effet, il constate qu'à côté des employés à mi-temps ou moins, il y a des chauffeurs qui travaillent au noir. Selon M. Jaerling, il est nécessaire de régler ce problème, car il entrevoit la possibilité de créer des postes de travail supplémentaires. C'est pourquoi il faudrait que l'Inspection du travail intervienne.

Le point suivant concerne l'interdiction de monter dans un taxi avec une arme chargée. M. Jaerling constate que le règlement n'est pas suffisamment clair, car il ne précise pas si l'on a le droit de monter dans un taxi avec une arme non chargée.

L'orateur explique qu'en gros il trouve le règlement communal satisfaisant car il est plus transparent que le précédent. Qui plus est, il offre certains avantages aux entreprises de taxis.

En revanche, M. Jaerling n'est pas du tout d'accord avec le règlement-taxi. Certes, il salue le fait qu'une première autorisation ne coûte plus que 600.- euros.

Félix Braz (Déi Gréng) lui fait remarquer que la plupart des demandes concernent une première autorisation.

Aly Jaerling (Indépendant) répond qu'il est au courant. En effet, même les indépendants qui s'unissent à d'autres indépendants pour créer une entreprise ne devront plus payer que 600.- euros. Mais le nouveau règlement pénalise excessivement les entreprises plus importantes. Or ce sont justement celles qui créent de nouveaux postes de travail. M. Jaerling trouve injuste qu'une entreprise avec, par exemple, 10 employés doive payer 900.- euros par autorisation, alors que des indépendants qui s'unissent, collaborent et partagent les frais ne paient que 600.- euros.

L'orateur ajoute que l'ancien règlement-taxé n'était pas satisfaisant car les 900.- euros demandés par autorisation étaient excessifs. M. Jaerling se rend bien compte qu'il faut qu'il y ait une commune plus chère que les autres, mais la différence entre la taxe à Esch et la taxe dans les autres communes était exagérée et pénalisait particulièrement les entreprises qui créent du travail. Mais il estime que malheureusement, le règlement-taxé actuel est pire encore. En effet, au lieu de finalement soutenir les entreprises avec de nombreux employés, la commune les pénalise davantage encore. Qui plus est, l'argument qui consiste à dire que si ces entreprises pouvaient se permettre de payer 900.- euros, elles peuvent continuer à la faire est erroné. En effet, ces entreprises n'ont simplement pas le choix. Soit elles paient 900.- euros, soit elles n'obtiennent pas d'autorisation. C'est pourquoi M. Jaerling demande formellement au conseil échevinal d'uniformiser la taxe à 600.- euros. Mais l'orateur annonce qu'il votera contre le règlement-taxé dans sa forme actuelle.

Lydia Mutsch (LSAP) estime que M. Braz n'a pas besoin de répondre à ces questions car tout a déjà été dit. Elle demande aux conseillers de voter.

(Vote)
Mme Mutsch passe ensuite au point 7 de l'ordre du jour, les questions de personnel. Elle donne la parole à M. Hinterscheid.

Point 7: Questions de personnel; décision

Henri Hinterscheid (LSAP) débute par les créations de poste. Il propose tout d'abord la création d'un poste de fonctionnaire dans la carrière de l'expéditionnaire administratif à la bibliothèque. Un poste s'est en effet libéré suite à un départ en retraite. On a alors passé une annonce pour le recrutement d'un employé dans la carrière B1. Mais les candidats n'ont pas correspondu au profil recherché. C'est pourquoi il est désormais nécessaire de créer un poste dans la carrière d'expéditionnaire, ce qui correspond d'ailleurs

MAROLDT – MME MUTSCH – M. ROLLER – MME SPAUTZ – MM. TONNAR – WOHLFARTH

Le conseil communal arrête par 13 voix oui et 1 voix non le règlement-taxé concernant le service de taxi.

Ont voté oui : Madame la Bourgmestre Mutsch, les échevins Braz, Hinterscheid, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Becker, Codello, Hannen, Hoffmann, Knaff, Maroldt, Roller et Wohlfarth. Le conseiller Jaerling a voté non.

Sou, mir kéimen da bei Punkt 7, Questions de personnel. Do geet d'Wuert un de Personalschaffen, den Här Hinterscheid.

Punkt 7: Questions de personnel; décision

Schaffen Henri Hinterscheid (LSAP):

Mer hunn der net ganz vill. Als éischt hu mer eng Création de poste vun engem Expéditionnaire administratif an der Bibliothéik. Et ass eng Damm a Pensioun gaange gewiescht. Do hate mer fir d'éischt eng Qualifikatioun Employé B1 ausgeschriwwen. De Chef vun der Bibliothéik hat awer schonn dee Moment gefrot, fir méi eng héich Qualifikatioun ze kréien. Wéi mer d'Ausschreibung fäerdeg haten, hate mer gesinn, dass eigentlech déi Kandidaten alleguer deem Profil net onbedéngt entsprach hunn, wéi mer eis et virgestallt hunn.

Esou dass de Schafferot décidéiert huet, déi Ausschreibung do ze annulléieren an dann dem Gemengerot ze proposéieren, en Upgrade – genau esou wéi de Chef vun der Bibliothéik et gefrot huet – vun enger Carrière B1 op d'Carrière vun engem Expéditionnaire administratif ze maachen.

Déi natierlech och op ass. Dat gëtt bei der interner Ausschreibung och opgemaach fir Leit, déi net onbedéngt an de Fonctionariat erakommen an dann hir Kandidatur stelle kënnen. Et ass awer eng Konditioun dru liéiert. Dat ass eng kleng Reorganisatioun vun der Bibliothéik. An zwar an deem Sënn, dass mer den Transfert vun den historeschen Archivë vun der Gemeng an d'Bibliothéik maache wëllen. Déi sinn de Moment am Service des sports e bëssen accessoresch matorgani-

séiert. Obwuel et Service des sports, jumelage et archives heescht... mä den Archivage ass awer dat, wat e bëssen han-nenera kënnt. An dofir menge mer, dass déi historesch Archivë besser an der Bibliothéik opgehuewe wäeren.

An deem Sënn géinge mer lech proposéieren, der Création de poste do zouzestëmmen. Natierlech huet dat och als Corollaire, dass deen anere Posten domat suppriméiert ass.

Den nächste Punkt ass d'Créatioun vun engem Poste d'employé an der Carrière D à temps partiel vu 50% am Sekretariat. Den neien Titulaire soll am Sekretariat en Horaire d'après-midi maachen, an enger Plage déi sech tëschent 13 an 18 Auer beweegt. Firwat dat? Well d'Situation actuelle ass déi, dass mer am Sekretariat vum Schafferot eng Employée D à 100% haten an eng Redaktesch à 100%. Déi zwou Persounen hunn eng Reduktioun vun hirer Tâche gefrot op 75% – op där enger Säit ass dat jo richtig ausgedréckt: 75% Tâche, op där anerer Säit 30/40tel. Mä dat huet als Konsequenz, dass zwou Volttâchen elo vun annerhalfe Tâche besat sinn.

Well bei deenen zwou Persounen awer och eng Problematik vun Encadrement vun hire klenge Kanner am schoufflichtegen Alter besteet, proposéiere mer, dass déi nei anzestellend Persoun dann en Horaire d'après-midi schafft a soumat och do all Dag bis owes eng Couverture garantiéiert ass. Dat ass eng Praxis, déi vläicht nach e bëssen onüblech ass hei op der Gemeng, mä déi awer an all anere Betrib gang und gäbe ass. An et gëtt sécher och Leit, déi dat ganz gutt arrangéiert. Also d'Morgenmuffelen – an där gëtt et der méi op der Welt – déi arrangéiert dat à la limite ganz gutt, fir nëmme vun 13 bis 17 Auer ze schaffen. Dat sinn d'Créations de poste.

Dann d'Nomination provisoire. Mir proposéieren an dem Service industriel den Här Marc Wieland op e Poste vun Artisan fonctionnaire ze setzen. Dee Posten ass doduerch fräi ginn, dass den Här Romain Gross nom Départ vun Här – ech weess elo den Numm net méi ausweneg – an d'Pensioun, an dat hu mer d'leschte Kéier gestëmmt, elo Chef vum Éclairage public ginn ass. Doduerch ass dee Poste vun Artisan ënnen drënner fräi ginn.

Dir erënnert lech, dass mer virun enger Rei Méint e ganze Koup Artisane gestëmmt haten, wou mer eng ganz Lëscht vum Conseil de recrutement virleien haten a wou mer proposéiere géingen, erëm eng Kéier op déi Lëscht zréckzegräifen. Well de Conseil de recrutement hat déi Kandidate jo wierklech ganz am Detail analyséiert. An den Här Marc Wieland, war een, deen als leschten an der Rei stoung, awer net onbedéngt de leschten am Ranking vun de Kompetenze war. A mer proposéieren, deen dann och ze stëmmen elo.

Dann hu mer an de Questions personnel employés eng Modification de contrat de travail. An zwar vum Här Mauro Cozzi, deen elo an eisem Foyer de nuit gëwiescht ass. Deen huet e Contrat à durée déterminée vum 1. Abrëll 2006 bis 31. Dezember 2006. An deen huet elo eng Réduction de tâche gefrot vum 1. Juni un – dat heescht eigentlech vu gëschter un, och wann hei elo den 1. Juli steet, dat ass eng Erreur de frappe – fir den Degré d'occupation an deem Contrat à durée déterminée elo op 30/40tel erofzesetzen. A mer proposéieren dann och, fir dee Contrat à durée déterminée vu 6 Méint fir 30/40tel den Här Michael Zaccaria anzestellen, deen och déi Qualifikatioun erfëllt, déi do gefuerdert ass. Déi zwee Kandidate ginn no den Dispositiounen vum Kollektivvertrag vun den Employés du secteur d'aide et de soins du secteur social agestallt. Also am Fachjargon: den SAS-Vertrag.

Den drëtten Punkt dann, och hei ass et en Engagement à durée déterminée fir zwee Joer vun engem Édicateur gradué fir d'Besoinen vun der Ganzdaagsschoul. Déi war nach net nom SAS-Vertrag ausgeschriwwen, deen mer jo erëischt an der leschter Sitzung gestëmmt hunn, esou dass dat e bëssen en anere Régime gëtt. Den neien Degré d'occupation ass 40/40tel. An do hutt Dir de Rapport vum Conseil de recrutement virleien. Ech wëll do och extra ervirhiewen, dass de Ressortschäfte ganz vill Zäit dran investéiert huet a wéivill Deeg a Mëtteger do souz, fir selwer an deem Conseil de recrutement ze assistéieren. Dat beweist och, wéi wichteg him deen Dossier ass.

Finalemment sinn et dräi Kandidaten, déi sech erausgeschield hunn aus deene ganzen Interrogatoiren. Deen éischte Kandidat, den Här Cardarelli, huet gesot,

dass hien net disposéiert ass e Contrat à durée déterminée ze huelen. Domat huet dee sech auto-éliminéiert. Da bleiwen nach den Här Yann Goerres an d'Madame Ilona Gommès.

Ech géing lech proposéieren, dass Dir d'Konklusioun vum Avis vum Conseil de recrutement ganz opmierksam liest. Dee seet dann och, dass een der Égalité des chances tëschent de Geschlechter soll Rechnung droen. Mir hunn an deem, wat de Corps enseignant ugeet, eng ganz staark weiblech Komponent. Esou dass dann elo net méi vill bleift an dass de Gemengerot dann en âme et conscience, en Fonction vum Rapport vum Conseil de recrutement, stëmme soll. Dat wär et, Här Sekretär. Ech mengen, déi kënnen mer awer net en bloc stëmmen?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Jaerling huet d'Wuert gefrot an den Här Maroldt direkt dono. An den Här Hoffmann.

Aly Jaerling (ADR): Madame Buergermeeschter, just eng Versteesdemech-Fro, wat de Punkt 3 ubelaangt. Firwat fir d'Ganzdaagsschoul e Contrat à durée déterminée vun zwee Joer? Wéi ass dat ze erklären?

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Jo, well de Moment de Projet – wéi den Här Hoffmann et och elo gesot huet – op zwee Joer limitéiert ass. Dee Moment ginn déi Édicateure vun der Éducation nationale finanzéiert an herno gëtt nach gekläert, wee se da finanzéiert, ënnert wat fir engem Régime.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Et ass nom Här Jaerling um Här Maroldt an dann um Här Hoffmann.

Frunnes Maroldt (CSV): Mir hunn e Problem mat dem Punkt 2. Dat heescht d'Créatioun vun engem Poste vun engem Employé am Sekretariat. Et huet ee Versteesdemech fir d'Morgenmuffel, wéi Dir sot. Ech si selwer e Morgenmuffel. Mä mer haten déi leschte Kéier am Conseil hei eng Disziplinaraffaire vun enger Persoun, déi och Problemer hat fir moies ze schaffen. Do hu mer unanime tranchéiert, mer kéinten dat net a Considéatioun huelen.

Elo stelle mer een an, dee schaffe komme soll, wann déi aner ebe keng Loscht hu schaffen ze kommen. Au départ fan-

aux souhaits du chef de la bibliothèque.

M. Hinterscheid ajoute qu'une réorganisation de la bibliothèque est prévue. En effet, les archives historiques se trouvent actuellement au service des Sports de la commune. Or on a estimé nécessaire de leur trouver un emplacement plus adéquat. C'est pourquoi, elles seront transférées à la bibliothèque.

M. Hinterscheid passe ensuite à la création d'un poste d'employé à mi-temps dans la carrière D au secrétariat du conseil échevinal. Le nouveau titulaire devra travailler l'après-midi, de 13h à 17h. En effet, une employée et une rédactrice travaillant actuellement au secrétariat ont demandé une réduction de leur tâche à 75%, respectivement à 30/40e. Elles ont des enfants en âge d'aller à l'école et souhaitent avoir plus de temps pour les encadrer. Par conséquent, ces deux employées n'occuperont plus qu'une tâche et demie. C'est pourquoi il s'avère nécessaire de recruter un employé supplémentaire à mi-temps. L'orateur estime qu'il s'agit d'une pratique rare à la commune, mais qu'elle est tout à fait courante dans de nombreuses entreprises. Par ailleurs, elle devrait satisfaire de nombreuses personnes, et notamment celles qui n'aiment pas se lever tôt le matin.

M. Hinterscheid propose ensuite la nomination de M. Wieland à un poste dans la carrière d'artisan fonctionnaire. Le poste s'est libéré suite à un départ. Il rappelle que le conseil communal a nommé toute une série d'artisans il y a quelques mois. M. Wieland se trouvait sur la liste des candidats dont leur candidature a été analysée en détail par le conseil de recrutement et il semble être tout à fait compétent.

L'orateur passe ensuite au deuxième point, les modifications de contrats. Il propose pour commencer la modification du contrat de M. Mauro Cozzi qui travaille au foyer de nuit. M. Cozzi a actuellement un contrat à durée déterminée jusqu'au 31 décembre 2006. Il a demandé une réduction de sa tâche à 30/40e à partir du 1^{er} juin. M. Hinterscheid propose également d'engager, à durée

7. Questions de personnel

déterminée, M. Michael Zaccaria pour une tâche à 30/40e. Les deux candidats seront recrutés selon les dispositions du contrat collectif des employés du secteur d'aide et de soins du secteur social, c'est-à-dire le contrat SAS.

Le dernier point concerne le recrutement à durée déterminée de 2 ans d'un éducateur gradué pour les besoins de l'école à plein temps. Le degré d'occupation est de 40/40e. M. Hinterscheid ajoute que le conseil échevinal considère ce dossier comme très important. Il explique que 3 candidats ont été retenus. Le premier, M. Cardarelli, n'est pas disposé à accepter un contrat à durée déterminée. Il reste donc M. Yann Goerres et Mme Illono Gommès. L'orateur demande que les conseillers tiennent compte des conclusions de l'avis du conseil de recrutement sur le respect de l'égalité des chances entre hommes et femmes. En effet, actuellement, le corps enseignant est formé en majorité de femmes.

Aly Jaerling (Indépendant) souhaite poser une question concernant le 3^e point. Il demande pourquoi l'éducateur doit être recruté pour une durée déterminée de 2 ans.

Henri Hinterscheid (LSAP) explique que le projet est actuellement limité à deux ans, au cours desquels le ministère de l'Éducation nationale financera les éducateurs. Ensuite, il faudra voir qui les financera.

Frunnes Maroldt (CSV) critique la création d'un poste au secrétariat. Certes, on peut avoir de la compréhension pour les lève-tard. Mais il rappelle que récemment le conseil communal a discuté d'une affaire disciplinaire concernant une personne qui avait, soi-disant, du mal à travailler le matin. Et il a été décidé à l'unanimité qu'une telle excuse ne pouvait pas être prise en considération. C'est pourquoi l'orateur s'étonne que le conseil échevinal souhaite recruter des gens pour en remplacer d'autres qui n'ont pas envie de travailler l'après-midi. Qui plus est, M. Maroldt trouve injuste qu'on veuille interdire au futur employé de

nen ech dat net korrekt, dass een iergendwéi seet: hei, deen doten ass exclu vun enger gewësser Aarbechtszäit. Wann ech weess, wéi d'Gewerkschaften, d'Syndikater funktionnéieren, da kann ech mer virstellen, dass mer do Problemer an Zukunft kréien.

Da froen ech mech, zweetens: firwat elo erëm am Sekretariat nach opstocken? Mer wëssen, dass mer hei zwee Sekretariater hunn. A wat fir ee Sekretariat kënnst en, dee vu lénks oder dee vu riets. Ech gesinn do wierklech d'Utilitéit net direkt an, an dofir wäert eis Fraktioun dat net stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Maroldt. Den Här Hoffmann an dann den Här Knaff an den Här Codello.

André Hoffmann (DÉI LÉNK): Ech hu just eng Remarque zum Punkt 1. Awer éischer eng positiv, well ech fannen dass déi historesch Archiv vum der Stad Esch e wichtege Beräich sinn. A mer wëssen alleguerten, dass de Service des sports mat deem Beräich – wann ee kuckt, wat fir aner Aufgaben datt se nach hunn – iwwerlaascht waren. Et däerf ee sech d'Fro stellen, ob wierklech d'Qualifikatioun vun engem Expéditionnaire administratif duerguet, fir en historeschen Archiv ze géréieren. Ech stëmmen awer derfir. Et ass alt ëmmerhin dat. Näischt géint d'Persoun, déi et herno gëtt. Et ass awer eng Fro vun der Qualifikatioun.

An déi aner Fro un den Här Hinterscheid: wéi ass et dann eigentlech mat der raimlecher Plaz an der Bibliothék, fir deen historeschen Archiv do besser géréieren ze kënnen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Här Hoffmann. Den Här Knaff an den Här Codello.

Pierre-Marc Knaff (DP): Madame Buergermeeschter, par rapport zu de Créations de poste, do wësst dir, datt meng Meinung nach net weider changéiert huet. Ech constatéieren, datt iwwerall, och an der grousser wäiter Welt dobaussen, reorganiséiert gëtt. A wann do reorganiséiert gëtt, dann ass dat meeschtens fir mat manner Personal déi Aarbecht ze leeschten, déi ufält. Ech gesinn hei, datt, wann Dir fäerdeg sidd mat reorganiséieren, mer da Leit weider astelle mussen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Neen!

Pierre-Marc Knaff (DP): Dat ass awer dat, wat ech doraus schléissen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Dann iert Dir lech.

Pierre-Marc Knaff (DP): Esou datt ech dat awer da relativ kuriéis fannen.

Wat deen zweete Posten ugeet, also wat d'Sekretariat ugeet, do muss ech soen, datt ech elo awer e bësse bouche bée sinn, ze gesinn, datt dee Service nach ëmmer net ausgelaascht soll sinn. Ech ka mech erënneren, datt mer an der leschter Legislatur eng privat Sekretärin agestellt hunn, fir eng Rei Saachen ze maachen. An elo schéngt do nach esou eppes Paralleles erëm ze lafen.

Et ass och, datt Dir gesot hutt, dat wär fir d'Sekretariat vum Schäfferot. Et schéngt also net dat normalt Sekretariat vun der Gemeng ze sinn. Dat heescht, dat wäert erëm fir dat politescht Sekretariat sinn, also dat, wat dozou tendéiert, Är Réélection brillamment ze assuréieren. Dat soll opgestockt ginn an net dat Secrétariat communal, wat am Fong fir jiddereen do ass. A wat fir d'Escher Bierger soll do sinn.

Ech mengen, dat huet den Här Hinterscheid jo ganz kloer gesot: „D'Sekretariat vum Schäfferot“. Mer mussen also elo wëssen, datt mer net nëmme méi e Secrétariat communal hunn, mä datt mer elo och nach e Sekretariat extra fir de Schäfferot hunn. Wou ee jo dann net derlaascht kënnst ze mengen, datt dat dann awer iergendwéi e politescht Sekretariat ass. Wat vum Steierzueler finanzéiert gëtt.

Wat natierlech och nëmme einseitig an am Sënn vum Arbeitgeber ass. Wou also déi Leit, déi net esou denken, wéi déi Leit, déi dee Moment am Schäfferot vertruede sinn, räichlech wéineg dovunner hunn. An esou wéi dat schonn net mäin Accord fonnt huet, wéi mer déi privat Sekretärin – déi hei erakomm ass – gestëmmt haten, esou fannen ech dat heiten och alt erëm e bëssen e staarkt Stéck. An ech wäert sécher net där Création de poste do bäistëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Knaff. Dann den Här Codello.

Daniel Codello (LSAP): Madame Buergermeeschter. Och mir als LSAP-Fraktioun wëlle gären zu der Création vum Poste am Sekretariat Stellung huelen. Eng éischt Bemierkung, Här Maroldt, opgestockt gëtt net. Et sinn zwou Tächen à 75%. Et sinn zwou Réductions de temps de travail gefrot ginn, wat jo normalerweis och ëmmer erlaabt gëtt. An elo gëtt eng hallef Täche dobäi geholl, sou datt mer dann herno op zwou Tächen à 100% kommen.

Mä Madame Buergermeeschter, mir hunn als LSAP-Fraktioun awer dräi Konditiounen, déi mer un e Vote positif fir déi do Création de poste hunn. Wa mer hei mat Jo sollte stëmmen, da géing ech lech elo mol soen, dass mer och schonn an der Personalkommissioun gréisser Diskussiounen dozou haten an och kee Vote unanime an der Personalkommissioun fonnt haten.

Et geet och drëm, dass mer et net ganz positiv fannen, datt mer engem neie Postulant virschreiw, dass deen nëmme mëttes ze schaffen huet.

Zweetens, wat eis och um Mo läit: et muss ee jo wëssen, datt bei Mi-tächë sech gäre majoritär weiblech Kandidate mat Kanner mellen. Dann hätte mer och erëm dee Problem, datt mer deene Leit en place elo eng Faveur maachen a wa sech nëmme Leit mat Kanner mellen, dann hätte mer dee Problem nëmme verlagert. Duerfir proposéiere mer, datt de Personalschäfte sech mam President vun der Personalkommissioun zesummesetzt, fir den Énoncé vun där Annonce do ze schreiw. An dass déi nach eng Kéier, pour avis, éier se publizéiert gëtt, an d'Personalkommissioun kënnt.

Wat d'Vertrieder vun der LSAP awer och ganz dringend fuerderen, ass – an domadder hu mer schonn de President vun der Commission de la réforme administrative beoptraagt –, dass op deem nächsten Ordre du jour vun där Kommissioun eng déifgräifend Diskussioun iwwert d'Organisatioun an eng eventuell Reorganisatioun vum Secrétariat communal steet. Ech kann lech do och scho matdeelen, dass de 27. Juni déi éischt Sitzung ass, wou de Secrétaire communal och schonn

invitéiert ass, fir hien zu där doter Thematik unzehéieren. An de 6. Juli wäerte weider Persoune gehéiert ginn. Dëst ass e Problem, wat zënter längerem besteet.

E gëtt net, duerch nei Créations de poste – och wann et keng Opstockung ass – geléist. Hei muss sech d'politesch Majoritéit endgültig mol hiner Verantwortung stellen. Mir wäerten et an der Réforme administrative maachen an en deemtsprechenden Avis un de Schäfferot ginn. Wann déi doten dräi Konditiounen also schnellstens erfëllt ginn, da kritt Dir de Vote positif vun der LSAP-Fraktioun.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Den Här Wohlfarth nach. An dann äntwert de Personalschäffen.

Everard Wohlfahrt (LSAP): Ech wëll just eng ganz kuerz Remarque maachen zu deem, wat den Här Maroldt gesot huet. Ech mengen, dat doten huet näischt mat Morgenmuffel ze dinn oder mat engem, dee moies net wëll schaffe kommen. Mir diskutéieren ëmmer esou vill hei, datt mer d'Famillje wëlle besser organiséiere kënnen. Dat doten ass par la loi autoriséiert, déi 75% a 50%. Firwat solle mer deene Leit dat net zougestoen. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci fir déi Präzisioun. Den Här Hinterscheid, w.e.gl.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Fir d'éischt géing ech op déi Fro oder déi Remarque vum Här Hoffmann äntwerten, wat d'Bibliothék ugeet. An der Bibliothék hu mer eng Qualifikatioun, déi vun der Ausbildung hier och esou eppes misst mat amorcéieren an dann de weidere Prozess suivéiere kënnen. Dat ass de Bibliothécaire selwer. Domat hu mer déi universitär Qualifikatioun, déi dofir noutwennig ass. Eng Qualifikatioun um Niveau Redakteur oder um Niveau Expéditionnaire ass net onbedéngt e vollausbildeten Archivist. Ech mengen, et ass awer méi eng Fro vu Léift a vun Approche zum Archivage, déi do ausschlaggebend ass. A mir hunn do vill Vertrauen an den Här Lutgen, dass deen dat do esou organiséiere kann.

D'technesch Léisunge fir déi Fro vun der Plaz mussen fonnt ginn. Dat hei ass elo eng Décisioun, déi geholl ass. Déi technesch Léisunge kënnen dora bestoen, dass ee déi Dokumenter déi sech digitaliséiere los-

travailler le matin. Cela risque de provoquer des problèmes avec les syndicats.

L'orateur se demande s'il n'est pas inutile de recruter davantage de secrétaires, alors que la commune d'Esch a déjà 2 secrétariats.

André Hoffmann (Déi Lénk) souhaite revenir sur le premier point. Il estime que les archives historiques de la ville d'Esch sont très importantes. Or il est évident que le service des Sports de la commune n'est pas compétent pour gérer ces archives. M. Hoffmann se demande toutefois si la qualification d'expéditionnaire administratif est suffisante pour s'occuper de la gestion d'archives historiques. Il voudrait également savoir s'il y a suffisamment de place pour les stocker.

Pierre-Marc Knaff (DP) constate que toutes les entreprises sont en train de se réorganiser dans le but de limiter le nombre d'employés. Or la commune d'Esch fait exactement le contraire.

Lydia Mutsch (LSAP) proteste.

Pierre-Marc Knaff (DP) explique qu'il ne fait que tirer les conclusions sur ce qui a été proposé.

Lydia Mutsch (LSAP) lui signale qu'il se trompe.

Pierre-Marc Knaff (DP) s'étonne de ce que le besoin en nouveau personnel au secrétariat ne soit toujours pas comblé. En effet, il rappelle qu'au cours de la dernière mandature, une 'secrétaire personnelle' a déjà été recrutée. M. Knaff ne comprend pas pourquoi il est nécessaire d'en engager une autre.

Il insiste aussi sur le fait que le futur employé ne travaillera pas au secrétariat communal, au service des habitants d'Esch, mais au secrétariat du conseil échevinal. Or il s'agit, d'après M. Knaff, d'un secrétariat politique dont Mme Mutsch se sert pour assurer sa réélection. Et il est financé par le contribuable. Tous ceux qui ont des opinions diverses de celles des conseillers échevinaux ne peuvent pas profiter de ce secrétariat.

M. Knaff annonce qu'il votera contre la création de ce poste, tout comme il a voté contre le recrutement de la secrétaire personnelle.

Daniel Codello (LSAP) souhaite prendre position au nom de la fraction du LSAP sur la création de ce poste. Tout d'abord il signale à M. Maroldt que la commune ne recrute pas davantage de personnel. Deux employées ont demandé une réduction de leur temps de travail à 75%, ce qui est leur droit. C'est pourquoi, il est nécessaire d'ajouter une demi-tâche.

M. Codello ajoute cependant que la fraction du LSAP a trois considérations à faire.

Premièrement, il rappelle à Mme Mutsch que la création de ce poste a déjà été discutée par la Commission du personnel et qu'elle n'a pas fait l'unanimité. En effet, il est injuste de forcer le nouveau postulant à travailler à des heures précises.

